



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 12.11.2021

#
maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français

4

1. Correspondance

2. Circulation

- 2.1. Modification du règlement général de la circulation – introduction de zones résidentielles dans la rue Jean-Pierre Bausch, la rue Nic Biever, la rue de la Chapelle, la rue du Château-Fort, la rue Hubert Clement, la rue Jacques Reifenberg et la rue Michel Rodange
- 2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2022

3. Finances communales

- 3.1. Approbation du 1er avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette au parc Mayrisch
- 3.2. Approbation d'une convention pour la mise à disposition de terrains attenants à la piscine en plein air
- 3.3. Approbation d'un acte de vente avec la société « Immo Recto Verso S.à r.l. »
- 3.4. Approbation des plans et devis relatifs aux travaux d'assainissement et de viabilisation générale du site de l'asile pour animaux
- 3.5. Approbation du devis remanié et d'un crédit supplémentaire pour la construction d'une structure publique au quartier « Italie »
- 3.6. Approbation de la convention initiale Pacte Logement 2.0 avec le Ministère du Logement
- 3.7. Allocation de subsides extraordinaires

4. Approbation de la convention avec le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) concernant la transformation socio-économique et foncière de Dudelange au cours des dernières décennies

5. Aménagement communal

- 5.1. Avis à donner au sujet de la proposition d'inscription de divers immeubles du site sidérurgique « Greisendall », comme monuments nationaux, en raison intérêts historiques, architecturaux et esthétiques
- 5.2. Exercice du droit de préemption sur des terrains dans la route de Luxembourg
- 5.3. Approbation de la nouvelle convention et du projet d'exécution relatifs au Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bëlleg »

6. Approbation du plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2022

7. Approbation de l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2021/2022 de l'enseignement fondamental

8. Nomination d'un délégué au comité du syndicat intercommunal pour la destruction des ordures des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen (SIDOR)

9. Commissions consultatives

- 9.1. approbation des modifications à la composition de différentes commissions consultatives
- 9.2. création du « Team Climat » et nomination de membres

10. Personnel

Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite

11. Questions au collège des bourgmestre et échevins

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 5.1 et 5.2 de l'ordre du jour), Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn (à l'exception du point numéro 3.7 de l'ordre du jour) ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Visioconférence : Monsieur Claude Martini.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre porte ainsi les informations suivantes à la connaissance des présents :

Monsieur le Premier Ministre, a, en date du 28 octobre 2021, déclaré recevable la demande du comité d'initiative du 22 octobre 2021, visant l'organisation d'un référendum sur la proposition de révision du chapitre VI. de la Constitution. Sont admis à soutenir la demande : les électeurs qui ont le droit de vote aux les élections législatives et domiciliés dans la commune. Les intéressés doivent s'inscrire sur les listes d'inscription tenues à leur disposition dans la commune pendant la période de collecte des signatures du 19 novembre 2021 au 20 décembre 2021 inclus. Pendant cette période, les lieux, jours et heures d'ouverture sont fixés comme suit : Hôtel de Ville de Dudelange – Office des citoyens (Bureau 4, rez-de-chaussée).

Heures d'ouverture : du lundi au vendredi de 7h30 à 11h30 et de 13h30 à 17h00 et les samedis de 9h30-11h30. Pour soutenir la demande d'organisation d'un référendum, l'électeur doit se rendre en personne auprès de la commune et déclarer ses nom, prénoms et adresse à l'agent communal en charge des listes d'inscription, tout en présentant obligatoirement une pièce d'identité valable.

Une lettre de la part de l'OGBL a été adressée au conseil communal au sujet de la prise de position de l'échevine Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries relative à la motion introduite par la fraction « Déi Lénk » lors de la réunion du conseil communal du 1er octobre 2021. Le collège des bourgmestre et échevins constate que dans les communes d'Esch-sur-Alzette et de Differdange, la thématique figurait également à l'ordre du jour de séances du conseil communal et que l'organisation syndicale n'est par la suite pas intervenue de la même façon. Monsieur le bourgmestre regrette la forme de cette intervention et se charge d'en référer à la présidente du syndicat.

Monsieur René Manderscheid, échevin, poursuit : Dans le cadre des actions réalisées chaque année par la Ville de Dudelange, avec son service à l'Égalité des chances, pour l'« Orange Week 2021 », campagne mondiale de sensibilisation contre la violence à l'égard des femmes et des filles, Monsieur Manderscheid remet des parapluies contextuels élaborés par le Conseil National des Femmes du Luxembourg, aux conseillers

communaux, pour souligner le soutien de la Ville relatif aux actions menées dans le cadre de l'élimination de la violence à l'égard des filles et des femmes.

Le projet communal remis dans le cadre de l'action « Seniorefrëndlech Gemengen » a été retenu. Ce projet sera réalisé dans le « Club Senior » en collaboration avec « Ensemble Quartiers Dudelange », le Lycée Nic Bieber et la maison des jeunes.

2 – CIRCULATION

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve la modification au règlement général de la circulation pour l'introduction de zones résidentielles dans la rue Jean-Pierre Bausch, la rue Nic Bieber, la rue de la Chapelle, la rue du Château-Fort, la rue Hubert Clement, la rue Jacques Reifenberg et la rue Michel Rodange ainsi que le règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2022.

3 – FINANCES

Tous les points, à l'exception du point 4 de ce chapitre sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

1. le 1er avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette au parc Mayrisch. L'avenant est conclu avec Monsieur Christophe Lequy et consiste en la prolongation du bail pour une durée de trois années à partir de 2022 et de l'exploitation de la buvette du 1er février au 30 novembre de chaque année ;
2. la convention pour la mise à disposition de terrains attenants à la piscine en plein air avec Madame Marie Zampicinini-Steffen pour une durée de 15 années. Le terrain en question est mis à disposition de la Ville pour les besoins de la piscine en plein air, plus précisément afin d'y aménager un dépôt extérieur ;
3. l'acte de vente avec la société « Immo Recto Verso S.à r.l. » pour des parcelles de terrains dans la rue Edison ;
4. avec 13 voix contre une et 5 abstentions, sont approuvés les plans et le devis estimatif établis par l'atelier d'architecture FG Architectes S. à r.l. de Dudelange en collaboration avec les bureaux des ingénieurs conseils Daedalus Engineering S. à r.l. de Hefingen et Betic sa – Ingénieurs Conseils de Dippach, chiffrant le coût global estimatif des travaux d'assainissement et de viabilisation générale des sites de l'asile pour animaux, du centre de soins pour la faune sauvage, de la société avicole, de l'école et de la maison relais Waldschoul à Dudelange à 2'751'586,43€,

honoraires et taxes compris ;

5. le devis remanié de 5'460'000,- € et le crédit supplémentaire de 1'190'000,- € pour la construction d'une structure publique au quartier « Italie » ;

6. la convention initiale Pacte Logement 2.0 avec le Ministère du Logement, en vue d'augmenter l'offre de logements abordables et durables. Le Pacte logement vise une collaboration étroite entre l'État et les communes afin de soutenir la création de logements abordables et durables au niveau communal, la mobilisation du potentiel foncier et résidentiel ainsi que l'amélioration de la qualité de vie dans tous les quartiers par un urbanisme adapté. La convention initiale confère à la Ville le droit à une participation financière aux prestations du conseiller logement tandis que la Ville s'engage en contrepartie à élaborer avec l'appui du conseiller logement un Programme d'action local logement (PAL) afin de contribuer à la réalisation des objectifs du Pacte logement ;

7. les subsides extraordinaires suivants :

- 500€ au Sportlycée pour la participation de deux élèves dudelangeois aux championnats du monde ISF de Handball, qui se dérouleront à Belgrade ;
- 291€ à l'Association Italo-Luxembourgeoise Bettembourg/Dudelange a.s.b.l. en tant que participation aux frais d'organisation des cours de langue.

4 – LISER

A l'unanimité, est approuvée, la convention avec le Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) concernant la transformation socio-économique et foncière de Dudelange au cours des dernières décennies. Le LISER développe la recherche publique luxembourgeoise autour des domaines suivants : (1) les Inégalités économiques et sociales, bien-être social et politiques publiques socio-économiques, (2) l'évaluation des politiques publiques sur les marchés du travail, (3) les relations employeurs-employés, (4) les politiques en milieu urbain et (5) la mobilité. La Ville de Dudelange, recherchant une meilleure compréhension et lecture de la transformation socio-économique et foncière de Dudelange au cours des dernières décennies, notamment en ce qui concerne des analyses qui pourraient potentiellement éclairer des phénomènes liés au logement et au foncier, requiert à cet effet la collaboration du LISER.

5 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

1. la proposition d'inscription de divers immeubles (« Verwaltungsgebäude + Sanitär- und Umkleideräume », « Blechwalzwerkhalle », « Elektrizitätszentrale », « Eingangportal ») du site sidérurgique « Greisendall », appartenant à la société Greisendahl S.A.S. de Madame la Ministre de la Culture du 13 octobre 2021, comme monument national en raison de leur intérêt historique, architectural et esthétique est approuvée avec les voix de tous les conseillers communaux ;

2. le conseil communal approuve le principe d'exercer son droit de préemption prévu par la loi modifiée du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes sur une parcelle cadastrale, d'une superficie globale de 2,14 ares, sise section B de Burange, anciennement in-

scrite au cadastre sous le numéro 156/4355, située au lieu-dit « route de Luxembourg » et de l'acquérir pour un prix de vente total de 107'000€ ;

3. avec 13 voix et 6 abstentions, est ratifiée la nouvelle convention relative au projet d'exécution du Plan d'Aménagement Particulier (PAP) « A Bëlleg ». La nouvelle convention teint ainsi compte des remarques de Madame la Ministre de l'Intérieur au sujet de la convention initiale.

6 – FORÊTS COMMUNALES

A l'unanimité, est approuvé le plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2022, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit :

Forêt soumise au régime forestier d'une contenance de 306 ha

INVESTISSEMENTS (EUR)

	Salaires	Factures	Total
Gestion durable des forêts	90 600,00	98 100,00	188 700,00
Protection de la nature	12 700,00	16 200,00	28 900,00
Sensibilisation	36 000,00	12 500,00	48 500,00
Ressources cynégétiques	1 000,00	1 000,00	2 000,00
Logistique et personnel	70 000,00	78 000,00	148 000,00
Grand total:	210 000,00	205 800,00	416 100,00

REVENUS (EUR)

	Subsides	Recettes	Total
Gestion durable des forêts		36 035,00	36 035,00
Ressources cynégétiques		3 000,00	3 000,00
Grand total:		39 035,00	39 035,00

SYNTHÈSE DES RÉCOLTES DES BOIS

	Vol sur écorce en m2		
	Grume	Trituration	Total
Hêtres	20,00	390,00	410,00
Chênes	18,00	26,00	44,00
Autres feuill.		15,00	15,00
Grand total:	38,00	431,00	469,00

7 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Unanimentement est approuvée l'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2021/2022 de l'enseignement fondamental.

8 – SIDOR

Madame Thessy Erpelding, conseillère communale du parti « Déi Lénk » est nommée déléguée de la Ville de Dudelange au comité du syndicat intercommunal pour la destruction des ordures des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen (SIDOR), en remplacement de Monsieur Jos Thill.

9 – COMMISSIONS COMMUNALES

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :

1. Modifications à la composition de différentes commissions consultatives :

Madame Lis Cloos, service de la protection de l'environnement et du développement durable de la Ville, est nommée en tant qu'experte au groupe de travail « Sustainable Urban Mobility Plan » ; Madame Françoise Kemp remplace Madame Martine Kemp en tant que membre dans la commission des jeunes ; Monsieur Joël Heyard remplace Monsieur Yves Tordy en tant que représentant des enseignants dans la commission de surveillance de l'École régionale de musique ;

2. Création du « Team Climat » et nomination de membres : La création du « Team Climat » s'inscrit dans le cadre de la loi dite « Pacte Climat 2.0 », offrant la possibilité aux communes de structurer leur politique climatique et énergétique, de réduire leurs coûts énergétiques grâce à l'amélioration de l'efficacité et de stimuler les activités économiques locales et régionales tout en profitant d'un soutien technique et financier de l'État. Le programme « european energy award (eea) » stipule que l'équipe climat, chargée de la réflexion transversale sur les enjeux énergétiques, climatiques et environnementaux est composée de représentants politiques, de l'administration communale, de la population et d'entreprises locales. Au vu de ce qui précède, le conseil communal décide de créer le « Team Climat » avec la composition suivante : 14 représentants citoyens, 5 représentants des commerces locaux, le chargé du développement des commerces et entreprises de la Ville de Dudelange (City Manager), des représentants des sociétés industrielles locales, un représentant de chaque parti politique représenté au conseil communal, 2 représentants du service écologique communal, l'échevin ayant dans ses attributions le Pacte Climat et le conseiller climat communal. Après appel à candidatures, les personnes suivantes sont nommées membres du « Team Climat » : représentants citoyens : Cynthia Noé, Edurne Kugeler, Chantal Kurdziel, Claude Gaasch, Katia Beuriot, Myriam Bentz, Marco Kowa, Astrid Modaff, Ursula Greffrath, Cédric Czaika, Marie-Alix Dalle, Claude Meisch, Eric Lehmeier, Thécla Kirsch ; chargé du développement des commerces et entreprises (City Manager) : Claude Leners ; représentants des sociétés industrielles : Olivier Vachey (Husky Injection Molding Systems S.A.), Mathieu Savoca (Ampacet Luxembourg S. à r.l.) et Vincent Lefevre (Goodyear Dunlop Tires Operations S.A.) ; représentants des

parties politiques représentées au conseil communal : Jean-Paul Gangler (CSV), Monique Heinen (Déi Gréng), Thessy Erpelding (Déi Lénk) et Martine Bodry-Kohn (LSAP) ; service écologique : Lis Cloos et Patrick Hoss ; échevin responsable Pacte Climat : René Manderscheid ; conseiller climat : Thomas Rünneburger.

10 – PERSONNEL

Le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite est approuvé.

Montres pour 20 ans de bons et loyaux services d'une valeur de 1000€ : Michèle Kayser Wenger, commissions consultatives – conseil communal, Josiane Di Bartolomeo-Ries, commissions consultatives – conseil communal, Mars Di Bartolomeo, commissions consultatives – conseil communal – bourgmestre, Joël Heyard, chargé de cours – école de musique, Frédéric Horman, chargé de cours – école de musique, Yvonne Houtsch, employée communale – bibliothèque, Steve Humbert, chargé de cours – école de musique, Linda Kolakovic, employée communale – réception, Claude Lux, employé communal – service informatique, José Antonio Marques, salarié – chef d'équipe, Freddy Michéa, chargé de cours – école de musique, Josiane Michels, aide-éducatrice, Pascale Notermans, aide-éducatrice, Malou Orazi, chargée de cours – école de musique, Nicoletta Petrella, agent de nettoyage, Luc Steffen, chargé technique, Nathalie Toschi, employée communale – SEA, Victor Yazdani, concierge, Stéphanie Maas, institutrice et Myriam Wester, institutrice.

Bon d'achat d'une valeur de 200€ aux personnes parties à la retraite en 2021 : Sylvana Bizzarri, aide-éducatrice, Luisa De La Hoz, aide-éducatrice, Liliane Fattebene, agent de nettoyage, Patrick Haas, chargé de cours – école de musique, Lucien Muller, salarié – agent polyvalent, Marie-Fernande Pétré, aide-éducatrice, Pascal Schott, salarié – chef d'équipe, Paul Steinmetz, fonctionnaire – artisan, Sonja Weydert, agent de nettoyage, Francine Zigliana, fonctionnaire – infirmière. Martine Girtgen, chargée de cours – école fondamentale, Danielle Weis, institutrice, Josy Castellano, instituteur, Patrick Schmit, instituteur et Maryse Flammang, chargée de cours – école fondamentale.

11 – QUESTIONS

Une question a été soumise au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « CSV » au sujet de l'hôpital de la Ville de Dudelange et du site de l'hôpital. Il est répondu à la question séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives à l'enseignement fondamental et au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. Fin de la séance vers 13.45 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 12.11.2021

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif proposéieren, dass mir ufänken. Ee vun eise Kolleegen suivéiert eis iwwer Visiokonferenz, de Claude Martini begréisst mir. Soss, mengen ech, wiere mir, esou vill ech weess, komplett, dofir géif ech proposéieren, dass mir ufänken. No all deene leschte Méint, wou eis Gemengerotssitzungen am Centre culturel stattfonnt hunn, hu mir gemengt, dass mir sollten an d'Gemengenhaas zeréckkommen, fir eis och op d'Normalitéit erëm anzustellen an och, wéi gesot, am Kader vum Regime vum CovidCheck des Gemengerotssitzung kënnen ofzehalen. Ënnert Korrespondenz sinn e puer Punkten. Ech wéilt hei - ech mengen et sinn e puer Kolleegen och aus dem Schäfferot, déi Punkte wäerte soen - op zwee Punkten agoen.

Éischtens hei awer d'Informatioun, Dir hutt jo matkritt dass eng Initiativ jo geholl gouf, ronderëm den 22. Oktober fir e Referendum fir den éischte Kapitel vun der Verfaassung kënnen ze organiséieren, an de Staatsminister huet déi Initiativ jo och ugeholl, Ausgangs Oktober, esou dass mir natierlech och als Gemengen, déi 102 Gemengen hei am Land, saiséiert goufe fir de Referendum kënnen ze organiséieren a fir dass e Referendum kann organiséiert ginn, brauch ee 25 000 Ënnerschrëften, an do sinn natierlech och eng Rei Informatiounen un d'Gemenge gaange fir dass si sech organiséiere kënnen fir effektiv hei dat kënnen z'organiséieren. Do ass et jo esou, dass een an de Wielerlëscht muss ageschriwwen sinn, fir d'legislativ Walen an och Lëtzebuerger sinn an och 18 Joer hunn. Mir hunn eis hei zu Diddeleng elo esou organiséiert, déi ganz Prozedur leeft jo ab dem 19. November un, bis den 20. Dezember. An et wäert esou sinn, dass d'Leit kënnen bei eis an den Office des citoyens goen, an d'Biergeramt, dat ass dann op vu méindes bis freides während deenen normalen Auerzäite vun hallwer 8 bis hallwer 12 a vun hallwer 2 bis 5 Auer. Ech mengen, dat sinn déi normal Öffnungszäiten - wéi gesot - vum Biergeramt. An natierlech ass och, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, e Samschdeg virzegesinn, esou dass mir dann och samschdes d'Gemengenhaas hei op hunn,

den Office des citoyens, vun hallwer 10 bis hallwer 12. Dat sinn am Fong da fënnf Samschdeger, wou dann och d'Leit kënnen heihinner kommen an sech androen. An et muss ee jo och perséinlech op d'Gemeng kommen, et kann een dat jo net iwwer Procuratioun maachen an et muss ee jo dann am Besëtz si vun enger Carte d'identité oder engem gültege Pass.

Da war jo och eng Kopie un de Gemengerot gaangen, respektiv an d'Korrespondenz, do hutt Dir jo e Courier vum OGBL am Kader vum SIGI an och am Kader vun der Interventioun vun eiser Schäffin Josiane Di Bartolomeo-Ries leien. Ech wéll just hei bemierken, dat eent dat ass de Fong, dat aner ass d'Form. Ech wéll just soen, par rapport zu Aussoen zum Fong, dass déi selwecht Aussoen, déi d'Madamm Di Bartolomeo-Ries hei gemaach huet, och d'Vertrieder am Büro vum SIGI zu Esch an och zu Déifferdeng gemaach hunn. Déi Vertrieder hu keen esou ee Courier kritt wat de Fong an d'Form ugeet, a wann ech kucken wéi d'Form hei artikuliert ass, wéll ech lech och just informéieren, dass ech, wat d'Form notament ugeet, och perséinlech eng Entrevue bei der Presidentin vum OGBL wäert hunn, fir eng Rei Saachen hei wat d'Form awer ugeet kloerzestellen. Well iwwer de Fong kann een diskutéieren, och gären diskutéieren, och wann Divergenze sinn, mee d'Form muss een awer wahren a menges Erachtens, als Buergermeeschter, ass déi hei net wéi gesot geuecht ginn an dat wéll ech och ganz gär mat der Presidentin vum OGBL thematiséieren.

Fir deen nächste Punkt ënnert Korrespondenz kucken ech op de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Ech wéll lech just informéieren iwwer zwou Saachen. Dat éischt ass, dass mir vum CNFL am Laf vum leschte Mount e Courier kritt hunn, vu dass dese Weekend déi national Orange Week ass, déi fënneft Editioun. Dir gesitt virun lech en orange Prabbeli an och e Faltblatt zu deem Thema. Mir hunn als Schäfferot decidéiert, vu dass mir dee Courier kritt hu vum CNFL, fir ënnert anerem och ze proposéieren, Objets solidaires kënnen ze kafen. An do hu mir eis geduecht, als Schäfferot géife mir dem Gemengerot fir deen Ulass dann deen orange Prabbeli - deen näischt mat enger CSV-Faarf ze dinn huet, zoukommen ze loossen. Et ass Äre Parapluie solidaire, dee kennt Dir da benotzen eventuell, wann Dir dann un der Marche Deel huet. An Dir fannt och virun Ärem, op Ärem Pult d'Faltblatt vun eisem Service à l'égalité des chances an Zesummenaarbecht mam Service psychosocial vun der Stad Diddeleng an der Fondation Profamilia, dee ganze Programm vum 25. November bis den 10. Dezember zum orange Wierk, zum Thema Neen zur Gewalt géint Fraen a Meedercher. Dir fannt wéi gesot all déi Informatiounen an deem Faltblatt. Avis aux amateurs.

An dann, déi zweet Matdeelung, déi ech wollt maachen, do sinn ech awer ganz houfreg drop, entgéint den Aussoen, wou d'CSV während dem Budget d'lescht Joer gemeet huet, dass d'Diddelenger Gemeng déi ee-

ler Leit vergiess huet, sinn ech da frou, dass mir un engem Concours Deel geholl hunn, deen organiséiert ginn ass vum Conseil supérieur des personnes âgées, vum Syvicol a vum Familljeministère. Do ass et drëms gaangen, d'Thema war seniorefrëndlech Gemengen. Do sollt dann all Gemeng, wa méiglech, e Projet erareeche. An d'Gemeng Diddeleng ass eng vun deene 5 Gemenge mat hirem Projet déi mat zeréckbehale ginn ass a mir hunn och dunn am Oktober elo déi Dokumentatioun iwwerreecht kritt, eise Projet Handy-Computer-Dialog ass ausgezeecht ginn als e Projet, deen et wäert war zeréckbehalen ze ginn. Ëm wat geet et do? Fir et kuerz ze maachen: Jonk Leit hëllefen eelere Leit eens ze gi mam Handy, mam Internet, mam Laptop, et ass dat eng Collaboratioun vum Club Senior mam Projet Ensemble, dem Lycée Nic Bieber an dem Jugendhaus. An dat leeft vun Oktober bis Dezember, wou déi eeler Semestere vun deene Jugendlechen an d'Matière agewise ginn. Dat ass alles am Club Senior mëttwochs, donneschdes a freides. Wéi gesot sinn ech hofreg, dass mir als Gemeng dann ausgezeecht ginn. Dat widderleet dann och déi Thees, dass mir awer keng seniorefrëndlech Gemeng sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid. Da géif ech proposéieren, dass mir op d'Circulatioun eriwuer ginn an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.



2. VERKEÏERSREGLEMENTER

2.1. Modifikatioun vum allgemenge Verkeïersreglement – Aféierung vu Wunnzonen an der Rue Jean-Pierre Bausch, der Rue Nic Bieber, der Rue de la Chapelle, der Rue du Château-Fort, der Rue Hubert Clement, der Rue Jacques Reifenberg an der Rue Michel Rodange

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Den éischte Punkt um Ordre du jour ënnert Circulatioun, Dir wësst, am Gemengerot vum 30. Abrëll dëst Joer hate mir jo zesummen decidéiert, aus der Rue Michel Rasquin eng Wunnstrooss, dat heescht eng Strooss ze maache mat maximaler Vitesse vun 20 Kilometer an der Stonn. Dat hu mir hei reglementéiert zesummen a gläichzäitig hat Dir awer och dem Schäfferot an dem Service Circulation den Optrag ginn, ze analyséieren ob et vläit nach aner Stroossen hei an Diddeleng géinge ginn, wou een direkt eng Wunnstrooss kéint draus maachen. De Service Circulation an de Chef de Service, de Pit Demuth, ass wéi ëmmer hei. Deen huet déi Analys ofgeschloss an se der Verkeïerskommissioun vum 7. Juli virgestallt gehat. Zeréckbehale gi ware follgend Stroossen: d'Rue Jean-Pierre Bausch, een Deel vun der Rue Nic Bieber, zwëscht der Rue Michel Rodange an der Rue Michel Rasquin, d'Rue de la Chapelle, d'Rue du Château Fort, d'Rue Hubert Clement, d'Rue Jacques Reifenberg an d'Rue Michel Rodange.

Nodeems mir dat wéi gesot an der Verkeïerskommissioun virgestallt a proposéiert haten, ass dann ëmmer deen nächste Schrëtt, e Preavis bei der staatlecher Verkeïerskommissioun unzefroen. Firwat? All Vitesännerung op enger Gemengestrooss muss bei hinnen ugefrot ginn. A mir hunn awer vun hinnen dunn e positiven Avis zeréckkritt fir déi dote Stroossen. An dofir géife mir lech aus deem Grond dann elo proposéieren, déi genannt Stroossen als Wunnstroossen ze reglementéieren, virun allem well dat dote Stroosse sinn, wou mir d'Reglement direkt kënnen uwenden ouni grouss baulech Mesuren ze maachen, zum Beispill wéi en Trottoir ewechzehuelen. Natierlech ëmmer eréischt wa mir et hei gestëmmt hunn, wa mir et ageschéckt hunn an d'Stad a wa mir et dann zeréckkritt hunn, da kënnen mir dat direkt ëmsetzen. Wann nach Froe sinn, ech mengen, de Pit Demuth ass hei fir op alles kënnen eng Äntwert ze ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. Si Froen, Remarken dozou?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Ech hunn elo keng Fro direkt dozou mee just eppes Klenges zum Tempo 30. An der Revue elo am Oktober, d'Revue Nummer 42, do war en Artikel iwwer Tempo 30 an den Uertschaften, Ophänker ware Bréissel a Paräis, déi dat flächendeckend gemaach hunn, an do seet den Transportminister François Bausch: "Als ich Transportminister wurde, da wurden die Regeln angepasst, früher konnte nämlich eine Gemeinde auf Staatsstraßen innerorts keine Tempo 30-Reglung einführen. An da steet an deem Artikel, ech zitieren: „Diese neue Möglichkeit habe dazu geführt, dass immer mehr Gemeinden dem Ministerium Projekte unterbreiten, um genau diese Temporeduzierung vorzunehmen". Lo hunn ech eigentlech just eng Fro dozou, well eigentlech hei ëmmer gesot ginn ass, bei de Staatsstroossen, do huet d'Gemeng näischt ze soen, an dat do géif jo eigentlech eppes anescht heeschen, ausser ech interpretéieren de Minister falsch. Voilà, dat wollt ech do just einfach nofroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt nach eppes nofroen zu den Tempo 20, also de Spillstroossen. Do war an enger Verkéierskommissioun och eng Kéier erkläert ginn, dass bei Tempo 30 géifen d'Parkplazen net agezeechent ginn a bei Tempo 20 missten d'Parkplazen awer ganz kloer definéiert ginn. Ech war elo de Moien nach kucken an d'Rue Michel Rasquin, wou jo elo Tempo 20 ass. Also do si mat wäissem Pinselstréch elo ganz kloer Parkplazen definéiert. Elo wollt ech wëssen, déi Stroossen wou mir elo hei stëmmen fir Tempo 20, ginn do och elo d'Parkplaze kloer definéiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Keng weider Froen? Dann äntwert d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, dat wat d'Madamm Erpelding seet, dat stëmmt, allerdéngs ass dat net esou einfach. Do muss ee ganz Projeten era ginn - ech mengen de Pit Demuth kann dat besser nach erklären ewéi ech - fir datt een iwwerhaupt do de Go kritt. An dat wat d'Monique Heinen gesot huet, jo dat ass esou, mir mussen och do Parkplazen anzeechnen, mee ech mengen ech ginn einfach dem Pit Demuth d'Wuert, da kann hien am Detail an och dat e bësse méi technesch erklären.

PIT DEMUTH (CHEF VUM VERKÉIERSSERVICE) : Merci Madamm Dall'Agnol, ech fänken dann emol vir un. Also, déi Tempo 30 Zon do, Staatsstroossen, ech mengen Diddeleng huet jo lo schonn eng esou eng Zon, dat ass an der Rue Dominique Lang, wou den Ufank vum Shared Space ass. Et wäert jo och elo eng zweet Tempo 30 Zon bäikommen, dat ass laanscht d'Kierch. A mir sinn och schonn um Wee fir eng drëtt Tempo 30 Zon

hei zu Diddeleng an der Staatsstrooss anzeféieren, mee do si mir grad amgaang, de Projet auszuschaffen, dat ass bei der Gaffelter Schoul. Ech mengen, dat beweist jo, dass de Ministère och elo do matt zitt an dass och Tempo 30 Zonen op de Staatsstroosse méiglech sinn, mee d'Konditiounen si ganz komplizéiert. Dat heescht, et muss entweder ganz vill Foussgängertrafick sinn, dat ass bei Schoulen de Fall, do gi jo ganz vill Kanner mat Elteren iwwer d'Strooss. Oder och den Ufank vum engem Shared Space oder enger Zone de rencontre, ech mengen, dat ass jo bei ons am Shared Space och de Fall gewiescht, dofir krute mir op deenen zwou Plazen elo mol sécher Tempo 30 Zonen accordéiert. Bei där drëtter si mir nach amgaang, dat mam Ministère auszuschaffen. Dann, fir op d'Fro vum der Madamm Heinen zeréckzekommen, Jo, och do wäerte mir an deene betraffene Stroossen - wann se sollte gestëmmt ginn - musse Parkplazen anzeechnen, fir dass kloer erkennbar ass wou ee ka parken a wou een net ka parken. Sou wéi mir et och an der Michel Rasquin Strooss gemaach hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Pit Demuth. Wa soss weider keng Froe méi sinn, da géif ech proposéieren, dass mir heiriwwer ofstëmmen. Wien ass mam Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement fir d'Dauer vum der Birenger Kiermes 2022

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo dat ass e ganz flotte Punkt. Mir hunn awer hei net ganz vill dozou ze soe gëtt, well dat ass eist normaalt Verkéiersreglement wat mir ëmmer huele fir d'Kiermes, d'Summer-Wanter-Kiermes an d'Birenger Kiermes, wou mir hoffen, datt dat d'nächst Joer och alles kann esou stattfanne wéi dat fréier mol de Fall war. A vu datt et näischt anescht ass wéi déi Jore virdrun, wéi fréier also, gëtt et vu menger Säit net allze vill dozou ze soen, mee wann Dir awer Froen dozou hutt, da si mir natierlech do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. Si Froen, Remarken dozou? Dat ass net de Fall, gesinn ech hei. Kënne mir dann iwwert dat Reglement hei ofstëmmen, wien ass do-mat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vum éischten Avenant zum Contrat de bail fir d'Locatioun vun der Buvette am Park Mayrisch

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da géife mir eriwwer goen op d'Gemegefinanzen, do hutt Dir en Avenant virleie par rapport zum Contrat de bail par rapport zu der Buvette am Park Mayrisch, wou mir Propriétaire sinn a wou den Här Lequy de Locataire ass. De Bail bis 2021 wëlle mir hei verlängere fir d'Joren 2022, 2023 an 2024. De Loyer, dee mir hei fixéieren, ass 473 Euro de Mount a wat d'Exploitation vun der Buvette ugeet, dat soll ab dem 1. Februar bis den 30. November goen, vu moies 10 bis owes 8 Auer, respektiv awer och eng Derogation op Demande bis 10 Auer. Dat changéiert net fundamental, dat eenzegt wat hei changéiert, ass dass den Exploitant vun der Buvette Demandeur war, dass ee kéint ee Mount virzéien, am initiale Contrat de bail war jo den 1. Abrëll uginn, dat géif elo virgezunn op den 1. Februar an et soll den 31. Oktober fäerdeg sinn an hei setze mir nach ee Mount dobäi bis den 30. November, wat méi Latitude gëtt fir d'Exploitation vun dëser Buvette, déi awer och e ganz flotte Lieu de rencontre ass, grad am Mayrisch Park, wann d'Wieder gutt ass, wou ganz vill Familljen do si mat hire Kanner. Ech mengen, dass dat och zu der Attraktivitéit vun eisem Mayrisch Park gehéiert.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNKE): Merci, prinzipiell fanne mir et net gutt, dass et deemools net ausgeschriwwen ginn ass, dat ass awer elo haut net wichtig. Et kann ee wierklech soen, déi Buvette fonctionéiert seriö an déi ass gutt gefouert dat ass alles Ursaach fir dat ze verlängeren. Ech wollt awer just eppes zum Loyer bemierken, och wann dat e bësse klenglech klénkt, am Kontrakt stoung 2018, 473 Euro indexéiert, säit deemools waren 2 Indexranchen, den 1. Januar an den 1. Oktober an sou dass de Loyer eigentlech elo misst 496,25 Euro sinn. Wéi gesot, ech wëll net klenglech sinn op 23-24 Euro de Mount, ech wollt et just einfach bemierkt hunn, dass en awer eigentlech erofgeet, mee mir kënnen awer natierlech dat mat stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, da géif ech proposéieren, dass mir iwwer dësen Avenant ofstëmmen, wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.2. Approbatioun vun enger Konventioun fir d'Zurverfügungstellung vun Terrainen, déi un d'oppe Schwämm ugrenzen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op deen nächste Punkt, dat ass eng Konventioun fir d'Mise à disposition vun enger Parzell, dat ass an der oppener Schwämm, et ass eng Konventioun, wou mir kréie vun der Madamm Zampicinini-Steffen aus der Stad. Si ass wéi gesot Propriétaire vun där Kadasterparzell, déi knapp zwee Meter Déift huet an hei géif eng Konventioun gemaach gi fir eng Mise à disposition vu 15 Joer, duerno géif se vu Joer zu Joer erweidert ginn. Firwat brauche mir dëst? Dat ass am Fong esou, si selwer brauch déi Parzell net méi, déi Persoun selwer mat där mir am Kontakt waren, wou och dat Deel vun hirer Parzell och elo net verkafen well dat wier och eng Option gewiescht, awer hei wier éischter d'Approche gewiescht fir eis déi zur Verfügung ze stellen an deen doten Deel kann och d'Gemeng notzen als Depot, wou effektiv eng Rei Material kann higesat ginn, als Depot extérieur. Dat ass eng Redevance annuelle vun 100 Euro, déi mir hei da froen, och eng klassesch Resiliatioun, wann eng sollt stattfannen, mee wéi gesot, si brauch déi dote Parzell net well hir Propriétéit keen Accès méi op déi Propriétéit huet, well hannen och zougemaach gouf, sou dass si eis dat zur Verfügung stellt. Dat wieren d'Erklärungen, wat dës Konventioun ugeet.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hu just eng ganz kuerz Fro: Ob op deem Terrain keng Servitude besteet, net dass dat kéint Schwieregkeete ginn. Dir sot, keen Accès méi ass do?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Neen, déi Leit, deenen dat dote gehéiert, déi hu Renovatiounsarbechte gemaach, wat hir Propriétéit an hiert Gebai ugeet, sou dass si am Fong keen Accès méi brauchen a wëllen op déi dote Parzell. Si si jo Propriétaire, do ass keng Servitude, an si stellen eis déi Parzell zur Verfügung iwwer d'Konventioun, do ass kee Problem.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Firwat hu mir grad déi Platz eraus gesicht fir en Depot ze maachen? Gëtt et iergendee Grond firwat dat op där Plaz soll sinn? An zweetens, wa mir elo op sou sou laang Zäit eng Konventioun maachen, firwat hu mir den Terrain dann net direkt kaf, wa mer dee brauchen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech hat virdru gesot, dass mir als Gemeng eng Demarche gemaach hu bei de Propriétaires fir den Terrain ze kafen an dass si net wollten, dat hat ech ugangs gesot an do gimir dann op déi Richtung vun der Konventioun wa mir d'Mise à disposition kréien.

Den Depot, dat war initial geplangt, a mir si jo schonn eng länger Zäit mat de Propriétaires amgaangen well ëmmer geplangt war fir do en Depot ze kréien. De Propriétaire selwer ass wéi gesot verstuerwen an dofir

mengen ech, dass hei an der Konventioun seng Fra, dat war vun Ufank u bei der Planung vun der Neigestaltung vun der oppener Schwämm dat dote virgesinn. Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wënschen der Madamm nach e laangt Liewen, mee mir hunn eis einfach elo gefrot, wann d'Propriétaire net méi do ass, gëtt déi Mise à disposition opgeléist oder leeft dat weider?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kllassesch wéi bei all Propriétéit ginn et jo liewen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): An da muss ee mat deenen nei verhandelen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo et ass jo net, dass wann d'Madamm stierft, dass dann dat hei ausser Kraaft trëtt, ausser et gëtt eng Resiliatioun gemaach, wéi et och an der Konventioun virgesinn ass, dat wier da mat den liewen ze klären. D'Zukunft kenne mir net, de Moment ass et esou wéi et elo ass. Soss nach weider Remarquen? Dat ass net de Fall, da stëmme mir of ass de Gemengerot mat der Konventioun averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci.

3.3. Approbatioun vun engem Verkafsakt mat der Gesellschaft "Immo Recto Verso S.à r.l "

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Deen Acte de vente schreift sech an am Kader vun der Exekutioun vum PAP Rue Edison, dee mir jo hei am Abrëll 2020 gestëmmt hunn, wou och vum Ministère de l'Intérieur approvée ginn ass a wou souwisou de Gemengerot hei wäert befaasst gi mam Projet d'exécution an och mat der Konventioun, sou dass déi zweet Etapp nom Vote vum PAP, mee fir dat ze maachen, musse mir hei de Kafakt vollzéien, wou am Fong mir als Gemeng Propriétaire sinn a verkafen un d'Gesellschaft Immo Recto Verso Sàrl, hei vertrueden ech den Här Tavares, dat ass jo och deen, wou de PAP exekutiert. Am Fong sinn et hei 57 Zentiar also 0,57 Ar, déi mir hei verkafen zum Präis vun 51 300 Euro an dat ebe fir dass déi Parzellen an d'Exekutioun vum PAP kënnen integréiert ginn dat ass och esou virgesinn am Kader vum Vott vum PAP an dat heissen ass d'Suite logique fir de Projet kënne weiderzeféieren a voilà, pour mémoire, mee dat wësst Dir well mir et am Gemengerot haten, et si jo hei véier Maison-unifamilialen, déi entstinn an där Bande wou mir de PAP jo gestëmmt hunn.

Dat heescht, wann dat heite gestëmmt gëtt, da kann och wann den Här Tavares eng Mutatioun maache mat deene Parzelle, déi e schon huet fir da kënnen déi nächst Etapp an Ugrëff ze huelen a fir dass dat dann och exekutiert ka ginn. Dat d'Erklärung zum Kaf. Sinn nach Froen dozou? Dat ass net de Fall, ass de Gemengerot dann domadder averstanen? **Dat ass unanime,** Merci.

3.4. Approbatioun vun de Pläng an den Devisen zu den allgemenge Sanéierungs- a Viabilisatiounsarbechte vum Site vum Déierenasyl

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer do hu mir eng Rei Invitéen. Hei geet et ëm d'Assainissementsarbechten, d'Reseausaarbechte ronderëm de Projet, dee mir am Gemengerot scho gestëmmt hunn, dee vum Déierenasyl, awer och doriwwer eraus. Mir sinn hei op engem Site, wou och d'Société avicole ass a wou och d'Fleggestatioun ass fir wéll Déieren. D'Gemeng ass jo Propriétaire vun allegueren deene Parzellen a fir am Fong déi dräi Projeten, déi dräi Acteuren, déi sech do um Terrain befannen, an och am Kader vum Neibau vum Asyl an och am Kader vum Neibau vun der Fleggestatioun, wou si selwer jo Bauhär sinn, mussen op dem Terrain wou der Gemeng gehéiert eng Rei Reseausaarbechte gemaach ginn.

Dofir ass hei en Devis ze stëmmen, wéi gesot, vun 2 751 586,43 Euro a fir hei dee Projet ze presentéieren, deen eng gewësse Komplexitéit huet, géif ech dann hei dem Michèle Friederici d'Wuert ginn, fir eng Rei Erklärungen ze ginn, respektiv awer och dem Bureau Betic Ingénieurs, Bureau d'études, fir eng Rei Detailler kënnen dem Gemengerot ze ginn.

MICHÈLE FRIEDERICI (FG ARCHITECTES): Moien, villmools Merci, ech wollt nach trotzdem och d'Waldschoul dobäi setzen well et war elo rezent eng Reunioun op der Plaz mat der Creos an et betrëfft net just de ganze Site Asile pour animaux mee et betrëfft och d'Waldschoul. Et geet hei net just ëm den Assainissement awer och ëm d'Mise en conformité vun deem ganzen Site, wou awer och net méi esou fonctionéiert huet, wéi e laut Gesetzeslag soll an och wou et wierklech esou wäit war, dass huet missen eng Couveuse oder iergendeen Apparat ausgestach gi fir en aneren Apparat dranzestiechen. Also, et ass net fir näischt dass do muss eppes geschéien. Ech ginn direkt d'Wuert weider, ech wollt just soen, dass mir als Architektbüro dobäi si fir dat Ganzt als Project Manager an der Hand ze hunn an do d'Coördinatioun ze maachen.

HANS-JÜRGEN SCHMIDT (DAEDALUS ENGINEERING): Hallo, mein Name ist Hans-Jürgen Schmidt vom Büro Daedalus, wir machen die Planung der ganzen Infrastrukturanlagen. Wie die Michèle Friederici scho genannt hat, es dreht sich um die komplette Aktualisierung vom Site, um die aktuelle Gesetzgebung zu gewährleisten, sprich, das System vom Kanal vom Regenwasser und Schmutzwasser zu trennen. Aktuell ist das ein System, ein Mixsystem, wo quasi nichts klar gesammelt wird, wo quasi Schmutzwasser und Regenwasser zusammenläuft im unteren Bereich, wo jetzt die Anlage der Rückhaltung geplant ist, quasi in den Wald läuft.

Zu der Planung gehört, das ist der Punkt 1, die Rue de la Forêt, ganz unten ist der bestehende Traffo, der sollte angeschlossen werden und unterhalb des neu-

en Tierasyls, da soll ein neuer Traffo gesetzt werden, das ist die Versorgung der Mittelspannung, von da aus wird der ganze Site mit Niederspannung versorgt. Das wäre die 2. neue Traffostation, die soll auch die Waldschule versorgen, das ist jetzt hinzugekommen, dadurch eine Vergrößerung des Traffos vorgesehen ist von 400 kva jetzt auf 630 kva. Eben für die Gesetzgebung ist auch verlangt, dass wir das Regenwasser gedrosselt ableiten, quasi mittels einer Rückholung, diese Rückhaltung ist unten bei 4, da kann man das sehen, das ist ein Rückhaltebecken, wo das Wasser da quasi rechts rüber abgeschlagen wird, das ist eine Drossel auf natürlichem Abfluss, also soll das gepuffert werden was schnell zum Abfluss kommt und was dann, also es darf nur abgegeben werden, was auch auf natürliche Art und Weise abläuft.

Die ganze Infrastruktur, das wäre quasi 5 Versorgungsleitungen für Niederspannung, für Fotovoltaikanlagen und mögliche Fotovoltaikanlagen, die sind noch nicht alle geplant, die Infrastruktur wird aber bereits gelegt, Erneuerung des Trinkwassernetzes, da gibt es auch Lücken, die jetzt geschlossen werden sollen und eben das ganze Schmutzwassernetz. Zum Schmutzwassernetz ist noch zu erwähnen, der obere Teil ist das Projekt von Natur und Umwelt, wo sich jeder fragt warum, da sind ja nur Volieren, aber die sollen auch gereinigt werden, damit haben wir natürlich ein Problem weil diese Volieren werden abgespritzt und die Tiere bekommen ja natürlich auch Medikamente und in diesen Abfällen, die da liegen, die da wieder weggespült werden, da habe ich dann Wasser was kontaminiert ist, was belastet ist, das kann nicht mehr der Rückhaltung zugeführt werden, das muss dann auch einer Abwasserbeseitigung zugeführt werden.

Da wir weit und breit keinen Schmutzwasserkanal haben, müssen wir das Wasser irgendwo hinbringen und zwar, das ist jetzt hier nicht beschildert, und zwar müssen wir das Wasser oberhalb von der 4 an der Spitze vom Rückhaltebecken kommt eine Abwasserpumpstation hin, die das Wasser hochfördert, ungefähr da wo die 1 ist, links im Plan Rue de la Forêt, wird das Wasser mit einer Druckleitung hochgefördert und von 1 wird es runtergefördert in die Rue de la Forêt.

Also, da muss auch ein komplettes Abwassernetz neu hergestellt werden. Eben vorgesehen sind die kompletten Anschlüsse der Infrastrukturleitungen. Das ist grob im Prinzip das, was vorgesehen ist, das ist ein Schnitt von der Schmutzwasserleitung, die Gravität und Pumpleitung, rechts ist so ein Entspannungsschacht, das von der Druckleitung quasi ins Gravitäre läuft. Schnitt durch das Rückhaltebecken, das ist ein natürliches Rückhaltebecken, wir wollen das möglichst so natürlich halten wie notwendig, also dass wir da keine technische Anlage einbringen und versuchen, hier möglichst viel Grün drum herum zu erhalten und unten die Schnitte, das sind zu viele Details. Da ist der Traffo, geplant vom Büro Betic. Wie schon gesagt, der soll dann später auch die neue Versorgung für die Waldschule gewährleisten, dadurch auch eine Vergrößerung, die erste Anlage war mit 400 kva geplant, ak-

tuell sind 630 kva geplant, damit wir die Waldschule mit anschließen können.

Ja, von der Planung her, Planung ist immer abhängig von den Genehmigungen, das ist ein Thema für sich, das ist jetzt eine Planung, die idealerweise jetzt läuft und laufen könnte, wir haben vor, es in 2 Phasen zu machen. Die Phase 1, das wären die Arbeiten für die Mittelspannung, Traffo und eben diese Abwasserleitung hochziehen bis zum Traffo. Auf dem Site selbst, das wäre denn die Phase 2, das können wir zur Zeit nicht ausführen weil uns die Genehmigungen nicht vorliegen, beziehungsweise ist die Umklassierung vom PAG noch nicht erfolgt und dadurch haben wir keine Genehmigung. Hat jemand vielleicht Fragen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, villmools Merci fir déi doten Erklärungen wat d'Reseausaarbechten uginn, also mat enger gewësener Komplexitéit méi néideg fir déi Projeten, déi op deene Parzelle stattfannen, kënnen ëmsetzen an - wéi richtig gesot gouf - kënne mir eréischt richtig lass-leeën, wann och deen neie PAG definitiv a Kraaft trëtt a mir déi ganz Prozedure virundreiwe kënnen. D'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buegermeeschter, ech hat just eng Fro: Et huet elo geheescht, et ass kee Kanal do an der Géigend fir Schmotzwaasser ofzeleeden, mee wann ech mech richtig erënneren, wéi mir Lenkeschléi gestëmmt hunn, do hate mir awer geschwat vun engem Schmotzwaasserkanal, deen do vun der Rue Madame Mayrisch de Sainte Hubert erofgeet duerch d'Wisen erof a Richtung Husky, dat si jo nëmmen 100 Meter ewech. Ass dee Kanal gemaach gi fir Lenkeschléi a firwat si mir net do dra gefuer? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buegermeeschter, ech ginn nach eemol kuerz zeréck, wann ech de Plan pluriannuel kucke vun Extension Asile pour animaux, do hate mir am Plan pluriannuel am Februar e Chiffer vu 4,85 Milliounen Euro presentéiert kritt. Beim Vote den 16. Juli war den Devis estimatif vu 5,9 Milliounen Euro festgehalen ginn an d'CSV huet sech do enthalten, éischtens well mir wuel averstane sinn, dass mir mussen an eist Déierenasyl investéieren, mee et hat eis och virgeschwieft, dass mer Vakanzeboxe fir Diddelenger Leit ubidden, dëst ass e Besoin an et hätt een och kënnen an dëse Projet integréieren, dann hätt een och de Leit no bausse kënnen déi deier Pëll vun trotz awer 6 Milliounen Euro méi schmackhaft maa-chen.

Zweetens ware mir net averstanen, well d'Participatioun vum Invest vun de Bedreiwler vum Déierenasyl net feststoung, 10% war den üblechen Taux vun der Eegeparticipatioun, zum Beispill bei de Scoutshomer, villäicht wësse mir elo scho méi wéi vill déi Leit wëlle participéieren. Elo läit hei eng Propos vun engem neien

Devis vir vun 2,8 Milliounen Euro a wéi mir d'Ennerlagen e Freideg kritt hunn, do war am Descriptif rieds vun engem Devis fir Travaux d'assainissement et de viabilisation générale du site de l'asile pour animaux à Dudelange. Mir duechten, majo bravo, do hat dann awer een net opgepasst an net all Eventualitéite beduecht, d'Asyl gëtt dann 8,7 Milliounen Euro deier, sou stoung et och am neien Devis, an an deem Dokument wat mir am Ufank vun der Woch kritt hunn, do stoung dat och ënnert dem Budgetschiffer Asile pour animaux.

Virun 3 Deeg krute mir awer elo op eemol eng nei Versioun geschéckt, do steet elo déi Zomm vun 2,7 Milliounen Euro ënnert enger komplett anerer Budgetsnummer, nämlech ënnert dem Titel "Parc Le'h - raccordements des infrastructures et réseaux pour les travaux d'extension de l'asile pour animaux de la société avicole - déi awer keen Ausbau plangt souwäit ech weess - et du Centre pour la faune sauvage. Do ass, wann een dee Budgetartikel elo nokuckt, am Budgetsdokument 20/21 stinn do eng Millioun Euro dran, do gouf eng Millioun Euro fest gehalen, hei schwätze mir elo vun 2,7 Milliounen Euro. Meng Fro ass: Wat dann elo? Schwätze mir iwwer e Budget Asile pour animaux oder schwätze mir iwwer e Budget vun der Le'h? Egal wéi ass et och wa mir de Budgetsposten huelen vun der Le'h do ass awer en Depassement vun deenen virgesinnen 1 Millioun Euro, do komme mir elo op 1,7 Milliounen Euro. Dann ass elo d'Fro: Wou kommen déi Depassementer hir? Kënne mir déi elo aleng op d'Déierenasyl setzen oder kënnt dee bei en Depassement vun deem Budgetsposte vun der Le'h?

Mir fannen, dass dat heiten e bëssen e Gewurschtels ass, en plus steet am neien Enoncé, am Ecrit hei, dass mir och d'Maison Relais Waldschoul als Beneficiaire vun der Viabilisation vum Site dobäi hunn, dat ass jo och logesch, mee dat steet awer elo zum Beispill nees net am Budgetspunkt dran. Dofir ass dat heiten e bëssen eng Inkohärenz an der ganzer Ausarbechtung vun dësem Dossier, dofir si mir net ganz schrecklech frou an dofir meng konkret Fro ass: D'Infrastruktursaarbechten an der Le'h, déi sinn op eng Millioun geschat ginn elo hu mir e Posten vun 2,7 Milliounen Euro, dat heescht en Depassement vun 1,7 Milliounen Euro. Do ass elo d'Fro, nach eemol déi Depassementer, kënnt dat op de Budgetsposten vun der Infrastruktursaarbecht vun der Le'h oder ass et just effektiv weinst dem Déierenasyl, wou mir dat maachen?

Mir kruten elo d'Explikatiounen, dass och e Besoin ass vun der Wëlldéierestatioun. Do ass natierlech och d'Fro: Dat ass en nationale Projet, wéi ass do d'Participatioun vum Staat mat deenen Aarbechten hei, wat ass do virgesinn? A mir wiere frou wann och eng méi previsibel finanziell Planung am Virfeld ubruecht wier a mir sinn eis kloer, dass d'Infrastruktursaarbechten an der Le'h wichteg a sënnvoll sinn, dat musse mir hei natierlech betounen, an en vue vun all deene Projeten, déi um Site Le'h gemaach ginn, natierlech och d'Waldschoul, den Déierenasyl an och d'Wëlldéierestatioun, mee mir hätten eis gewënscht, dass dat méi kloer an

etofféiert ausgeschafft gi wier a mir enthalten eis heibäi, net well mir d'Investitiounen an d'Infrastruktursaarbechten unzweiwelen, mee well mir awer mat der Art a Weis, wéi mat de Finanzen ëmgaange ginn ass, net zefridde sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, mir hu Froen an zwar déi Pompelaktioun fir an de Kanal an d'Rue de la Forêt, wéi kann een sech dat virstellen? Muss een do en ënnerierdescht Rouer maachen ënnert der Le'h erduerch an ass da kee Kanal bei der Waldschoul? An da meng zweet Fro: Wéini fänkt de Chantier un a wéi ass den Zougang zu deem Chantier? Mir hu jo eng Strooss, déi bei den Déierenasyl geet, do komme jo awer schwéier Maschinnen, ginn déi all duerch de Bësch oder ginn déi hannenerëm? Wéi ass dat virgesinn an wéini soll dat lassgoen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Merci och fir dass Dir fir d'Erklärunge komm sidd, ech hat eng Fro: Am Moment sinn amgaangen, all d'Materialien an d'Luucht ze goen vun 5-20%, 25% hutt Dir do schonn eng Estimatioun ob de Bau u sech wäert méi deier ginn oder ass dat nach net esou gewosst?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dofir. Weider Stellungnamen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, nach eng technesch Fro: Do ass iergendwou e Saz, dee mir opgefall ass, dass och vu Creos hir zousätzlech Ausgaben dobäi kommen, wat elo nach net chiffriert ass. Ech fannen dat elo net erëm, dat steet ganz hanne beim Exposé des motifs. Kënne mir do schonn eng Iddi kréien, wéi vill dat ongeféier gëtt an ob dat och nach eng Kéier esou e ganz décke Poste gëtt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, also hei geet et ëm 2,75 Milliounen Euro zousätzlech zu deene bal 6 Milliounen Euro, déi mir scho fir d'Asyl gestëmmt hunn. Ech muss mech an och mäi Virgänger vun déi Lenk hei leider widderhuelen an drop bestoen, dass an Zukunft Projekte vun esou enger finanzieller Envergure onbedéngt an der Finanzkommissioun sollte presentéiert ginn éier se am Gemengerot sinn. Mir kéinten dee Projet vill méi a Rou analyséieren, dee ganze Projet, an eis dann och Gedanke maachen an éischer eng méi equilibréiert Stellungnam beim Vote huelen. Mir bedauern dann och, dass dëse Projet an dräi Etappe morceléiert gëtt, an zum Vote steet, am Juli war et d'Gebai vum Déierenasyl, haut ass dann den Assainissement vum ganzen Terrain um Tour, och wann dat elo net aleng weinst der Vergréisserung vum Asyl ass, mee awer trotzdem bedéngt doduerch ass, an

da kënnt jo och nach e Käschtépunkt op eis duer, dat sinn d'Infrastrukturen an den Uschloss vu Creos. Ech weess elo net genau a wéi enger Envergure mir do leien.

Dat ass net wierklech transparent, wat dee ganze Käschtépunkt ugeet. Wa mir aleng den Total kucken, dee mir bis elo fir d'Déierenasyl hunn, also d'Gebai fir ronn 6 Milliounen Euro, plus den Assainissement, huele mir mol do d'Hallschent well et jo och fir de Rescht vum Terrain an de Gebailechkeeten ass, dann huele mir 1,38 Milliounen Euro dovunner an da si mir bei 7,38 Milliounen Euro fir d'Déierenasyl. Dës Struktur kann 60 Hënn an 100 Kazen ophuelen, also 160 Déieren, dann hu mir e Käschtépunkt vu 46 000 Euro pro Déier, dat mir kënnen ophuelen. Dat muss een sech eemol op der Zong zergoe loosson: 46 000 Euro pro Déier, dat zum groussen Deel duerch d'Onverantwortlechkeet vun de Leit en Daach iwwer dem Kapp kritt, dat gëtt da vun ëffentleche Gelder bezuelt. Ech wëll net soen, dass mir näischt solle maachen, mee et ass awer e fatzege Pak Geld. Mir mengen, dass dat vill ze deier ass an dass déi Suen oder op mannst en Deel dovunner an aner Projekte misst fléissen, zum Beispill a bezuelbare Wunnraum, mee awer villäicht och, firwat net, wat och néideg wier, an zousätzlech Structure fir Refugiéen.

Dann ass eis awer nach eppes am Budget opgefall an dat wollt ech och nofroen, hei ass de Bureau d'études, dee kritt hei 10% vun de Käschten. Dobäi ass normalerweis den übleche Prozentsaz 5% an iwwerall dobaussen, just fir e Beispill ze nennen, och beim rezente Projet vun der Gaffelter Schoul kréien dräi Bureau-d'études zesumme 15%, also dräimol 5%. Bei den Ateliere war et net erauszefannen, well de Budget net détailléiert ass, mee dat ass awer den üblechen Taux, dofir wollt ech einfach nofroen ob et dofir eng Ursaach gëtt, firwat et hei duebel esou vill ass? Mir wäerten dann och wéi scho beim Gebai virdrun dogéint stëmmen, aus deenen Ursaachen, déi ech genannt hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, da géif ech eis Vertrieeder bidden op déi méi technesch Froen anzegoen.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Jo, gudde Moien, ech hu mir hei opgeschriwwen de Kanal Lenkeschléi, do ass et esou, d'Eau-uséeën, déi ginn an d'Rue Madame Mayrisch de St. Hubert fléissen déi of vun deem neie Lotissement, awer wat Richtung Bloklapp geet dat ass reng e Ree-waasserouer, dat ass net fir d'Eau-mixten an och net fir d'Eau-uséeën an dann ass et sou, dat hu mir op engem Slide hei gesinn, firwat dat Ganzt muss gepompelt ginn, d'Maison Relais an d'Waldschoul si geografesch esou ugeluecht, dass si kënne gravitär an d'Rue de la Forêt erafléissen, d'Ofwaasser.

All déi aner dräi Sitten, dat heescht Faune Sauvage, Société Avicole an och d'Déierenasyl, déi leie méi déif, sou dass mir mussen op engem Déifpunkt eng Cuve

étanche opriichten an da vun do aus d'Eau-uséeën - an nëmmen d'Eau-uséeën - erop pompelen an de Kanal.

Da villäicht och vu menger Säit nach eng Kéier de Message, et ass villäicht net gutt gewielt, dass de Libellé esou heescht wéi en heescht, mee et ass fir déi 5 Deeler, déi mir do hunn, ginn déi Infrastrukturen gemaach, dat ass d'Waldschoul do hu mir scho Problemer an der Vergaangenheet gehat, de Stroum, den Traffo, dee mir do hunn, deen ass absolut op der Limit, mir haten déi eng oder aner Interventioun an alles wat elo bäikënnt a wat moderniséiert gëtt, wéi elo déi Pompelen, wou mir musse bedreiwe fir d'Eau-uséeën eropzekeréien, dat kascht erëm Energie an dat kréie mir net hi wa mir den Traffo net wiesselen, dat ass scho wichteg a mir kommen do net dolaanscht. Dann, vun den Dapasementen, do ass et esou, am Budget war 1 Millioun Euro agesat ginn, déi hate mir Pi mol Handgelenk gerechent fir eppes ze hu fir dëst Joer kënnen un ze fänke mam Bureau d'études zesummen, dat war an 2 Phasen opgedeelt ginn, dat huet déi Ursaach wéi scho virdru gesot gouf, dass mir musse waarde bis de ganze Site ëmklasséiert ass, éier mir dierfen déi Aarbechte fir d'Eau-pluvialen ufänken, soss kréie mir keng Subside méi. Ech hunn elo an enger Stonn eng Reunioun mat der AGE, just nëmme fir déi doten Detailler nach ze klären, dass mir do net - och wann et net esou vill gëtt vu Subsiden - mee dass mir awer do an de Genoss dovunner kommen.

Bei Creos ass et esou, do sinn Aarbechten, dat ass fir de Mëttelspannungstraffo a Betrib ze huelen an dat geet och op Regie, dat heescht, wann se do méi Stonne schaffen, da gëtt et och méi deier, dofir hunn ech do keng genau Zuelen, mee wann awer dat de Wonsch ass, kann ech si uruffen, fir dass si eis dat nach eemol méi genau schécken, wuel wëssend, dass dat ëmmer schwiereg ass ze schätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wann den Här Krumlovsky mat senge Punkten duerch ass a wann den Architektbüro nach wëll op eppes agoen? Neen, hu mir déi technesch Froen all duerch?

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Ech mengen, déi technesch Saachen, déi meng Ressorten uginn, déi sinn elo duerch. Wat nach ze soe bleift zu de Prozentsätz vun de Bureau-d'études, 5% an esou, do ass alles ganz transparent laut dem OAI gemaach ginn, ech mengen de Gil sëtzt hei, dat kann hien nëmme bestätegen. Dat ass net aus der Loft gegräff.

HANS-JÜRGEN SCHMIDT (DAEDALUS ENGINEERING): Da war noch ein Punkt und zwar mit der Preissteigerung, das wurde gerade angesprochen, dass die Preise momentan auf Grund auch der steigenden Rohstoffpreise extrem nach oben gehen, also 5 bis 10% und wir haben das Devis schon dementsprechend angepasst und die Preise schon höher angesetzt, nicht dass wir da irgendwelche Zufälle haben, dass wir da mit den Preisen hantieren, die vielleicht drei, vier Jahre alt sind. Das ist schon berücksichtigt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt awer nach eemol nohake mat dem Ofwaasser wat vun der Opfänkstation do soll an d'Rue de la Forêt gepompelt ginn, do froen ech mech, wou ass dat Waasser da bis elo hikomm? A wann dat an enger Cuve gesammelt gëtt, kéint een net och villäicht eng Fosse septique maachen, dat ass och net grad d'Léisung an dann hat ech gefrot, wou soll dann.. also do muss jo dann ënert der Le'h do e Rouer gemaach gi fir an d'Rue de la Forêt ze lafen, ech ka mir dat net richteg virstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

HANS-JÜRGEN SCHMIDT (DAEDALUS ENGINEERING): Der obere Bereich, alle diese Volieren, wie wir gesagt haben, wo bleibt das Wasser, momentan kommt das erst mal im unteren Bereich wird das ebenfalls weggespült und läuft in einen Kanal, der vorhanden ist und dieser Kanal leitet das Wasser um am Tiefpunkt, das ist unten rechts, da steht keine Nummer bei, unterhalb von 4. da ist so ein Parking, an der Grenze zum Parking, zum Wald der auch schon teilweise abgeholzt ist, da ist eine Fosse septique, da läuft das Wasser rein und das wird von Zeit zu Zeit mal geleert und der Überlauf läuft quasi in den Wald, das heißt es läuft momentan das verschmutzte Wasser relativ ungeregelt ab.

So können wir das nicht lassen, so ist das auch nicht konform, das ist die Forderung der Wasserverwaltung um das einzuhalten, ein sauberes Trennsystem wo Schmutzwasser und Regenwasser klar getrennt wird. So sollte dann auch eben der obere Bereich von Natur und Umwelt sauber angeschlossen werden an das neue System, Schmutzwassersystem, was dann zur Pumpe geführt wird, wie der Herr Krumlovsky schon sagte, das ist ein Betonbecken, das wird dann gefüllt und da ist eine Steuerung drin, eine Füllstandmessung und die sagt dann „Pumpen“ oder „Nicht pumpen“ und das wird dann da rausgepumpt und das wird ungefähr bis etwas oberhalb der Waldschule gepumpt, weil, man muss sich das so vorstellen, das Ganze liegt dort wie ein Berg, der Hochpunkt ist ungefähr oberhalb der Waldschule, wo der Knick in der Rue de la Forêt ist, der ganze Site ist tiefer und ich muss das ganze Wasser ja irgendwie rüberbringen, deswegen wird es teilweise gepumpt und der Rest wird dann gravitär in das vorhandene System geleitet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir och fir déi dote Prezisiounen an Erklärung ze ginn, ech géif elo op dee politeschen Deel iwwergoen an d'Wuert weiderginn un de René Manderscheid an da géif ech selwer och op e puer Punkten agoen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hat zwar gemengt, mir hätten déi Fro an der leschter Sëtzung gekläert, wéi mer den Devis gestëmmt hu fir den Déierenasyl, wat d'Participatioun ugeet vum SPA,

do hat ech ganz kloer geäntwert, mee ech maachen et souguer gären nach eemol a ginn esouguer Prezisiounen dozou. Mir schwätzen hei vum SPA, dat ass eng ASBL, déi als ONG betruecht gëtt an déi liewe just vun den Donen a vun den Adoptiounen an vu privaten Donatiounen. Dovunner müssen déi liewen an dovunner muss och d'Gestioun vun hinne gemaach ginn an hir Fraisen déi hunn am Joer plus minus 30 000 Euro fir d'lesse fir d'Déieren, plus déi 80 000 Euro Ausgabe fir Veterinaireskäschten an si hu Salaireskäschte fir 7 Leit déi se fest agestellt hunn, plus minus 235 000 Euro an 32 Benevollen, déi hëllefen, dass do dat Déierenasyl kann esou lafen. Mir als Gemeng iwwerhuele Gas, Elektresch, Waasser a Kanalisatioun, dat bezuele mir, si kréien net reegelméisseg finanzielle Support vum Staat, dat well ech ënnersträichen, si kréien hei an do mol eppes mee net reegelméisseg, si müssen also liewe mat den Donen an de privaten Donatiounen an den Adoptiounen, domat müssen si iwwer d'Bün kommen. Si hunn total Ausgabe vun 350 000 - 400 000 Euro, wou si all Joer ausgi fir dass dee Betrib esou gutt rullt wéi mer dat kennen. Ech hat déi lescht Kéier gesot gehat, an si hunn eis dat och zoukomme gelooss, hire Bäitrag zum Déierenasyl ass éischter bescheiden, fir net ze soen esouguer symbolesch.

Eng Zäit ass geschwat ginn, si hätten eng lerschaft en vue, dat ass richteg, mee déi lerschaft ass nach net esou en vue, vu dass déi Leit, déi dat iergendwa verierwen awer nach um Liewe sinn an et ass wéi d'Monique Heinen seet, mir wënschen deene Leit nach e laangt Liewen, mee wéi gesot, dat Haus, wou si eis "an d'Fenster gesat hunn", wou si kéinten huelen als Support, wéi gesot, mir wënschen deene Leit e laangt Liewen an sou laang musse mir als Gemeng an als Bauhär do d'Staang riicht halen. A wéi gesot, hire Bäitrag wäert symbolesch sinn, si kënnen eis kee Chiffer soen, mee mä Gefill seet mir, mir hunn lech de Montant jo gesot, an dat wat si nach en vue hunn, dann ass dat e Bäitrag vun 10-30 000 Euro an dat rett eis net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Wat nach bäizefügen ass, dass se eis bekräftegt hunn an datt si probéieren esou wäit wéi méiglech zu deem heite Projet bäizedroen am Kader vun de finanzielle Moyenen, déi se hunn, an de René Manderscheid ass jo elo ausgieg drop agaangen op de Kader, an deem se sech beweegen als ASBL. Dëst gesot ginn ech op nach aner politesch Consecratiounen an. Madamm Erpelding? Ech sinn zwar nach an der Stellungnam, mee bon, da stellt Är Fro, iergendwann musse mir och ofschléissen, soss maache mir all Kéier d'Diskussioun erëm op, mir kommen och gären zum Ofschloss an zum Vote, vun der Prozedur hir soss gëtt et, dofir dréine mir jo d'Ronn zesummen, dass jiddweree seng Froe ka stellen, mir huelen eng Stellungnam als Schäfferot an da gi mir zum Vote iwwer, soss féiere mir déi Diskussiounen onendlech weider a mir müssen den Timing awer anhalen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech verstinn dat, ech hat mech och virdru gemellt et hat just kee mech gekuckt. Ech wollt just nach eemol ganz kuerz

nohaken well ech net ganz zefridde si mat der Äntwert, ech hu jo keng Ennerstellung gemaach a wann ech gesot kréien, et ass ofgeschwat an et ass net aus der Loft gegraff, déi 10%, ech hunn net behaapt et wier aus der Loft gegraff ech wollt just froen ob et eng Ursaach gëtt firwat et duebel esou vill ass wéi dat normalerweis üblech ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ok Merci, da géif ech villäicht op déi Punkten iwwer goen virun allem wat d'Madamm Kayser sot, wéi awer och d'Madamm Erpelding. Et ass richtig, dass mir wéi mer de Projet erausgeschéckt hu vun der Deliberatioun an och vun den Artikelen, dass mir effektiv gemierkt hunn, dass eis do e Feeler ennerlaf ass, dofir hu mir do eng Deliberatioun gemaach, souwuel d'Deliberatioun adaptéiert wéi och de Budgetsartikel, dat ass kloer, dofir hu mir och esou schnell wéi méiglech de Rectificatif erausgeschéckt fir dass de Gemengerot en connaissance de cause haut de Moien déi néideg Rektifikatioun kann hunn. Par rapport zu den Ausföerungen, wat d'Käschten ugeet, et muss ee jo awer ennerscheeden, Dir sidd jo awer scho méi laang hei am Gemengerot, dat eent ass wat een op de Budget aschreift an dat anert ass den Devis, dee mir hei stëmmen.

Den Devis, dee mir stëmmen, vu ronn 2,8 Milliounen Euro, wat déi Infrastruktursaarbechten uginnt, ass jo den Aval politique fir kënnen e Projet ëmzesetzen an dee fënn Nidderschrëft an engem zweeten oder drëtten Budgetsjoer, dofir hu mir 2021 1 Millioun Euro virgesinn a fir 2022 och e Montant virgesinn, dat ass déi klasesch Approche an och net den 1. Projet wou mir hei eng Enveloppe budgétaire stëmmen fir de ganze Projet, deen duerno op een, zwee oder dräi Budgetsjore verdeelt gëtt. An där Logik bleiwe mir hei. Dat war par rapport zu der Madamm Kayser, dann zu der Madamm Erpelding: Dir sot, et hätt ee kéinte méi transparent virgoen. Ech weess net wéi een hei nach soll méi transparent virgoe wéi mat deenen Dokumenter, déi mir lech zur Verfügung gestallt hunn, mat den Erklärungen, déi Dir de Moien och nach kritt hutt vum Architekturbureau, vum Bureau d'études, vun eise Servicer.

Ech mengen, dass hei alles virläit fir sech kënnen eng Meinung ze maachen iwwer d'Envergure an d'Komplexitéit vun dësem Projet. D'Envergure kann een ëmmer anescht veranschlagen, mee ech mengen net, dass een hei soll an eng Situatioun kommen, wou ee Prioritéiten ausspilt. Hei op alle Fall sti mir zu deem Aménagement an dat war och an der Schäfferotserklärung, dass mir op den Wee wëlle goe fir d'Déierenasyl kënnen ze moderniséieren an d'Schäfferotserklärung ass déi politesch Marschroute, déi mir eis ginn hunn an déi setze mir hei duerch. Dat zu deene dote Punkten. Eng nei Fro?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen, just eng kuerz Remarque: Dir sot, ech hunn dat och scho verstanen, dass et iwwer e puer Jore geet, mee déi 2,7 Milliounen Euro, dat ass jo dann net dee ganze Chiffer a

wéi grad gesot ginn ass, mir hu Pi mol Handgelenk-Berechnunge gemaach wéi fréier, plus kënnt dat vu Creos dobäi an et steet do Pose du gas et des câblages généraux, déi kommen och dobäi an am PPF kann ech mech net erënneren, deen heite Posten ass also net explizit iwwer e puer Joer opgedeelt dran, well normalerweis ass alles wat iwwer 1 Millioun Euro geet, dat steet do dran, ausser ech misst et iwwersinn hunn. Meng Fro ass: Wéi vill musse mir dann elo awer global rechnen? Well déi 2,7 Milliounen Euro, déi mir hei als Devis stëmmen, dat geet jo definitiv net duer.

Wann Dir sot, et geet iwwer e puer Joer, well mir hu jo aner Stroossen an Infrastrukturen, do steet e ganze Chiffer dran an dee gëtt dann op 3 Joer opgedeelt. Dat ass jo kloer, dass dat net an engem Budgetsjoer gemaach ka ginn, mee wann hei schon esou kloer dra steet, dass nach Creos dobäi kënnt an dass de Gas an de Câblage nach dobäi kennt, da ginn déi 2,7 Milliounen Euro jo never ever duer. Dofir si mir onzefridden, dass dat bëssen op eng Pi mol Handgelenk Berechnung gemaach ginn ass, sou stelle mir eis dat net vir. Ech wollt et nach eemol soen, mir si wierklech net zefridden, wéi hei dee Chiffer ausgewielt ginn ass a wéi e presentéiert ginn ass. Voilà, dat war just d'Parenthèse.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, den Här Krumlovsky ka villäicht drop agoen.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG):

Ech hu mech villäicht schlecht ausgedréckt, also, et ass esou, déi Millioun, dat ass Pi mol Handgelenk awer deen Devis, dee virläit, dat ass en Total, do ass alles dran, do ass Creos dran, do ass alles dran, wat muss geännert ginn, dat heescht am Prinzip, ausser et weess een net wat virkënnt, ass den Devis do gültig bis de Projet fäerdeg ass. Deen Devis hei, do hu mir alles gekuckt fir mat de Reserven eens ze gi fir de Projet do kënnen ze realisieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir stëmmen hei den Devis fir déi ganz Aarbechten a wéi mol aner Situatiounen waren, wann den Devis effektiv en Imprevu ass oder eppes dotëschent kënnt, da muss eppes nei gestëmmt ginn a mir mussen an de Gemengerot zeréckkommen, mee mir ginn hei dovunner aus, dass den Devis, dee mir hei stëmmen, duergeet fir déi Aarbechten ze maachen, déi am Kader vum Devis virgesi sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Firwat steet dann dee Saz hei an dëser ganzer Opzielung? Wou mir op déi 2,7 Milliounen Euro kommen, steet ënnendrenner Positioun Sait 2; Viabilisation générale Natur an Ëmwelt, Déierenasyl Diddeleng, Positions particulières non incluses, La répartition des coûts ne comprend ni les travaux de raccordement nécessaires au réseau moyenne tension réalisé par Creos et son matériel, câblage, électrique divers, ni le matériel de tuyauterie nécessaire à cause du gas et les câblages généraux. Also kënnt jo eppes dobäi, soss géif dat net do stoen, Positions particulières non incluses, no deem ganze Chiffer, no der ganzer Opzielung, wou do ass.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DID-DELENG): Dee Saz steet do, dat ass wéi ech virdru gesot hunn, dee Montant vun der Creos, do wësse mir plus minus wat et kascht, mee mir wëssen net wéi vill Stonnen do geschafft gëtt, dofir setze mir dat dobäi. Mee dee ganzen Devis ass awer esou opgebaut, dat si Schätzwärter an Erfahrungswärter, deen ass esou opgebaut, dass dat dote misst duergoe fir dee ganze Projet fäerdegzemaachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Do steet och sans matériel da kéint et méi deier ginn ouni dass mir do eppes müssen norechnen, ni le matériel de tuyauterie, ni le matériel de câblage électrique, dat ass jo awer net ganz kloer, dat mat de Regiestonnen ass jo eng Saach, mee dat anert ass jo awer eppes wat ee kann awer faassen.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DID-DELENG): Et ass och esou, dass och de Câblage do hu mir a leschter Zäit Problemer gehat mir hunn elo op anere Sitte kee Kofferkabel geholl well mir kee méi zur Verfügung kruten, well d'Präisser fortlafen, well och do et schwéier ass fir eng genau Schätzung ze maachen. Mir hoffen, dass et esou wéi mat dem Devis ass, dat muss d'Strooss halen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Erklärungen, ech proposéieren, dass mir zum Vote géifen iwwergoe mat dësem Devis vu ronn 2,8 Milliounen Euro. **Wien hei am Gemengerot ass mam Devis averstanen? Dat si Stëmme vun de Gréngen, vun der LSAP an dem Onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass CSV. Wien ass dogéint? Dat sinn déi Lénk.** Merci.

3.5. Approbatioun vum ofgeännerten Devis a vun engem zousätzleche Kredit fir de Bau vun enger ëffentlecher Struktur am Quartier "Italien"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mir op den nächste Punkt iwwer ginn, do geet et ëm eis Crèche am Quartier Italien do war et esou dass mir hei en Devis gestëmmt hate vu ronn 4 270 000,00 Euro den 18. November 2016. Et ass viraussichtlech geplangt, dass déi Crèche eréischt am Quartier Italien ufanks 2022 opgeet. Elo ass et esou, dass mir hei den Devis remanié virleien hu vu ronn 5 460 000,00 Euro, also e Plus vun 1 190 000 Euro, a fir lech déi néideg Erklärungen ze ginn, begréissen ech d'Madamm Glock aus dem Architektbüro, déi eis hei eng Presentatioun mécht an och op déi verschidde Punkten ageet, déi zu där Erhéijung gefouert hunn. Ech ginn lech d'Wuert Madamm Glock.

GLOCK NADINE (ARCHITEKTEBÜRO): Gudde Moien, Merci, also ech erklären am Fong a méi groussen Zich, sou wéi Dir och déi méi grouss Montanten vun deene verschiddene Loten, wou déi Supplementen hierkommen, wou dann och all Kéier nach e puer méi kleng Montanten, respektiv méi Erklärungen hannendru sinn, fir da méi e grouss Chiffer ze erklären. Wa mir

ufänke mat dem Budget voté, dee mir 2016 haten, wa mir do d'Indexen huelen an déi calculéieren, maachen déi schonn 372 621 Euro aus. Wa mir dat dann esou dobäi huelen, si mir bei 635 403,87 Euro. Wann ech elo ufänken, wou kënnt dee Chiffer hir, do fänken ech mam Gros oeuvre a mam Aménagement extérieur un. De Gros oeuvre, wéi mir ugefaangen hunn um Site, dee jo déi Kéier och an der Zäit bebaut war, do sinn nach leider op al Iwwerbleibsel bliwwen, wéi al Fondatiounen vun den Tapis-roulanten, déi op der Plaz waren, dat ware mega Bëtongsaarbechten, déi hu missen ewechgeholl ginn, well déi definitiv zimmlech déif louchen, wou kee Mënsch konnt wëssen, dat ware 40 000 Euro. Dann hu mir d'Kanalisioun, déi mer och am Enterré och fonnt gouf, wou kee Mënsch wosst, dass déi nach géif do leien, dat war och eng Demolitioun vun 20 000 Euro.

Wa mir da weider kucken, mir hunn dee Mur de soutènement - dat war am Ufank gesot ginn - dee mir elo nogestëmmt hunn, dat war e Supplement vu ronn 50 000 Euro, fir deen ze stabiliséieren, respektiv fir 100% sécherzegoen, dass herno wa mir déi Spillplaz, déi mir drënner hunn, net müssen erëm komplett ofbauen, falls do eppes géif passéieren, well mer do just vun der éischter Phas vun deem Bau e Suivi haten, dass déi reegelméisseg opgemooss ginn ass. Et sinn Elektroarbechte méi komm duerch verschidden Demanden am Réibau, d'Changementer vun Isolatiounen, beim Bureau technique sinn och nach eemol anerwäerts insgesamt 10 000 Euro dobäi komm, well alles huet missen am Bétong intégréiert ginn. Da sinn nach aner supplementär Demandé komm vu ronn 12 000 Euro vum Maître d'ouvrage well mir e puer Saache geännert hunn, mir hu Saachen traitéiert elo zum Schluss well den Oeuvre artistique net gemaach gouf, well mer do Surfacé zur Verfügung gestallt goufen.

Da kucke mir alles wat Changementer am Aménagement extérieur sinn, mir haten am Ufank e Projet gerechent mat Makadam ronderëm de ganzen Trètoire, respektiv bis bei eis Limitt, do ass dunn herno gefrot ginn, well do och den Amenagement vun der Strooss am ganzen Eck gemaach gouf, dass mir eis da besser upassen an dunn hu mir do op Pawee ëmchangéiert, dat ware 24 000 Euro. Mir haten do hannen am Eck deen ale Garage do vum Noper nach, deen ofgerappt ginn ass fir dass mir do ee méi grouss Site hunn an och do elo während der ganzer Durée vum Chantier an och déi Kéier war déi Mauer, déi dee kleng Wee zu der hënneschter Garage nach vun deem aneren Noper gefouert huet, an engem besseren Zoustand, zum Schluss ass alles ofgesackt, dofir hu mir missen déi ganz Limitt nei gestalten mat L-Elementer, dat mécht 25 000 Euro aus an nach verschidden Divers et Imprévus, dat war mat 7000 Euro, sou dass mir dann e Supplement am Gros oeuvre vun 219 000 Euro hunn. Zu den Travaux d'électricité, dat sinn 122 000 Euro supplémentaire, do ass d'Basse tension mat 7000 Euro dobäi, de Courant faible mat 5000 Euro den Divers ass mat 38 200 Euro an den Travaux supplémentaires mat 31 000 Euro. Dann ass d'Toiture plate, déi mécht 108 000 Euro aus, do ass et eng Präishausse

vun 2016 u bis 2018, wéi mir den Daach konnte maa-chen, respektiv och de Changement vun der ganzer Isolatioun, déi am Ufank mat engem Styrodur virgesi war an duerno awer och wéinst dem Pacte climat ge-frot ginn ass, dass mir déi op eng Laine de roche eriw-
wer switchen, fir dass mir do am Pacte climat konform sinn. Aner Aarbechten, do waren nach Supplementen, déi sech am Laf vum ganze Projet bäigesat hunn du-
erch aner Changementer, fir 38 000 Euro.

D'Fassad, déi ass e Supplement vun 89 000 Euro. Firwat? Mir hu bei der Ausschreibung leider nëmmen eng eenzeg Entreprise gehat, déi sech fir déi Aus-schreibung interesséiert huet an doduerch hu mir déi horrent Präishaussé par rapport zum Vote, well déi och direkt méi héich war an och zu där Zäit anschei-nend net vill um Marché gewosst war, dass der net vill géife matmaachen. Bei der Serrurerie si mir bei 147 308,00 Euro, déi sinn aleng dobäikomm well mir e Changement gemaach hu fir herno den Entretien vun der gesamter Crèche méi einfach ze halen, respektiv och well mer d'Passerellen an alles laanscht d'Gebai hunn, hu mir d'Encadrementer well mir eng Tress?? Fassad hunn, hu mir ëmchangéiert a metallenen Elemen-
ter, wat méi eng laang Durabilitéit huet an insgesamt vill aner Entretien méi einfach maachen a Moins-value bei de Fënsteren hätte mir gehat a bei der Fassad, déi mir net konnte profitéieren, well mir einfach nëmmen eng Entreprise hatten, déi de Präis ofginn hat.

Wa mir kucken, Ouvrage sec, do hu mir 27 754,18 Euro Ënnerscheed, do hate mir plus minus e Gain an der Soumissioun vu bal 30 000 Euro, mee entretemps hate mir mat der Gemeng gekuckt well am Ufank de Projet als Standardprojet ausgeschafft ginn ass, ouni akustesche Plaffongen, a well du gesot ginn ass, dass d'Gesetz warscheinlech géif änneren, wat mir elo nach ëmmer net richtig hunn, mee gesot ginn ass, kommt mir wierke fir dass mir herno net müssen d'Crèche zoumaache fir d'Plaffonge laut Gesetz ze änneren, do-fir hate mir do dee Supplement vun 46.275,94 Euro nëmmen doduerch, dass mir bei de 27 000 Euro als Supplement hänke bleiwen.

Mir hu bei Menuiserie intérieure 95 768,44 Euro do si mir am Fong, fir just ze soen, bei 41 Dieren, d'Die-re sinn Enn 2020 bestallt ginn, do war eng grouss Hausse drop. Verschidden Dieren hu mir misse och Coupe-fumée, Coupe-feu ëmänneren, well de Bureau de contrôle op eemol aner Uspréich gestallt huet wéi se d'Pläng zum Schluss nach eemol analyséiert hunn. Do hu mir dann 28 000 Euro missen dropleeën, den Ekipement ass och changéiert gi fir dee ganzen Of-laf vun der Crèche ze optimiséieren. Et sinn nach Main-couranten an der Serrurerie, och déi hu misse komplett ëmgeschafft ginn, well en neit Gesetz er-auskomm ass, wat d'Glänneren ugeet, déi hu misse méi dense zougemaach ginn, do ass och eng jett op eis duerkomm well mir déi grouss Passerell hunn an insgesamt Supplementen duerch e puer Saachen, déi einfach déi Kéier elo am Ufank net esou consideréiert waren, vu 7 000 Euro. De Kautschuck, dat ass eise Lino an eise Säll, dat mécht ongeféier 18 000 Euro

aus, dat ass reng Hausse de prix well déi Ufank des Joers elo bestallt goufen.

Mir hunn eng Moins-value an der Peinture, déi eis déi Saach wéi och bei de Fënsteren, mee déi heiten ass méi grouss, well mir dunn am Ufank dee ganze Sous-sol, dee sollt anescht traitéiert ginn, dofir hu mir déi do par rapport zum Devis voté gutt gemaach gehat. Dann, den Echafaudage, do hu mir 36 444,15 Euro Supplement well mir einfach am Ufank alles decidéiert hatten, dass et an deenen eenzele Loten ass, duerno hu mir awer dunn ëmchangéiert, dass et e gesamte Bordereau gëtt an net all Corps de métier et eenzel behandelt fir dass mir villäicht kéinten d'Zäit guttmaa-chen - dat war virum Covid - fir eben den Op- an Ofbau allkéiers ze evitéieren. Dat ass awer duerch Covid lei-der schif gaangen, doduerch hu mir bal 12 000 Euro Supplement nëmmen duerch déi Méint, wou dat Ge-rüst do stoung, wou kee Mënsch et konnt profitéie-ren, ouni vun de Supplementen ze schwätzen, also déi Zomm, déi sech an d'Luucht gehuewen huet well och duerno vill Entreprises e Retard gemaach hunn, well se d'Ekip net méi hatten, well se am Cas contact wa-ren. De Lift mécht e Supplement vu 17 438,00 Euro aus, do ass e Gesetz geännert ginn an och de Lift ass e bëssen eng aner Gamm ginn, wou mir awer och nach eemol probéiert hatten am Ministère de l'Intérieur, do hu mir dat e bëssen no ënne gedréckt fir dass mir bei 17 000 Euro Supplement bleiwen.

Mat de Publikatiounen, déi sinn entretemps wesent-lech méi héich ginn, dat ware 16 953,02 Euro. Déi gesamt Honorairë vun de Bureau-d'étudé maachen 176 494,04 Euro aus, do ass plus minus 8 000 Euro dobäi komm duerch déi méi laang Durée vum Chantier wéinst der Sécurité chantier, den Ingenieur statique ass 16 000 Euro méi deier ginn, well einfach déi ganz Traitementen vun deene ganzen Demolitiounen a ver-schidden Ännerungen dobäi komm ass. Den Ingenieur technique, dat ass 66 700 Euro well do och grouss Changementer waren. Mir als Architekt hunn e Sup-plement vun den Honorairë vun 59.643,90 Euro fir al-les unzepassen an ze reagéieren.

Déi Etude acoustique, déi mir tëschenduerch gefrot hu fir d'Plaffongen ze verbessern, war fir 7 770 Euro an de Bureau de contrôle huet missen - well mir ëm-mer erëm tëschenduerch hu misse kontrolléieren, dass mir weiderkomme fir dee gesamte Retard, deen opkomm ass - do sinn e puer méi Receptiounen néideg gewiescht, och well tëschenduerch Material feelt an eng Zwëscherreceptioun hu misse gemaach ginn, fir dass mir awer d'Gebai esou schnell wéi méiglech fräi kréien, dofir si mir do op 17 600 Euro. Alles wat elo Positions supplémentaires war, dat waren déi Positi-ounen, déi am Ufank ze schätze sinn, dat sinn alles déi Rechnungen, déi musse vun lech als Gemeng gedroe ginn. Wat Stroum ass, do sinn et 23 620 Euro, dann ass e puer Etudes de sol an der Strooss gemaach ginn, dat si 5 000 Euro an och wat Saldoe waren, déi esou net dra waren, fir 10 900 Euro, sou dass mir domadder op eis Differenz vun 1 008 025,24 Euro kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech soen der Madamm Glock Merci fir déi doten Erklärungen an da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Villmools Merci Madamm Glock fir den detaillierten Rapport, deen Dir hei gemaach hutt. Ech muss soen, ganz éierlech, wéi ech déi éischte Kéier dee Montant gesinn hunn, hunn ech mech erféiert well e relativ héich ass. Trotzdeem, mat all den Erklärungen, déi mir kruten, ass dat nozevollzéien. Ech muss awer soen, et ass e schwierige Chantier gewiescht, et war elo net e Chantier wéi am Ribeschpont Maison Relais mat villen Imprevuen, déi komm sinn. Mir waren des éfteren och um Chantier, grad an der Covidzäit huet op eemol näischt méi geklappt, well dann Ekippen net opgetaucht sinn oder wéi gesot, deen Echafaudage, dee méi deier ginn ass, dat war einfach e Problem während enger grousser Zäit. Mir hunn dat och gemierkt an och wann se op de Chantier komm sinn da waren 2- 3 Leit do amplaz vun enger ganzer Ekip vum 12 Leit. Wéi gesot, ech géif mengen, mir kéinten elo hei driiwer diskutéieren. Dir kéint och nach Froen stellen, ech weess, dass et e ganz héije Montant ass, trotzdeem ass et en Devis, dee mir Enn 2016 gestëmmt hunn an elo si mir wéi d'Madamm Ahmedova et scho sot, d'Material ass bis zu 20-30% méi deier ginn a wann Dir Soumissiounen maacht an Dir kritt just eng Offer, dann ass de Choix relativ séier gemaach ob dat geruet ass oder net a wann et méi deier ass, da musst Dir dat bezuelen. Ech mengen, mir sollten elo mol lech, de Conseilleren, d'Wuert ginn an da kënne mir nach eemol drop zeréckgräifen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, also d'CSV begréisst och ausdrécklech, dass dat heite mol eng Kéier e ganz flotten transparente Posten Devis ass, do ass alles dran do kann een sech iwwer alles e Bild maachen. Et ass alles beluet an et kann een och alles akzeptéieren. Eng kleng Bemierkung: Bei der Electricité basse tension, do steet 700 amplaz 7 000 Euro. An dann eng Fro: et geet em déi al Fondatiounen an déi al Kanalisatiounen vum Site industriell: War et dann net méiglech, beim éischten Devis schonn eng Iddi ze hunn, dass dat esou e grouse Batz géif ginn? Et konnt een sech dach virstellen, dass souvill am Buedem louch. Ass do am éischten Devis villäicht ze niddereg gegraff ginn? An dann ass do e Punkt, do steet Oeuvre artistique pas réalisée, ech weess net ob do schonn drop ugeschwat gouf, mee am Prinzip soll an all éffentleche Gebai eng Oeuvre artistique gemaach ginn, an hei steet elo, si gëtt net realiséiert. Gëtt et do e Grond? Gëtt se villäicht méi spéit realiséiert no där Zäit, wou déi Antigraffiti-Traitement gemaach ginn oder gëtt se guer net realiséiert?

An dann, bei den Travaux d'électricité, do hu mer dann e Punkt Divers vum 38 000 Euro an Travaux supplémen-

taires vum 31 000 Euro, dat ass immens vill, do sinn zwar elo keng Detailer do, mee dat ass warscheinlech och nozevollzéien. Mee am grouse Ganze fanne mir dat hei eng gutt Erklärung, déi mir do kréien. A well mir souwisou vun der CSV ëmmer soen, all Invest a Schoulen a Crèche an esou droe mir mat, dofir si mir hei voll d'accord, d'autant plus dass mer hei mol eng Kéier alles richtig gutt erkläert kritt hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, gëtt et nach weider Stellungnahmen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert a Merci och fir déi gutt Erklärungen, mir schléissen eis der CSV do e bëssen un, et ass natierlech eng batter Pëll wann een esou eng bedeitend Zomm elo muss nostëmme, mee den Devis gouf 2016 gestëmmt, dat sinn elo 5 Joer hir. Dee méi héije Montant kënnt duerch déi Altlasten an da sinn awer och technesch an ekologesch Ursaachen, et ass elo eppes anescht geholl gi fir ze isoléieren, dat fanne mir duerchaus sënnvoll. Da sinn nei Sécherheetsuuerderunge gestallt ginn an dann natierlech kommen am Laf vun der Zäit nei Erkenntnisser, an den Index, de Covid an esou weider, dat sinn Erklärungen, déi plausibel sinn. De Prix de construction vum 821 Euro pro Meterkibb ass relativ héich, mee bon, mir wäerten dat och matstëmme.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och lech, Madamm Heinen, sinn nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da géif ech d'Madamm Glock froe fir op verschidde Punkten anzegoen.

GLOCK NADINE (ARCHITEKTEBÜRO): Jo, ech kommen op dat vum Ufank, jo mir hunn zimmlech vill Beem um Site gehat, déi zimmlech spéit ewech komm sinn, wou scho vill Etuden am Gros oeuvre gemaach waren a mir hu leider déi Saachen do ganz ganz déif ënne fonnt. Do hat nach kee Mënsch domadder gerechent, mee well mir mat deem Projet sou extrem déif ginn, mir ginn 2 Niveauen erof, si mir leider do op verschidde Saache gestouss, wou kee Mënsch geduecht hätt, dass dat nach op deem Niveau war, well och kee geduecht huet, dass fréier den Niveau vum ganze Site op deem Niveau konnt gewiescht sinn, dat war eng Iwwerraschung, wou kee konnt am Virus wëssen, well et ware genuch Sondag gemaach ginn, et sinn Etudé gemaach ginn, mir hu Recherche gemaach mee et ass net vill vum Site a vun de Pabeieren do gewiescht, wat wou richtig stoung, dat hu mir vill mat Fotoe probéiert am Ufank, mee et ass leider net duergaangen, dat hu mir herno festgestallt. Den Oeuvre d'Art gëtt esou wäit ech weess elo iergendwann lancéiert, mir haten dee ganze Point d'Oeuvre d'Art mat am Projet integréiert, dat heescht mir hate vill Maueren zur Verfügung gestallt wou hätte kënne Graffiti oder Saachen integréiert ginn an elo hu mir awer misse verschidde Wänn traitéiere fir dass se elo net déi nächst Joren, falls do vläit awer kee Graffiti méi gemaach gëtt mee éischer am Intérieur eppes gemaach gëtt, da komplett degradéieren an och Problemer duer stellen, doduerch ass dee kleng Supplement fir besonnesch baussen

eng ganz Bëtongswand dobäi komm an och de Local poubelles, dee mir am Fong geduecht haten, dee kéint integréiert ginn an e gesamten Oeuvre d'Art, dat hu mir awer elo misse protégéieren.

Dann, zum Elektreschen, jo dat si méi grouss Montanten, ech hunn och hei verschidden Erklärunge vum Bureau technique dobäi, wou ech villäicht just ka kuerz uschwätzen. Déi Hauptproblemer ware par rapport zu dem éischten Estimatif, dee gemaach ginn ass, et sinn herno e puer Problemer beim Äerden entstanden, well den Terrain méi déif sech eben anescht erginn huet. Duerno sinn insgesamt méi Käschten dobäi komm, et si weider Zoupunktskontrollen dobäi komm, déi sech an Ären anere Gebaier och an der Lescht méi bewäert hunn ewéi anerer. Mir hu méi Diere câbléiert fir dass et och méi einfach herno ass, mir hunn Installatiounen um Daach supplémentaire well do och d'Gesetz geännert huet, dass eis Technik, déi mir um Daach hunn, anescht muss belicht ginn, wat am Ufank net de Fall war.

Mir hunn dee ganze Local poubelles, dat ass e bësse méi opwänneg ginn, well mir do aner Gesetzer kritt hunn, wéi mir et musse ventiléieren, wou mir mussen aner Zougäng maachen, Coupe-feu an déi ganz Incendissaachen hu missen norüsten. Mir hunn deelweis aner Zälerkëschte gehat, well dee ganze Site sollt vu bausse komplett ugeschloss ginn an eng direkt Këscht, dat ass awer elo geännert ginn, sou dass d'Këscht elo no banne geholl ginn ass an enger ganz anerer Envergure, a just déi kleng Raccordementskëscht, déi um Tréttoire steet, well dat am Ufank net gewosst war, wéi si dee ganzen Aménagement och hannen am Quartier Italien maachen, dat war eng och méi grouss Zomm, déi do an zousätzlech Elektroschief huet misse investéiert ginn, déi net do waren.

Dee gesamte Projet ass einfach méi grouss och opgepusht ginn, an deem Sënn, dass mir méi Elektresch am Fong dra gemaach hunn, wéi mir am Ufank geduecht hunn, och well mir de Point des ëftere mat den Utilisateure gemaach hunn, wou se wat a wéi bräichten an do ass och e bësse méi fir den Oflaf anescht gemaach ginn an doduerch kënnt dee grousser Präis am Elektreschen hir. Wann ech elo kucken, de Meterkibbspräis ass méi héich, mee ech well just do drop hiweisen, dass mir fir de Moment do elo e Gebai hunn, wou mir enorm an de Buedem ginn, einfach duerch d'Hanglag, eis Pente a mir hunn do dee ganzen Terrain, déi ganz Strooss uewen an ënne misse komplett halen, déi mir och duerch déi al Stützmauer an och dee Meterkibbspräis, dat hëls de alles mat eran, mir hunn nach vill baussen Alentouren dobäi maachen, well mir och Problemer mat dem Aménagement extérieur haten den am Ufank anescht geplangt war fir déi Adaptatiounen, doduerch kënnt dat ganzt zustanen, well mir do bei 821 Euro de Meterkibb sinn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Also just nach als Zousazinformatioun, d'Personal ass mëttlerweil an der Crèche dobannen, déi sinn amgaangen, d'Saachen anzeraumen an déi lescht Visite, déi ass de 30. November virgesinn, an dann hale mir d'Daumen, dass do alles klappt. Ech wollt dat als Zousazinfo ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, Merci och dofir, dann hätte mir op alles geäntwert da komme mir op den Vote wien ass mat dem doten Devis remanié averstanen? **Dat ass unanime**, Merci dem Gemengerot an och den Damme Glock a Friederici Merci fir hir Presenz de Moien hei. Mir mussen och de Crédit supplémentaire stëmmen, wien ass domadder och averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

3.6. Approbatioun vun der initialer Konventioun Pacte Logement 2.0 mat dem Logementsministère

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass de Pacte Logement 2.0., den Devis remanié, d'Convention initiale, dat ass eng Fakultéit, déi déi 102 Gemengen hunn, déi Convention initiale hei ze initiéiere fir dann och kënnen am Kader vum Pacte Logement 2.0 lasszeleeën, dofir gesäit d'Gesetz dat heite vir. Mir hunn eis als Stad Diddeleng entscheet, dem Pacte Logement 2.0 z'adhéréieren a fir dat kënnen ze maachen, ass den éischte Schratt déi Convention initiale hei guttzeheeschen. Wat fënnt een an der Konventioun erëm wann een op de Contenu ageet? Dat heiten ass eng Convention-cadre, déi an all Gemeng d'selwecht ass, dat ass eng Konventioun, déi virgesäit, dass eng Zesummenaarbecht stattfënnt tëschent dem Staat an de Gemenge fir Logement-abordabelen och kënnen ze kreéieren an an deem Kontext - dat war jo e bessen en Querwuerm, dass e Conseiller en logement an d'Liewe geruff gëtt an dass d'Gemengen op e Conseil en logement kënnen zeréckgräifen, an intern wéi och extern.

Mir hunn eis wéi et hei an der Konventioun och steet, op e Conseiller en logement externe entscheet, mir haten och ugeruff an ech kann lech soen, well mir do eng Réckmeldung kritt hunn, mir haten als Stad Diddeleng de Büro Zeyen a Baumann gefrot well déi eis a ville Punkte begleeden a mir hunn net méi spéit wéi gëschter d'Confirmatioun kritt vu MyEnergie wat d'Prozedur ass, dass mir dat ufroen an do huet de Conseil externe hinne proposéiert a MyEnergie confirméiert dann der Gemeng, dass de Pacte Logement och zeréckbehale gouf an dann och hei an déi wou eis wäerte begleeden, respektiv dann och de Lex Faber, deen eis do wäert begleeden, well am Kader vun der Convention initiale, wéi se hei och opgestallt gouf, mir och mussen e PAL maachen, de Plan d'Action Logement, an dee maache mir, dee gëtt ausgeschafft mam Conseiller en logement an de PAL gëtt och am Gemengerot presentéiert an och diskutéiert.

Mee wéi gesot, dat ass déi nächst Hausaufgab, déi virun der Dier steet elo wou de Conseiller en logement zeréckbehale gouf, dat ass wat dee Volet ugeet. Dann

ass et esou, dass mir vum Staat eng Participation financière kréien, de Staat iwwerhëlt de Conseiller en logement, dat ass e Maximum total vun 240 Stonnen ouni dass de Plaffong depasséiert gëtt vu 25 000 Euro an et kritt een niewent den 42 och zousätzlech 60 Stonnen attribuëiert, wann een sech aschreift an eng interkommunal Concertatioun oder am Kader vum PAL Bierger consultéiert, well mir als Stad Diddeleng an der Biergerbedeelegung aktiv sinn, a wéi gesot, déi dote Fraisen iwwerhëlt de Staat an ech muss och soen, dat heiten ass e Montant, mee dee geet net duer, mee dat ass besser wéi näischt an déi Konventioun, déi mir hei hunn, ass limitéiert op ee Joer a kann och deementspreechend verlängert ginn ëm ee Joer. Dat ass e bëssen dat wat an der Convention initiale ass, wéi gesot, déi Aarbecht fänkt elo un.

Et kann natierlech graff gesot ginn, dass een an déi Richtung wäert goen, ze kucken am Kader vum deem PAL, wat sinn déi Projeten, déi hei um Terrain vum der Stad Diddeleng sinn, déi vun Externen organiséiert ginn? Wat sinn déi Projeten, déi mir en Regie propre kënne maachen? Mir kënnen natierlech och eis Etude préparatoire am Kader vum PAG notzen, dat ka jo och an den Aval afléissen, villäicht och am Kader vum Pacte Logement. Wat sinn déi Projeten, wou den Artikel ka gezu ginn? Villäicht awer och eng Analys maachen, wéi eng Typologien oder Type vu Wunnenge feelen zu Diddeleng? Wat sinn déi Bauprojeten, déi mir hunn, privat an ëffentlech an de Volet ronderëm de Critère social, dann d'Struktur, dat sinn Elementer, déi et elo gëllt mam Conseiller Logement och ze kucken. Och mat Bléck op de Leerstand, Mobiliséierung vu Bauland, dat sinn all déi Voleten, déi mir kënne kucken, mat anere Buergermeeschtere schwätzen, toutes couleurs politiques confondues, sinn dat déi Ausriichtungen, déi d'Gemengen elo huelen am Kader vum den Ausriichtung vum Pakt. Dat fir an Aussicht ze stellen a wéi eng Richtung et ka goen, mee wéi gesot, d'Aarbecht fänkt elo richtig un a mir wäerte souwisou an de Gemengerecht zeréckkomme fir méi détailléiert kënnen drop anzegoen. D'Diskussioun ass op.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech schlësse mech deem Ganzen un, wat Dir elo grad gesot hutt, ech kann awer einfach net net drop reagéieren, dofir, ech sinn immens frou, dass d'Gemeng Diddeleng wäert matmaachen. Souwäit ech weess, si mëttlerweil iwwer 80 Gemengen, déi ënnerschriwwen hunn, dofir sinn ech grad esou frou, dass Diddeleng eng vun deenen éischte wäert sinn, well den Delai war bis Enn des Joers fir nach méi Bonus ze kréien. Ech mengen, de Pacte Logement ass en neit Instrument wat ganz nei ëmgeplangt gouf, ganz nei iwwerluecht gouf fir awer trotzdeem déi aktuell Logementskris kënnen ze bekämpfen - an Dir hutt et scho gesot - duerch d'Mobilisatioun vum Terrainen an eidele Wunnengen.

De Problem vum éischte Pacte ass, dass dee wirklech exklusiv op d'Infrastruktur souzesoe bezu war, de Kader war schonn, méi Wunnengen ze bauen, mee et goufe méi Infrastrukture bezuelt. Méi Wunnengen, ech mengen, Wunnenge waren 3% just ënnert dem

Pacte Logement bezuelt ginn an de Rescht ass an de Strukturen. Villäicht ass et och anescht ze gesinn, mat deem éischten hu mir Infrastrukture gebaut a mat deem zweete Logementer wuel, déi dann dobaussen dréngend gebraucht ginn. Jo, wéi gesot, et ass wichteg, dass mir eis op eppes baséiert hunn, wat gutt fonctionéiert huet, nämlech de Klimapakt an en huet virun allem och gutt funktionéiert well all Gemeng krut en individuellen Émweltberoder an dofir sinn ech perséinlech ganz frou.

Dir hutt schonn op meng Fro geäntwert wien dat wäert sinn, de Lex Faber, mir wäerten zesumme mat him sécherlech e gudde Plang ausschaffen, ech si mir sécher an och scho gespaant. Meng Fro wier ob mir och schonn e kleng Planning hunn, wéini mir en eng éischt Kéier gesinn, fir éischt Aktiounen auszuschaffen? Dat wier wirklech immens interessant ze wëssen an d'Zil vum Pacte Logement 2.0 ass virun allem, ëffentlech Wunnengen ze bauen, eppes wat mir net hunn am Moment. Ech mengen, ech hat et och scho gesot, mee mir si bei 2% Sozialwunnengen, hei schwätze mir net vu Sozialwunnengen, mee vun abordabele Wunnengen. Ech mengen, mir wäerten hei 50-70% vun der Gesellschaft kënne mat abanne bei abordabele Wunnengen, déi sinn och nohalteg sinn an zwou Richtungen, an engersäits heescht dat nohalteg bauen, mee och an ëffentlecher Hand bleiwen an net esou wéi bis elo bëlle kaf an deier verkaf ginn, mee sou hätt déi ëffentleche Hand absolut keng Resilienz fir de sozialen Undeel vun der Gesellschaft. Domadder hunn ech alles gesot, mee bon, e grouse Merci fir hei kënnen dobäi ze sinn. A mir stëmmen dat mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, ech mengen, mir wëssen alleguerten hei bannen, wéi et ëm d'Problematik ëm de Logement hei zu Lëtzebuerg steet, eng riseg Penurie un abordabele Logementer an immens Präishaussen. Déi Präishaussé vun 2013 bis haut leie bei 70%, nëmme fir ze soen, dass vun 2019 bis 2020 d'Präisser vun alen Appartementer ëm 15,3% an deenen neien 14,4% an d'Luucht gaange sinn, de Präis vun alen Haiser 19,7% an iwwer 14% fir déi nei Haiser. Et ass Wansinn, wann een sech da virstellt, wéi d'Leit do nach sollen zu engem Logement kommen. Wann een dann nach bedenkt, dass d'Banken en Apport vun 20% Egekapital vun der Zomm, déi ee wëll léinen, verlaangen.... Wien kann sech do wirklech nach eng Immobilie kafen? Esouguer déi gehuewe Mëttelschicht- wéi se genannt gëtt - kënnt och un d'Schweessen. Op där anerer Säit gëtt et och ëmmer méi schwéier fir de Loyer kënnen opzebréngen. D'Leit mat engem CDD hunn hautzudaags keng Chance fir kënnen en Appartement ze lounen, si ginn ofgewise vun den Immobiliären a landen dann an Immeubelen, wou wéineg Wäert op Sécherheet an Hygiène geluecht gëtt an awer ganz deier sinn. Et feelt also un abordablem Wunnraum, dat ass de But vum Pacte Logement 2.0, dat heescht de Stat gräift an a wëll an Zesummenaarbecht mat de Gemengen abordabelen an - wéi de Minister et nach

betount huet bei der Erëffnung vum Centre paroissial,-wou en och e klengen Exposé doriwwer gehalen huet - virun allem durabelen ëffentleche Wunnraum op kommunalem Niveau schafen.

Wichtig ass och dat Wuert durabel. Hei sinn an der Vergaangenheet grouss Feeler gemaach ginn. An der Zäit konnt eng Immobilie, déi de Fonds de Logement zum Beispill verkaf huet, dann no 10 Joer nees verkaaft ginn an d'Propriétaires hunn dat och zum Präis vum Marché gemaach an dat Schlëmmst war, dass déi Wunneng fir deen Zweck, wou se geduecht war, verluer war. Menger Meenung no dierfe souwiso keng Wunnenge vun der ëffentlecher Hand verkaf ginn, mee just verlount ginn. Mir mussen ewech komme vum Prinzip vum Besëtz, dass jiddereen een eng Immobilie besëtz, dat ass net méi ze realiséieren. De Staat selwer an d'Gemengen, déi finanziell ënnerstëtzt gi fir d'Schafe vu Wunnengen, sollen hir Wunnensparke ausbauen. Nëmme iwwer dee Wee kënnen mir méi Wunnengen zu vernünftege Präisser verlounen, wat en Impakt op de fräie Marché wäert hunn.

Déi Konventioun, déi mir hei virleien hunn, ass de Startschoss zu dëser Zesummenaarbecht tëschent Staat a Gemeng. Duerch d'Ennerschreiwen hu mir e Logementsberoder zegutt an de Schäfferot huet sech fir en externe Logementsberoder entscheet. Mat deem senger Hëllef muss een en Aktionsplang am Respekt vun den Objektiv vum Parc Logement opstellen. Dëse Plan d'action ass laangfristeg, de Staat participéiert och mat 180 Stonnen un de Fraise fir de Beroder, weider 60 Stonne gi finanzéiert wann de Schäfferot - dat ass och grad gesot ginn - sech drun hält, dass eng ëffentlech Informatiounsversammlung oder en Atelier mat Biergerbedeelegung - sou wéi mir et an Diddeleng ganz groussschreiwen - während dem Opstelle vum PAL organiséiert gëtt. Eis Fraktioun approvüiert déi Konventioun mam Ministère du Logement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci Här Zuang fir déi doten Zoustëmmung.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Bürgermeester, em wat geet et elo hei, mir müssen déi Convention initiale ënnerschreiwe fir eis festzeleeën ob mir en externen oder interne Conseiller de Logement mat an d'Boot huele fir e Plan de logement kënnen auszeschaffe fir d'Objektiv vum Pacte Logement an eiser Gemeng ze realiséieren. D'Fro ass, war dat néideg? Den administrativen Opwand ass net geréng awer ech hu festgestallt, dass mir awer hei relativ zackeg ënnerwee waren hei op der Gemeng an dat begrësse mir explizit, awer och, dass mir an Zeyen et Baumann e Conseiller erausgesicht hunn, ech hat mir d'Méi gemaach de Listing eemol unzekucken, dat war och mäin absoluten Top Favorit, well mir einfach och Schröder Associés zum Beispill dran hunn, de Büro Beng huet jo och nach eng Autorisatioun, dat war och eise Favorit.

Do si mir da frou, dass mir do absolut op enger Wellenlängt sinn. Wéi gesot, et war en ëmständlechen Op-

wand. De PAL, dee soll elaboréiert ginn, dat ass fir d'Objektiv vum Pacte Logement dann ze ëmschreiwen, déi mir ustriewen. Den Här Bürgermeester huet et schonn uklänge gelooss, de PAL soll innerhalb vun 6 Méint presentéiert ginn, et steet och am Text vum PAL, ech hu mir dat duerchgelies: "Le PAL établi par le conseil échevinal peut être établi le cas échéant avec la commission consultative de logement." Ech mengen, mir hu keng esou eng Commission consultative de Logement, elo ass meng Fro: Setze mir esou eng Kommissioun an? Dat wier fir e bëssen d'Saach vun der Transparenz, wat och d'Madame Ahmedova gesot huet. Wéini setze mir eis zesummen, wéini maache mir do och e Grupp draus, a wéi eng Richtung gi mir oder integréiere mir dat an d'Baukommission oder hutt Dir do eng Iddi, wéi Dir lech dat virstellt? Dat ass kee muss, dat kann een awer maachen.

De Plan pluriannuel, dat ass dee berühmte PAL, dee soll a 6 Méint presentéiert ginn, meng Fro: De Plan pluriannuel, op wéi vill Joer ass dat festgesat? Dat hunn ech am Text net richtig fonnt, op wéi vill Joer dat muss eng Ausrichtung vun der Gemeng denominéieren. Wichtig ass et och, dass mir dat alles hunn, och de PAL, fir da richtig kënnen duerchgestarte mam Pacte Logement 2.0 fir virun allem och Dotatiounen ze kréien, dat ass och de Sënn vun der Saach an do steet och schonn am Projet dran, dass mir retroaktiv Sue kréie fir déi Saachen, déi mir 2020 scho realiséiert hunn am abordabele Logement. Do ass meng Fro: Kréie mir do nach eemol Sue fir déi Saachen, déi mir gebaut hunn, obwuel mir do eng Subventioun kritt hu vum Staat? Et kann ee jo ëmmer mol froen, mir hate scho preventiv geduecht, elo kënn de Pacte 2.0 an et war just eng Fro, just och fir ze chiffrieren, wéi vill kréie mir dann, also, mat wat rechne mir fir déi Projeten, déi mir 2020 ëmgasat hunn? Et steet nämlech och do, dass een an enger Phase de transition 25 Euro pro Habitant ka kréien, bis zu engem Maximum, mee dee Maximum ass net chiffriert. Ech hunn dat net fonnt. Ah, 500 000 Euro, OK gutt well am PAL stoung dat net dran. Dat ass jo dann eemol gutt ze wëssen.

Dann, wéi gesot, all déi Saachen, déi mir schonn amgaangen hunn, do steet och genau explizéiert dran, wat mir wéini kréien, wa mir dat an d'Gestion locale ginn. Ech sinn och frou, dass den Här Bürgermeester scho geäntwert huet op meng Fro, déi ech gestallt hunn, maache mir eng Consultatioun mat de Bierger, dat fanne mir och natierlech ganz sënnvoll. D'Fro ass awer och mat de Suen, déi mir dann herno kréien, et ass esou gesot ginn, wéi wann den éischte Pacte Logement esou schlecht gi wier, dass mir do an d'Infrastrukturen déi Suen investéiert hunn, wéinst dem Wuesstum vun eiser Gemeng, dass mir déi Sue geholl hu fir an eis Infrastrukturen ze investéieren. Esou denigrant ass dat net well mir hunn eis Schoule gebraucht, mir hunn eis Stroosse gebraucht, mir hunn eis Schwämm gebraucht, mir hunn eis Sportsterrain gebraucht an do ware mir frou, dass mir déi Sue vum Pacte Logement do konnte mat investéieren.

Ass awer nach eng Méiglechkeet do, dass mir mat de Suen, déi mir kréien, och kënnen an Infrastrukturen investéieren, well wa mir Logement kreéieren, och déi Leit hu Kanner, och déi mussen an eng Schoul goen, wéi ass dat do fixéiert, ass do eng Limitt oder ass dat prozentual festgesat, wéi vill vun de Suen, déi mir kréien duerch de Pacte Logement, déi mir dierfen an Infrastrukturen, déi néideg sinn, investéieren? Mir ënnerstëtzen an all Richtung Beméiunge fir hei abordable Wunnraum zu Diddeleng ze schafen a mir sinn zu Diddeleng och ganz gutt opgestallt mat eisem Service Logement, mat eiser Gestéioun, an dass et eng absolut Demande ass um Marché, dass net genuch abordable Wunnraum do ass, den Här Zuang huet et gesot bei der Inauguratioun vum neie Veräinshaus mat de 40 Logementer, do gouf gesot, Caritas betreit 800 Logementer an si hunn dat duebelt un Demanden do leien. An Dir hutt och gesot gehat, beim Office social ass et genau dat selwecht, mir hunn esouvill Wunnengen an d'Liste d'attente ass nach eemol sou grouss an et ass wéi Dir gesot hutt, dass et net an der Rei ass, dass Leit deelweis fir e Loyer 40-50% vun hirem Revenu mussen opginn an dass decent life ganz schwierig ass. Dat ass kloer.

D'Madamm Ahmedova ass voller Euphorie fir de Pacte Logement 2.0, ech fannen awer e kleng Bémol an der ganzer Saach ass an dat ass, dass et eng Limitatioun vun de Partner vun de Gemenge gëtt vun de Bauhären, dat heescht et soll just mam Fonds du Logement a mam SNHBM gebaut ginn, fir an de vollen Notze vun de Subventiounen vum Pacte Logement ze kommen an ech fannen dat schued. Wa mir kucken, wéi vill Wunnengen de Fonds du Logement an deene leschte Jore gebaut huet, et si sécherlech vill Projeten, déi ugekënnegt sinn, awer net realiséiert ginn, an och net finanziell opgeléist sinn an den nächste Budgeten, mee wann ee kuckt wéi ëmständlech dat ass mam Fonds du Logement fir do virunzekommen, och bei der SNHBM fir abordable Wunnraum ze schafen, da fann mir et schued, dass d'Energie an den Knowhow vun de private Partner, dass op déi verzicht gëtt an ech mengen, mir haten dat beschéi Beispill, wéi gesot, 40 Wunnengen huet d'Kierchefabrik mat zwee dynamesche Leit, den Här Fuerpass an den Här Ries, an 3 Joer gebaut.

Den Här Buergermeeschter war selwer paff wéi e virun 3 Joer do d'Baugenehmung ginn huet an haut 40 Wunnengen ageweit huet, dat ass eppes, den Knowhow an déi Energie dierfe mir net verschwenden an ech begrëssen et explizit, dass an eisem Fall och déi privat Initiative wäerte mat opgeléist ginn an dat fannen ech ganz wichteg a ganz gutt, well nëmmen zesumme mat de privaten Initiatoren komme mir virun, well ech denken, déi 2 Institutionen, déi kommen och net no fir alles esou ze maachen, wéi et soll sinn, an ech fannen et och gutt, eis Approche vun der Gemeng, dass mir och an de private Projeten, PAP, dass mir do och de Fanger ausstrecke fir de Logement abordable an eise Wunnenspark mat opzehuelen.

Voilà, wat hunn ech elo nach hei stoen, et ass ëmmer d'Fro, Logement abordable, wat net kloer ass, wat

ass dat, Location à coût modéré, do hate mir nogefrot, wéi gëtt deen Taux festgehalten? Dat ass nach ëmmer net kloer, do hat den Här Kox gesot, dass do iergend e Gesetz an der Maach ass. Meng Fro ass: A wéi eng Richtung geet dat? Geet dat op e Meterkareespräis pro Gemeng, well et ass jo anescht wann een zu Diddeleng lount wéi wann een zu Hëpperdang lount oder ass dat uniform fir dat ganz Land oder gëtt dat prozentual op d'Salaire gerechent vun de Leit? Well dat ass eppes wat d'Leit och interesséiert an et wier flott wann ee wéisst a wéi eng Richtung dat geet. Op jiddwer Fall droe mir déi Convention initiale, déi souwisou inévitablement muss acceptéiert ginn, fir dass mir kënnen beim Pacte Logement 2.0 matmaachen, dat droe mir mat a mir freeën eis fir a 6 Méint de Plan d'action locale kënnen zesummen hei duerchzediskutéieren an et wier flott wann een dat am Virfeld an enger Kommissioun kéint ausschaffen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech hale mech méi kuerz, mir sinn eis eens, dass méi bezuelbare Wunnraum hei gebraucht gëtt, net nëmmen zu Diddeleng mee am ganze Land. Ech ka mech do zum groussen Deel just deem uschléissen, wat den Här Zuang gesot huet, déi Zuelen, déi hie genannt huet an och seng Aussoen. Eis vun déi Lenk geet de Pacte Logement 2.0 net wäit genuch, ech ginn awer hei elo net am Detail drop an, do hätt ee méi kënnen maachen. Mir begrëssen, dass de Schäfferot dës Konventioun ageet, mir begrëssen och explizit de Choix vum externe Conseiller, dat ass gutt an och mir freeën eis drop, all Aktioun, déi am Kader vum Logement gemaach gëtt, ass eng gutt an ass ze begrëssen a matzesëtmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, fir just nach drop ze reagéieren, dat éischt ass d'Infrastrukturen, effektiv ass et och elo esou, ech sinn net den Affekt vum Pacte Logement 2.0, mee ech hunn effektiv e gewëssenen Enthusiasmus well et ass wierklech e ganz neie Plang, dee ganz iwwerschaaft gouf a wou ech am Ministère am Aarbechtsgrupp souz, do dierft ech mat dru schaffen viru 6 Joer. Deen neie Pacte Logement finanziert och Infrastrukturen natierlech mat, à condition, dass abordable Wunnenge gebaut ginn an dat war de Problem mam leschte Pacte. Schlussendlech huet e Pacte Logement an net Pacte Infrastructures geheescht, fir de Rescht ass et natierlech, dass Infrastrukturen wichteg si fir dass ee ka wuessen, Schoulen, Kläranlagen dovunner just 3% a Wunnenge gestach goufen an de Rescht an Infrastrukturen, do kann een sech och froen, wou do den Equiliber ass.

Ech kann iech elo schonn eng kuerz Definitioun zu der Abordabilitéit ginn. D'Gesetz ass effektiv nach net duerch d'Chamber mee deemnächst. Mir hunn abordable Locatioun op der enger Säit, do gëtt wierklech individu-

ell op de Salaire gekuckt an do mussen-däerfen d'Leit vun 10% bis 35% maximal fir eng Wunneng ausginn. A wann se e bësse méi verdéngen, gëtt d'Situation familiäre gekuckt an ugepasst, fir dass se kënnen würdeg liewen. Dat ass e Prozentsatz wat d'Situatioun ugeet fir abordable ze wunnen. Wann ee kleeft, dat wier den zweete Cas de figure, soll een déi reell Käschte vum Bau bezuelen an do si mir bei 400 – 500 000 Euro fir Haier mat 2 bis 4 Kummeren. Voilà, mee dat kënnt nach. Et muss een nach soen dat de Pacte Logement eng gutt Basis huet a wäert ëmmer erëm reevaluëiert ginn.

Dat Gesetz ass elo fir déi nächst 10 Joer gestëmmt - Pacte Logement 2.0 - an et wäert hei wierklech adaptéiert gi bei Besoinen, fir dass et schlussendlech och an déi richteg Richtung geet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och nach eemol fir déi doten Erklärungen zum Pacte Logement. Ech wëll nach anhaken, dass par rapport zu den neien Dispositiounen de Salaire en considération geholl gëtt, do muss jo och nach e Projet de loi deposéiert ginn. Dofir muss een ëmmer eng gewësse Virsicht hunn, wann ee Saache wëll hei soen, déi nach gefrot ginn, doriwwer gesot gëtt wat kann een dem Public soen, hei ass och eng legislativ Prozedur, déi wäert stattfannen, déi huet nach net stattfonnt, dofir ass et och - mengen ech - wichteg, dass een de Bau ka féieren an de Leit Informatiounen ginn, wann de Projet deposéiert ass och wann een déi Grondausrichtung hei kann an d'Vitrine setzen.

Dat gesot, ginn ech nach op e puer Punkten an, déi hei gesot goufen, notament par rapport zum Planning wat d'Madame Ahmedova gesot huet, mir hunn elo kierzlech d'Confirmatioun kritt, dass mir dat hunn elo setze mir eis zesummen a mir definéieren dann zesummen de Planning well mir eng Zäitfënster hu vun engem Joer, dat eemol dozou. Wat d'Madame Kayser gefrot huet, wat Subventiounen ugeet, eng duebel Subventioun kréie mir net, dat wier schéin, mee ech mengen, dass de Staat hei e ganz kloer Kader gesat huet. Mee, wéi gesot, wa mir hei och matmaachen, ass de Pacte Logement déi éischt Tranche vun enger hallwer Millioun Euro, déi se kënnen kréien.

Déi Fro mat den Infrastrukturen, déi ass gestallt ginn an d'Madame Ahmedova huet och drop geäntwert, ech wëll awer och hei soen, dass anerer Mechanicien spillen an déi dierf een och net ausser Uecht setze wann een engersäits Subventiounen kritt par rapport zum Logement awer och par rapport zu Infrastrukturen. Wa mir Infrastrukturen um Terrain vun Diddeleng bauen, Schoulen oder Maison Relais, do spillen och aner Subsidien, déi sinn net ausser Kraaft gesat, op déi kënnen mir dann och zeréckgräifen, déi sinn dann och do. Dann, wou ech och wollt hei drop agoe par rapport zu deem Promoteur public, et ass hei am Pacte Logement, dee gesäit och vir, dass hei privat Dréier oder Promoteuren aktiv gi bis 2029, et spillt jo hei och mat wou d'Gemeng kann aktiv ginn, mir schwätzen herno och nach iwwer de PAP A Bëlleg, wou och dee-

mentspreechend spillt, et ass déi ëffentlech wéi och déi privat Hand, déi am Pacte Logement ka spillen. Dann, effektiv, et ass gutt, dass Dir d'Fro opgeworf hutt, well par rapport zu der Commission consultative de Logement, do ginn et zwou Optiounen, et kann een entweder d'Bautekommissioun awer och eise Groupe de travail PAG, dee mir hunn, deen awer e bëssen Affinitéit huet, awer schonn e Prozess begleet huet, dass een deen a senger Kompositioun hält an dass ee villäicht am nächste Gemengerot am Dezember d'Nominatioun ännert an dass een déi Kompositioun bäibehält. Do si jo Vertrieeder vun all Fraktioun dran, et kann een och villäicht iwwerleeën ob een deen e bëssen opmécht, mee ech géif soen, grad wann een hei wëll weiderschaffen a gutt virkommen, ass villäicht de Virdeel, dass ee kee Waasserkapp ass, mee éischer, a mir hu jo gutt Erfarunge gemaach par rapport zum PAG punkto Zesummenaarbecht, géif ech mol hei behaapten, mee ech mengen awer, dass d'Zesummenaarbecht gutt war an deem Groupe de travail an ech denken, dass een déi Dynamik vun deem Groupe soll bäibehalen.

Dofir wier hei d'Propos, dass een d'Kompositioun géif bäibehalen. Dat wier eng kloer Propos a wann dat esou ass, dann huele mir dat op den Ordre du jour vum nächste Gemengerot an da leede mir dat ëm. Dat einfach fir an déi Richtung ze goen. Ech denken ech wier op alles agaangen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): En techneschen Detail: Wa mer de Groupe de travail vum PAG ëmänneren an e Groupe de travail Commission consultative de logement oder esou, kann deen sech herno och ëm de PAG këmmen wann een eppes muss adaptéieren oder musse mir déi zwee bäihalen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech mengen, mir kucken do e Wording ze fannen, deen op déi zwee passt. Dat soll eis net drun hënnen. Do maachen ech mir déi mannste Gedanken. Voilà, domadder wier ech op alles agaangen, kënnen mir déi Konventioun stëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, Merci villmools.

3.7. Zouwendung vun ausseruerdentleche Subsidien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op d'Subsidien eriwuer, d'Subsid-extraordinären, dat ass engersäits hei e Subsid vum 500 Euro fir 2 Schüler, déi am Sportslycée sinn déi op eng Weltmeeschterschaft ginn am Handball, wou mir e klengen Support ginn an deen aneren, dat sinn 291 Euro fir d'Association Italo-Luxembourgeoise Bettembourg/Dudelange fir d'Sproochecoursen an déi setze mir drop well mir eis alignéieren um Subsid, deen och d'Beetebuerger Gemeng gestëmmt huet, dat heescht, dat sinn 30% vum Defizit. Vu dass déi zwou Gemengen dat zesummen organiséieren, deele mir eis dat esou op.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech wollt just nofroen, ech sinn net esou laang dobäi, et ass déi éischte Kéier, dass mir Schüler vum Sportslycée hunn.

Et si jo ëmmer erëm Diddelenger déi am Sportslycée sinn, ass dat automatesch oder muss dat ugefrot ginn? Wëssen déi dat, dass se kënnen e Subsid kréien oder ginn déi ni op eng Weltmeeschterschaft? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wa mir saisiert gi vum Sportslycée dat ass déi éischte Kéier, dass mir dat maachen wann an nächster Zukunft Weltmeeschterschafte sinn, wou déi Diddelenger dobäi sinn, vun dem Subsid wëssen se elo dass mir op den Wee ginn an wa Weltmeeschterschafte sinn, da kann een dat ufroen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Den Diddelenger Lycée hat och oft scho Leit bei deenen Tournoien an do hu mir och ëmmer eppes ginn, ech erënnere mech dorunner.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, hei ass elo spezifesch.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hu gemengt et wier wéinst der ISF et wier net wéinst der Participatioun, mee well et den Handball ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass einfach e Cumul vun Weltmeeschterschaft an 2 Diddelenger déi do sinn, wa mir géifen eng Demande kréie fir op den ISF ze goen an et wiere keng Diddelenger dobäi da géife mir kee Subsid ginn, hei ass e lokale Lien. Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? **Dat ass unanime**, Merci. Da komme mir op deen nächste Punkt an dat ass eng Konventioun.



4. KONVENTIOUN MAT LISER

Approbatioun vun der Konventioun mat dem Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) betreffend d'sozioökonomesch Transformatioun an d'Ëmwandlung vu Land zu Diddeleng am Laf vun deene leschte Joerzénngen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mam LISER, Centre de recherche public, de fréiere CEPS/INSTEAD, wann dat Leit heibanne nach e Begrëff ass, deen deemools och den Här Schaber gegrënnt huet. Wéi gesot, hei ass awer elo de LISER Centre de recherche public, mat deem mir hei eng Konventioun maachen. Déi Konventioun reit sech och e bëssen awer an an déi wëssenschaftlech Zesummenaarbecht, an déi mir scho jo awer och mat engem aneren akademischen Acteur hunn, dat ass mat der Uni Lëtzebuerg, mat där hu mir jo zwou Konventiounen, och eng Konventioun ronderëm d'Recherche, notament ronderëm d'Migratioun, an déi aner Konventioun ronderëm d'Biergerbedeelegung, an hei mengen ech ass en zousätzlechen Volet ronderëm eng wëssenschaftlech Approche, wëssenschaftlechen Acteur, an den hei effektiv mam LISER gemeet gëtt, déi jo eng ganz Rei Domainen, mengen ech keen oninteressanten Acteur ass wat d'Recherche publique ugeet. Deen och hei da vertrueden ass duerch d'Madamm Muller an deen eng ganz Rei Recherché mécht ronderëm d'Inegalitéiten, ronderëm d'Evaluatioun vun der Politique publique, Relations employeurs-employés, Politique en milieu urbain, Mobilité.

Deen heite spezifesche Volet reit sech och e bëssen an déi Diskussioun an, déi mir elo virdrun hate ronderëm d'Convention initiale Pacte logement, well et - mengen ech - och den Esprit vun der Logementssituatioun, d'Logementsproblematik erëmispigelt. De LISER war jo och déi leschten Zäit ganz aktiv, wat d'Recherche ugeet. ronderëm de Foncier generell hei zu Lëtzebuerg an huet natierlech och do ganz oft Diddeleng als Étude de cas och geholl. Dat war den Här Paccoud, mat deem mir och wäerten hei zesumme schaffen. Dee jo och zwee wëssenschaftlech Artikelen geschriwwen huet, generell iwwert d'Mobilisatioun ronderëm d'Problematik vum Foncier, notament dann och all Kéiers Diddeleng als Étude de cas geholl huet. An doropshin, ech erklären e bëssen, ech huelen e bësse méi wäit aus fir e bëssen z'erkläre firwat et zu dëser Konventi-

oun komm ass.

A wéi mir dat natierlech gesinn hunn, si mir och aktiv un den Här Paccoud erugetrueden, fir och e bëssen den Echange mat him ze hunn, firwat Diddeleng als Étude de cas a bon, do si mir och an deenen doten Diskussiounen, et huet sech och erausgestallt, dass si och deelweis an hirer Recherche awer limitéiert waren an dass och eng Bereetschaft vun hirer Sâit, respektiv awer och vun eiser Sâit aus besteet, méi an den Detail ze goen, wat generell de Foncier hei zu Diddeleng ugeet an dofir hu mir och déi Konventioun hei ugesat op 3 Joer, vun 2021 bis 2024.

A wou et virun allem dann drëms geet och Réckgrëff ze kréien op eis Base de données. Et ginn eng Rei Base-de-données um nationale Plang, et ginn eng Rei Base-de-données um lokale Plang. Dass een och do - wéi gesot - en Echange kann hunn. Dofir ass och elo keng direkt Enveloppe budgétaire hei virgesinn, well effektiv déi Kollaboratioun sech éischer am Echange vun Donnéeë stattfënnt, fir dass si och fir d'Stad Diddeleng eng Rei Analyse maache kënnen. A fir lech e bëssen awer de Kader ze setze vun deenen Analysen, wéi gesot, wa mir elo déi Konventioun hei am Gemengerot stëmmen, da kann een deen doten Detail dann och méi op de Leescht huelen, déi Analysen op de Leescht huelen, an dat kann eis sécher och bénéfique sinn am Kader och generell vum Pacte Logement, respektiv vun anere Projeten. Also, wat einfach gekuckt gëtt méi am Detail, och op eng wëssenschaftlech Basis, also wierklech dann eng wëssenschaftlech Approche, d'Analys e bësse vum de Logement déi geschafe goufen um Territoire vun der Stad Diddeleng, och ze kucken wat waren déi Acteuren déi implizéiert waren. Et weess een, dass d'Unzuel vun Acteuren zwar staark present sinn, mee dass déi awer och ofhëlt um Niveau vun hirer Unzuel, also do ginn et eng Rei Indicateuren. Och e bëssen ze kucken hei zu Diddeleng, wat ass d'Evolutioun vun dem Profil vun deene Leit déi hei zu Diddeleng kafen.

Wat ass hire sozio-ökonomesche Profil, wat ass hiren Alter, wou sinn se gebuer, wou schaffen se? Fir och do eng Rei Donnéeë kënnen ze hunn, sinn dat Leit, déi fir d'éischt hei zu Diddeleng kafen, sinn et also des primo-accédants oder sinn et éischer Investisseuren, oder sinn et Leit déi op enger anerer Plaz verkafe fir op Diddeleng ze kommen. Dat heescht och, effektiv, déi Evolutioun kënnen ze verstoen, ze faassen, vun de Propriétaires hei zu Diddeleng. Ob se lo en Haus kafen, en Appartement kafen, och e bëssen do méi an d'Finnesse kënnen eran ze goen, an d'Recherche erlaabt eis dat. Dann awer och d'Analys ze maache vum Profil vun eise Locataires. Wat ass de Profil vun eise Locataires, an och do: Alter, sozio-ökonomesche Profil. Dat heescht wéi laang sinn se schonn hei zu Diddeleng, dat ass dann dee Volet.

An dann awer och d'Analys ze maache vun de Propriétaires vum Foncier. Wien ass dat, wéi laang sinn se scho Propriétaire? E Projet, och de Suivi vun de Projets résidentiels hei zu Diddeleng. Voilà, dat heescht, och déi verschidden Etappe vun der Mobilisatioun vun Terrainen, déi se hunn, fir dann och Logementen

ze kreéieren. Dat heescht, dat sinn am Fong esou Elementer, déi mir da wäerte probéieren, am Kader vu méi enger wëssenschaftlecher Approche op de Leescht ze huelen. Wat eis natierlech en contrepartie nieft deenen Donnéeën, déi ee schonn emol huet, awer dann och eng Rei Donnéeën ze hunn, déi eis e bësse méi Opschloss ginn ewéi de Moment. An, wéi gesot, mir als Gemeng aleng kënnen dat net maachen, mee wann een natierlech do e staarke Partner wéi de Centre de recherche publique huet op senger Sâit, deen awer och dann do Moyenen a Beweegung setzt fir dat méi am Detail ze kucken, dann, mengen ech, kann dat och bénéfique si fir d'Stad Diddeleng. Et ass also och e Projet de connaissance, géif ech soen, et ass net e Projet de recherche, mee och e Projet de connaissance, an dee mir eis hei areien, wéi gesot, mam LISER als eisem Interlocuteur privilégié, wéi een dat esou nennt. An deem dote Projet wäert dann och den Här Paccoud sinn. Dëst einfach fir e bëssen awer de Kader ze erklären andeem sech des Konventioun, wéi gesot, beweegt. Voilà, dëst zu der Presentatioun an d'Diskussioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Merci och fir d'Explikatiounen. Dir hat schonns gesot vum Här Paccoud, mir hate jo schonns eng Kéier rieds gehat, dass deen och erausfonnt huet, virun allem de Foncier, dat war jo dat wat am interessantste war fir de PAG, wéi do d'Oplëschung war. Meng Fro ass just: Et ass vill kritiséiert ginn dobaussen, dem LISER seng Etüden a seng Detailer, mee wann ech gesinn, wéi Dir dat elo gesot hutt, déi hu guer keen Accès op vill Donnéeën, zumools op déi kommunal Donnéeën alleguerten. Da war dat och net ëmmer esou eenditeg wat do erauskomm ass, well do ware jo vill Leit, déi gesot hunn, d'Resultater vun den Etüde vum LISER, déi sinn absolut diskrepant zu deem wéi et an der Realität ass. Mee ech fannen et gutt, dass mir elo op de Wee gi fir do wierklech eng Kooperatioun ze maachen, dass mir, wéi Dir gesot hutt, déi national an déi kommunal Donnéeën zesumme leeë fir effektiv och fir eis, fir d'Planung vun der Stad, dass mir do awer e bësse wëssen a wéi eng Richtung dass mir ginn. Dir hutt dat ganz genau erkläert, wat mir alles wëllen wëssen, dat ass och ganz wichteg esou.

D'Fro ass awer just, wat sech d'Leit vläit och dobausse virstellen: Wéi kommen déi Leit un déi Dossieren, un déi Donnéeën, pardon, wéi anonymiséiert gi mir déi Date weider? Dat ass jo eng Saach vum Dateschutz. Dir hutt gesot gehat, si wëllen analyséieren och wien d'Investisseure sinn, Premier-accoueurs an och wéi ee Profil eis Locataires hunn. Ginn do Echantillone gemaach, wat ass do ugeduecht, dass mir do Leit direkt kontaktéieren? Et muss ee jo och bedenken, mat eiser Multikulti-Populatioun hei ass dat jo sécher och eppes, e Facteur, dee sécher spillt, dass wann elo en Opruff gemaach gëtt, zum Beispill, dass d'Leit sech solle melle fir do un där Etüd deelzehuelen, dass do vill Leit eis duerch de Raster falen, wéi dat bei ville Saachen hei ass, well mir einfach net un verschidde Leit kommen. Dofir ass d'Fro konkret: Hëlt de LISER do Echantillonen vu - wat weess ech - vun 1000 Leit

an da kuckt en, oder 1000 Parzellen oder 1000 Logementer, wéi geet dat? Dat ass vläit interessant ze wëssen, e bëssen a wéi eng Richtung dass dat geet. A virun allem och wéi anonymiséiert sinn déi Daten, well Dateschutz ass jo sakrosankt hei am Land an do muss een awer oppassen, dass mir do net iergendwéi herno mat Bierger konfrontéiert ginn, déi net frou sinn, dass hier Donnéeën weidergi ginn. Dat ass eng wichteg Fro.

Dann, wat eis awer och um Häerz läit, dat ass awer och, dass mir als Gemengerot och vläit souguer, ech huelen un, an engem informelle Gemengerot informéiert ginn iwwert d'Resultater vun deenen Donnéeën, well dat ganz sensibel Donnéeën sinn. Ech denken, dass och de Gemengerot trotzdeem awer muss e bësse wëssen, wéi gesot en toute confidentialité, wat do erauskomm ass. Voilà, well mir hunn ëmmer Manéier, zum Beispill et ass och ëmmer e Wirtschaftsgipfel hei zu Diddeleng gemaach ginn an do ass de Gemengerot ni invitéiert ginn, wat mir ëmmer e bësse bedauert hunn, well och dat ass wichteg fir eis, dass mir wëssen hei wéi d'Entwécklung, déi ekonomesch Entwécklung hei zu Diddeleng ass. Dat ass just eng kleng Parenthèse. Mee mir hoffen awer hei, dass mir do awer déi Detailler vun där Recherche och virgestallt kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir hätten emol als éischt eng Fro: Ass eis Gemeng Demandeur oder war et de LISER? An dann hu mir festgestallt, dass dat eis jo näischt kascht, mee, ausser wann eis Leit an de Servicer da sollicitéiert gi fir matzeschaffen. Wa mir de B richtig interpretéieren, da gëtt jo awer éischter an d'Vergaangenheet gekuckt. Bon, de Buergermeeschter sot elo, dass och den Ist-Zoustand gekuckt gëtt, haaptsächlech vum Logement a vum Foncier. Do si jo och schonn Etüde gemaach ginn. Mee gëtt dann och elo do en Notzen erausgezu fir d'Zukunft? Am Artikel 4 steet, dass d'Resultater Propriété intellectuelle fir déi 2 Parteie sinn, "sauf disposition contraire définie dans la convention spécifique". Wat heescht dat genau? Muss dann eng extra Konventioun gemaach ginn? Mir ënnerstëtzen dës Konventioun fir d'Recherche an erhoffen eis interessant Erkenntnisser. Ënner anerem dann och fir de Pacte Logement kéint ee jo dann déi Leit vum LISER invitéieren, wa mir jo dann eng nei Kommissioun maachen, e PAG, e PAL, fir dat dann do virzestellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen. Nach weider Remarken? Dat ass net de Fall. Villmools Merci fir d'Stellungnahmen. Generell, de Kader vun der Konventioun, wéi bei ville Konventiounen, an och am Kader vun der Zesummenaarbecht gräift ee jo hei op Donnéeën zeréck, notament dann och Donnéeën, déi mir als Gemeng hunn an déi mir och dem LISER zur Verfügung stellen. Dat ass net anescht wéi déi Etüden, déi de LISER generell mécht. Do gëtt den Dateschutz natierlech respektéiert. Dat ass inhärent zu all Collaboratioun, an och den Esprit vun der Recherche publique, ça va de soi,

géif ech hei soen. An deem Sënn wäerte jo dann och net nominativ Donnéeën hei op den Dësch kommen. Dat gëtt schonn opgeschafft an analyséiert, dass een en Ordre de grandeur wéi gesot huet, och wann een natierlech, fir kënnen déi Analys ze maachen, op nominativ Donnéeën zeréckgräift, mee natierlech gëtt do eng, och an der Kommunikatioun, an der wëssenschaftlecher Kommunikatioun no baussen, an och an der politescher Kommunikatioun, fänke mir net un, do Leit mam Numm ze nennen, wie wou, wéi gesot, Propriétaire ass.

Wat eis och, mengen ech, d'Saach, ech wëll net soen erliichtert, mee ech mengen dofir ass e gudde Moment och fir, quitt dass dat heite jo op 3 Joer sech baséiert, déi Zesummenaarbecht, well dat awer eng gewëssen Zäit brauch an och d'Fro wéi geet de LISER vir, ech mengen de LISER als wëssenschaftlecht Institut huet jo eng gewësse Methodologie. Mir mussen nach e bësse mat hinne verdéiwen, wéi hir Methodologie ass. Ech mengen, déi hu mir nach net bis zum leschte Punkt mat hinne diskutéiert, mee ech mengen, als Centre de recherche public wëssen si jo wéi se virginn. Natierlech, an enger politescher, an enger wëssenschaftlecher Kommunikatioun no baussen, dat ass beim LISER net anescht wéi bei all anere wëssenschaftleche Kommunikatiounen. Do ginn et och Leit, déi vläit mat enger wëssenschaftlecher Kommunikatioun net averstane sinn an dat manifestéieren.

Och dat gehéiert zum Esprit académique, wëll ech awer hei nach eng Kéier betounen. An do sinn natierlech ëmmer Leit, déi fillen sech méi oder manner viséiert en fonction vun de Resultater, déi kommunizéiert ginn oder méi sensibel oder manner sensibel reagéieren, mee bon, dat wëll awer net heeschen, en tant que tel, dass déi Aarbecht, oder wëssenschaftlech Aarbecht diskreditéiert gouf oder schlecht ass, mee wéi bei all wëssenschaftlecher Aarbecht ginn et sécherlech Elementer, déi ze verbessere sinn oder déi en aneren Angle d'approche wielen, wéi vläit een, deen d'Analys liest an den Accent aneschters gesat hätt. Och dat gehéiert zu der wëssenschaftlecher Approche an ech mengen och dat mécht den Räichtum vun enger wëssenschaftlecher Approche. Ech wollt soen, wat - mengen ech - och de Moment gutt ass, dass jo och lo de Recensement ugefaangen huet. An duerch de Recensement kréie mir jo am Fong vun alle Säiten, mee och spezifesch zu Diddeleng eng ganz Rei Donnéeën, Propriétaires, Locataires. Ech mengen, dass dat jo och Saache sinn, déi och bénéfique kënnen sinn am Kader vun der weiderer Konventioun hei, déi och mat kënnen deementspreechend afléissen.

Dat heescht och de Moment ass och gutt fir esouwuel engersäits de Recensement, an awer och d'Konventioun an d'Zesummenaarbecht hei mam LISER. An et ass - mengen ech - absolut kee Problem wa mir éischt Resultater hunn oder en Tëschebilan vun der Recherche oder virun der Kommunikatioun vun den definitiven Resultater, et muss ee kucke mam LISER, dass een do ganz gären eng Kéier en informelle Gemengerot ka maachen, wou schonn eng Rei Informatiounen anony-

miséiert, wéi gesot, ka ginn. Ganz gären. An et kann een och kucken, a wéi engem Mooss, lo wëll ech op d'Fro agoe vun der Madamm Heinen, awéifern och zum Beispill, quitt dass et zwou verschidde Saache sinn, de PAL an elo hei déi heite Recherche, mee et kënnt sécherlech e Moment wou einfach hei eis Kommissioun an de LISER och kënnen zesumme komme fir béidsäiteg en Echange kënnen ze hunn. Ech mengen, wa mir schonn déi Kollaboratioun aginn, dass een och déi Momenter notze ka fir nieft dem Gemengerot och hei mat der Commission consultative de logement oder wéi mir se och dann nennen, en Echange deementspreechend kënnen ze hunn.

Dat dozou an dann d'Fro nach: "Wie war Demandeur?". Ma am Fong ware mir allen zwee Demandeur. Voilà. Engersäits d'Stad Diddeleng, déi interesséiert war, méi ze wësse vun der Etüd vum LISER, well Diddeleng als Etude de cas geholl gouf. Dat heescht, dofir war déi éischt proaktiv Demande vun eis aus, dat hat ech ugangs gesot, un de LISER. A wéi de LISER bis bei eis war, den Här Paccoud, huet hien och gesot ma mir stoussen op eng Rei Limiten an eiser Recherche an do brauche mir e gewëssenen Accès och un Donnéeën, déi d'Gemeng huet a voilà, aus deem eraus ware mir allen zwee Demandeur an dofir ass dës Konventioun entstanden, fir dann och hei eis Zesummenaarbecht kënnen ze festegen. Dat heiten ass wéi gesot dann en Thema, dat eis nach weider wäert beschäftegen.

Ass de Gemengerot mat dëser Convention-cadre a Kooperatioun mam LISER averstanen? **Dat ass unanime** an da soen ech lech och do villmools Merci.



5. AMÉNAGEMENT COMMUNAL - GEMENGEPLANUNG A STAD-ENTWÉCKLUNG

5.1. Stellungnam zu der proposéierter Aschreiwung vun eenzele Gebaier vum Stolwierk "Greisendall" als national Monumenter opgrond vun histoireschen, architektoneschen an ästheteschen Interessen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Énnert dem Punkt Aménagement communal geet et ëm e Klassement als Monument national vum Greisendall. De Greisendall den elo wéi gesot, oder laang Zäit, an der Propriétéit war vun Arcelor Mittal.

Säit Métt 2020 gëtt et do en neie Propriétaire, deen deen opkaf huet. A wéi gesot, am Kader och vun deem sengen Iddien, et ass nach näischt definitiv, do sinn éischt Iwwerleeunge fir de Site kënnen ze entwéckelen. Well den neie Propriétaire vum Site ass och selwer Demandeur fir de Site klasséieren ze loossen als Monument national. Dofir ass och déi Demande gemaach ginn un de Kulturministère, respektiv dann och hei vu Sites et Monuments.

An eisem PAG hu mir jo och schonn definéiert als Constructions à conserver, als Strukturen, déi erhale musse bleiwen. An och notament d'Portal an d'Mauern, dat hu mir an eisem PAG jo scho festgehalen. Doriwwer eraus war hei och d'Demande vum Propriétaire selwer, wéi gesot, dat heiten ze klasséieren, well en dann och bei der Viabilisatioun an der Rehabilitatioun vum Site herno dann och Subside vum Kulturministère wéi gesot kritt. Dat effektiv wat d'Origine vun dësem Klassement ugeet an dat hei schreift sech natierlech och an an e weidert Erhalen, an e weidert Revaloriséiere vum industrielle Patrimoine um Niveau vun der Stad Diddeleng. Mir hunn hei dann d'Propositoun kritt vun der Kulturministesch den 13. Oktober 2021, dat heiten an de Gemengerot ze huelen, fir et dann och klasséieren ze loossen, wëssend, dass d'Kommissioun des Sites et Monuments - Cosimo - den 13. Oktober 2021 och e positiven Avis ofginn huet.

Hei gesäit een och am Text eraus, wat den Historique vun deem Gebai ugeet, dat wéi gesot ëm 1926 am Lieu de Greisendall gebaut gouf. En eemolegt Blechwalzwierk, wou natierlech och d'Arbed dru bedeelegt war, wou natierlech och d'Arbed iergendwann ofgestouss huet, mee wéi gesot, wéi et 1926 a Betrib geholl gouf,

waren do am Fong zwee Beräicher, déi ofgedeckt goufen: Waarmwalzen a vu Mëttelblech a rengem Blech. An natierlech goufen och elo nach eng Rei Aarbechten, wéi gesot gemaach. D'Blechwalz-Wierkhal, déi gëtt erhalen, min. 02.51 d'Integritéitszentral gëtt erhalen. Dat ass wat een hei kann erausliesen nom Zweete Weltkrich gouf d'Anlag nach eng Kéier komplett erneiert. Och mat notament enger Societéit aus Amerika, vu Pittsburgh, do ass dat ganz moderniséiert ginn, och dat ganz Walzwierk ass moderniséiert ginn an et huet een sech dunn och fir d'Walzwierk mam System Steckel decidéiert, fir dat hei anzeféieren, wat och e gewëssene Virdeel um Niveau vun der Flexibilitéit abruecht huet. An am Fong ab 1964 konnt natierlech och dat Blechwalzwierk dee ganze Stol, deen hei zu Diddeleng produzéiert gouf, verschaffen. 1990 gouf et nach eng Kéier moderniséiert. Vun 2003 bis 2013, also gutt 10 Joer, gouf nach do weider galvaniséiert vun der Firma Dugal S.A.

A wéi gesot, do waren och an der Zäit nach gutt 30 Leit, déi och geschafft hunn an, wéi gesot, säit 2013 ass do d'Cession d'activité gemaach och ginn. Wat hei och interessant ass fir dëst Gebai, et ass 31 Meter laang, also et ass wéi gesot zimmlech grouss. Säit 2013 huet do näischt méi stattfonnt. Arcelor Mittal ass do och Propriétaire ginn an huet d'lescht Joer verkaf an hei ass dann elo de Propriétaire, dat ass Henry S.à r.l., wéi gesot, fir den Numm ze nennen, déi am Fong hei och d'Demande gemaach hunn, fir och kënnen dann dat heiten als Monument national klasséieren ze loossen. Dat e bëssen aus den Ausféierungen wat dëst Gebai ugeet, dat sech um Greisendall. Si Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dat ass natierlech ëmmer e ganz impressionanten Deel, wa Saache klasséiert ginn, zumools wann se eise Patrimoine industriel intresséieren. Den Historique, deen elo hei de Service Sites et Monuments eis geliwwert huet, deen ass natierlech extrem explizit, an en ass awer och konfus an en ass irreführend. Den éischte Problem, wou ech do gesinn, dat ass zum Beispill, dass do Saachen dra stinn, déi guer näischt mat dem Greisendall ze dinn haten. Dir Här Buergermeeschter, Dir hutt et lo selwer gesot, de Steckel wier do en Deel dovun gewiescht; dat ass falsch, wann ech mir dierf erlaben dat ze soen. De Steckel, dee war ni am Greisendall, mee dee war am neie Laminoire, dat ass eis grouss Walzhal, déi mir um Neischmelz Site hunn.

An hei si ganz vill Allusiounen och iwwert déi Leit, déi an Amerika gaange sinn, fir no neie Walzverfahren ze sichen, fir da mat der Firma United en Ofkommen ze fannen, dat alles huet guer näischt mam Greisendall ze dinn, mee mam Steckel. Wann een den Historique vum Greisendall kuckt, dee léisst sech a fënnef Sätz resuméieren. Dat doten ass a mengen Aen immens iwwerlueden an irreführend. Dat ass awer lo kee Problem, dat soll lo näischt dogéint schwätzen, dass mir déi Saach wëlle stëmmen, mee wann ech mol hei ganz kuerz wëll driwwer goen, 1908 ass deen Terrain scho kaf

gi vun der Arbed. 1925 ass d'Walzwierk eréischt gebaut ginn. 1958 ass schonn d'Mëttelblechproduktioun agestallt ginn, 1959 ass den Akzent haaptsächlech op d'Galvanisatioun gesat ginn an 1959 ass schonn net méi ganz vill gelaf, déi kleng Ajustementer do vum Walzwierk 1960 op d'Bandeisen vun 430 Millimeter, déi hunn nach eng Kéier e klengen Zousaz vum Walze ginn, mee haaptsächlech war a senge leschte Joren de Greisendall am Galvanisatiounsverfahre wichteg. A wat do steet vum Steckel, dat betrëfft de Laminoire: de Steckel ass 1984 zougemaach ginn an do koum dat CVC-Verfahre wat nach laang funktionéiert huet, bis 2005. Dat huet alles näischt mat dem Greisendall ze dinn.

Voilà, dat soll awer lo guer net de Wäert vum Greisendall minimiséieren, et war wierklech e ganz wichtegt Walzwierk iwwert Joerzénge, mee et muss een awer och e bëssen d'Saachen trennen, fannen ech. Also d'Produktioun huet 2001 opgehal, ganz einfach duerch d'Bréisseler Konventioun, wou d'Arcelor entstanen ass, do hu misse Saachen ofgestouss ginn, do ass de Greisendall ofgestouss ginn an zënterhier, 2003 bis 2013, war et jo eng privat Galvanisatiounsfirma. Duerno hate mir den Ewald Giebel an d'Galvalange, déi deelweis déi Saachen iwwerholl hunn, déi de Greisendall fréier gemaach huet. Also, dat just fir ze soen, ech menge wann een esou en Historique vun engem Sites et Monuments do liest, dat ass alles schéin a gutt, mee ech hunn den Androck, si bleiwen heiansdo net objektiv an si hunn e bëssen Tendenz, do Saache wëllen ze etofféieren, fir dass esou eppes och wierklech klasséiert gëtt.

Mir hunn do kee Problem domat, mir ënnerstëtzen dee Klassement gär, well mir och agesinn - wéi Dir sot, Här Buergermeeschter - dass et sech hei em e ganz wichtigen Deel vun eisem Patrimoine industriel handelt. An eisem Schéma directeur ST01 vum Greisendall, vum PAG, do ass och d'Weiderbestëmmung scho virgezeechent. Et kann een dat elo vläit eng Kéier kuerz esquiséieren, well do ass kloer dra geschriwwen, dass dat ni soll e Site ginn, wou Habitatioun dra kéim, mee dat gëtt e Site, wou déi Halen, déi elo do sinn, dat Elektrizitéitswierk an dat Verwaltungsgebai, gebraucht gi fir eng Reconvertioun ze maachen, mat Activités commerciales, économiques, culturelles, récréatives, mee et kënnt keng Habitatioun dran. Dat ass dat wat ee vläit nach kann ënnersträichen, dass de Wäert vun deene Gebaier éischter am kulturellen an am ekonomesche Beräich leit.

Dann hat ech nach eng kleng Bemierkung: Wann ech do am PAG den Avis vum Ministère de l'Intérieur kucke vum 27. Januar 2021: Do hate mir dann effektiv déi ganz Lëscht vu Fotoen vun deene Gebaier, déi erhaltenswäert sinn. Do war dat Verwaltungsgebai dran, do war de Portail d'entrée mat senge Grillen, an do waren déi zwee Gebaier, d'Walzwierkhal an d'Elektrizitéitshal. Do stoung awer och nach als erhaltenswäert Gebai déi Bréck, déi hanne beim alen Douaneshaischen iwwert d'Strooss geet. Dat ass déi Bréck, iwwert déi d'Matières premières mam Zuch era geliwwert gi sinn

an de Greisendall, an déi fäerdeg gewalzten a galvaniséiert Blecher sinn duerno iwwert d'Strooss rëm eng Kéier zeréckgefuert. Déi Bréck gehéiert a mengen Aen och grad esou gutt zum ganze Site Greisendall wéi de Recht. Hei ass awer lo guer keng Allusioun an der Stellungnam vum Sites et Monuments wat mat der Bréck geschitt, obschonn si awer am Januar geschriwwen hunn, et géif grad esou gutt zu de schützenswäerte Gebaier gehéieren wéi déi dräi aner Saachen. Dofir wollt ech froen, wéi do d'Ausrichtung ass. Fir de Rescht ass et fir d'CSV selbstverständlech, alles wat do uewen op deem Site Neischmelz kann u Patrimoine industriel erënneren, ass selbstverständlich erhaltenswäert a mir sti voll do derhannert fir déi Ëmklasséierung als Monument national. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler. Nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Et ass jo eng gutt Saach dass zu Diddeleng e weidere Site vum dem industrielle Patrimoine op d'Lëscht vun de schützenswäerten nationalen Denkmaler gesat gëtt. Mir erënneren eis drun, datt et virun e puer Joer ëm déi Fro gaang ass: Wéi eng vun de verbliewenen Halen an Anlagen um Site Neischmelz erhale solle ginn a wéi eng ofgerappt solle ginn. Um Enn kounn eng Lëscht eraus, déi iwwer dat erausgaangen ass, wat de Service des Sites et Monuments nationaux an hirem Gutachten virgeschloen hat. Notamment ass och dat sougenannt Stolwierk last minute op den Inventaire geholl ginn, während dee sougenannten Hall Fondouq censéiert ass ofgerappt ze ginn, obschonn dat deen Eenzegen ass, deen eng Commodo-Incommodo Autorisatioun fir de Public huet.

An dofir gëtt déi condemnéiert Hal dann och aktuell vill genotzt, och vun der Gemeng. An och 2022 soll am Kader vun der Kulturhauptstad do d'Ausstellung Minette Remix gewise ginn. Eng vun den Expositions phares vun Esch 2022. De Fall vum Greisendall ass awer elo e bësse speziell an originell. Dofir ass et d'Méi wäert, e puer Wieder doriwwer ze verléieren. De Greisendall ass vun der Arbed Arcelor Mittal senger Zäit net an déi Virwëlztut Nei Schmelz agepak ginn. Firwat ass net genau gewosst, mee et ass unzuehuelen, dass déi nach ganz intakt riseg Hal op weineg kontaminiertem Buedem vum Stolkonzern souzeseen als Réserve foncière gehale ginn ass, am Fall wou se kéint zu engem gudde Präis verlount oder esouguer selwer genotzt ginn. Et huet sech awer net vill geden, an et huet een och keng gréisser Entreprise gesinn, déi déi Hal genotzt huet.

Elo kënn de Ministère de la Culture mam Service Sites et Monuments a proposéiert, déi Gebaier ze klasséieren. Firwat deen Äifer wou de Sites et Monuments jo soss net esou äifreg ass, Industriesitten ze klasséieren éier eng Notzung dofir an Aussicht steet, voir Rout Lëns zu Esch, Arbed Schëffleng zu Esch a Schëffleng, Kamäiner op Belval an och d'Gebliëshal vum Belval. Mir hunn no Erklärungen gesicht. Virun zwee Joer wollt de Service Sites et Monuments selwer dat Gebai mat

Geld vum Staat vun Arcelor Mittal ofkafen fir do Lokomotiven a Waggonen aus der Industriegeschicht ze stockéieren an eventuell an engem Musée ze weisen. Dem Ministère war déi Zomm awer ze vill héich. An och d'Konzept vum Musée war net iwwerzeegend wou et dach schonn de Fond de Gras gëtt. Dofir huet de Staat de Greisendall net kaf an d'Arcelor huet sech no engem anere Client fir déi Immobilie ëmgekuckt. Ufank vun dësem Joer ass dunn de Greisendall verkaf ginn, u wien ass jo elo gesot ginn, a fir wéi een Zweck, dat wësse mir awer nach net. Weess d'Gemeng do vläit méi?

Egal wéi, de Service Sites et Monuments hat scho vorausschauend e positiven Avis fir de Klassement schreiwe gelooss. Net iwwerraschend wollten se jo do era plënnere. Déi Argumentatioun hunn sech dunn eng Rei Bierger a Biergerinnen vun Diddeleng a ronderëm, aus dem Ëmfeld vun der neier Associatioun Industriekultur CNCI zu eege gemaach fir de Klassement vum Greisendall beim Ministère de la Culture unzefroen an zwar an enger Demande vum 18. Februar 2021. No der gülteger Prozedur dass et net eng Associatioun, mee Privatpersoun sinn, déi esou eppes mussen ufroen. Déi Demande ass jo du vun der zoustänneger Kommissioun Cosimo guttgeheescht ginn. Eis war net bekannt datt den neie Propriétaire déi Demande gemaach huet.

Egal wien elo d'Demande gemaach huet, vläicht war et och déi zwou, d'Privatleit an déi nei Firma, d'Haaptsaach et gëtt klasséiert. Et ass net iwwerraschend, datt mir als Gréng all déi Argumenter fir d'Klassement als Industripatrimoine kënnen ënnerstëtzen.

Allerdéngs wier et och flott wann een an nächster Zukunft méi gewuer géif ginn, wien den neie Propriétaire, neen, also wat deen neie Propriétaire da wëllt mam Greisendall maachen. Well mat de Contrainten vum Denkmalschutz kann ee jo net méi egal wat maachen. Vläit ergëtt sech à moyen terme, wann deen anere groussen Objet Neischmelz mol richtig an d'Rulle kënnt, eng Perspektiv fir déi riseg Hal an den Areal ronderëm fir eng innovativ Notzung opzemaachen, esouwuel fir nei ekonomesch Notzungen, Start-ups, wéi och fir Kultur, Tourismus oder Fräizäit. Vläit kann d'Gemeng do een vun hire partizipative Konsultatiounsprozesser mat de Biergerinnen a Bierger lancéiere fir allméiglech Iddien op den ronnen Dësch ze bréngen. En attendant gi mir Gréng dann och eisen Accord zu deem Punkt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech vläit op déi verschidde Punkten agoen. Also wat jo de Greisendall ugeet, bon iwwerengs, am Kader vun eisem PAG, probéieren op dem Här Gangler an och op der Madamm Heinen hier Froen ze äntweren. An eisem PAG ass et jo sou dass mir hei eng Zone spéciale hunn. Et gëtt jo eng Zone spéciale Greisendall, déi hu mir jo hei am Gemengerot gestëmmt, an egal wéi eng Orientatioun, an do ass jo och fest, dass effektiv eng Rei Aktivitéiten do kënnen stattfannen, do hu mir och ekonomesch Aktivitéiten,

kulturell Aktivitéiten, sozial a speziell Aktivitéiten, ech mengen, dat ass eng Mëschfunktioun, déi do ka stattfannen a sécherlech och, wéi den Här Gangler gesot huet, keng Habitatioun. Dee Kader hu mir jo gesot am Kader vun der Zone spéciale Greisendall, am Kader vun eisem PAG, éischstens. Zweetens, fir dat dote ze entwéckelen, brauche mir e PAP. Bon, sou wäit si mir nach net, mee dat heescht, de Propriétaire am Kader vun der Entwécklung vum Site Greisendall och mam Klassement, muss e PAP an d'Prozedur schécken. An dat kann een net maachen ouni d'Gemeng, an och ze kucken wat d'Ausrichtung ass. Do ginn et eng Rei Iwwerleeungen, eng Rei Pisten. Mee bon, nach mussen déi, wéi gesot, ausgeschafft ginn.

Dat e bëssen zum Prinzip wat deen dote Volet ugeet. A mir hunn och schonns als Gemeng dem Propriétaire awer och mat op de Wee ginn, wann en do de PAP wëll maachen, no der Weiderentwécklung, dass natierlech och de Projet Greisendall sech muss mat Neischmelz alignéieren. Et ass net iergendwéi en îlot à part, mee et ass esou, dass een natierlech och muss kucken, wéi een déi zwee herno mateneen och kann urbanisteschesch verbannen, well se awer elo geografesch getrennt sinn an awer no bäi, wéi gesot, leien. Dat mat der Bréck, mir prononcéieren eis op dat wat mir hei virleien hunn, wéi gesot, déisen Avis. Natierlech och wann eng Bréck klasséiert gëtt als Monument national. Do kann een d'Fro stellen: Soll se Monument national ginn oder net, do kann een elo schlecht hei jugéieren, do ass natierlech och de Problem vun der Sécherheet, vun der Stabilitéit. Mir befannen op dat wat mir elo hei kritt hunn, do ass déi am Fong net dobäi, och wann ech hei eraushéieren, mengen ech, dass awer dat heiten an déi Richtung ka goen, dass et Monument national gëtt.

Richteg ass, dat kann een hei soen, ech hunn et net gesot, mee anerer hunn et da gesot, dass Arcelor natierlech sech dat dote gehalen huet fir sécherlech nach iergendwéi am Kader vu monetären Zwecker awer nach kënnen eppes erauszeshloen, a si hunn dann hei en neie Propriétaire fonnt, mengen ech, deen awer och ganz beméit ass - et muss een awer soen, mir haten éischt Kontakter mat deem - dee ganz beméit ass, engersäits dass et sech an Neischmelz areit an awer och eppes Interessantes do ze maachen, wat och eng Plus-value ka si fir de ganze Site Neischmelz a wat sech do entwéckelt, där Saach sinn ech och bewusst an et kann een och hei soen, dass se och en Architekt hunn, e Lëtzebuerger Architekt hunn, deen och ganz sensibel ass fir esou Saachen. Ech mengen, dass dat déi Prerequisiten awer och do sinn, fir dat och esou kënnen ëmzesetzen.

Dat e bëssen zu deene verschiddene Stellungnamen, déi zwou Stellungnamen, déi hei gemeet goufen. Voilà. Ass de Gemengerot averstanen, dass hei Greisendall Monument national gëtt? **Dat ass unanime**, da soen ech lech och hei villmools Merci. Domat komme mir zu deem nächste Punkt.

5.2. Ausübung vum Virkafsrecht fir Terrainen op der Lëtzebuergerstrooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dese Punkt ass e Punkt, wou mir hei als Stad Diddeleng d'Virkafsrecht wëllen zéien, an dat ass hei an der Lëtzebuerger Strooss. Hei geet et am Fong ëm en Terrain an der Lëtzebuerger Strooss, mat enger Contenance vun 2 Ar a 14 Zentiar, hei de Präis vun 107 000 Euro. Dat heiten ass effektiv en Terrain, deen den Här Chavas an d'Madame Gomez verkafen un d'Entreprise Kuhn a wou effektiv mir och de Courrier kritt hunn, ech mengen Dir gesitt an Ärem ganze Courrier, an Ärem ganzen Dossier dee Courrier, deen hin- an hi ergaangen ass, wou mir informéiert goufe vum Notaire, dass den Terrain verkaf gëtt, dass mir och do gesot hunn, dat huet am August 2021 ugefaangen, mir hunn natierlech dann am September dem Notaire gesot, dass mir intresséiert sinn, d'Virkafsrecht ze zéien.

Mir hunn och do en Accusé de réception kritt, eng nei Demande och vum Notaire. An effektiv fir do och déi néideg Donnéeën ze kréie fir och kënnen ze evaluéieren ob mir wëllen zéien oder net. Mir hunn och am Oktober d'Propriétaires an de potentielle Keefer och informéiert, dass mir d'Virkafsrecht wëllen zéien. An haut, wéi gesot, ass et am Gemengerot. Et muss een och hei soen, dass dat heiten sech areit, an dat gesitt dir jo och an dem Schrëftverkéier, deen hei stattfonnt huet, dass dat heite jo eng Parzell ass vun 2,14 Ar. An dat Ganzt, et ass e Schéma directeur, dee jo och am Kader vum PAG an d'Prozedur geschéckt gouf, en vue vun engem zukünftege PAP, deen awer nach net virläit, deen nach net agereecht gouf. Mee mir hunn awer graff e Schéma directeur virleien an an deem potentielle PAP oder an där potenzieller Entwécklung vun deem dote PAP, dee plus minus 99 Ar huet, hu mir als Gemeng scho ronn 6 Ar. A mir wëllen hei d'Virkafsrecht zéie fir dass mir och weider dann iwwer déi 2,14 Ar och weider Propriétaire kënnen ginn, fir dann och Co-Lotisseur mat ze sinn als Stad Diddeleng, an der Ausaarbechtung ebe vun deem PAP, den iergendwann eng Kéier kënnt.

Ech kann lech elo net all Detail soen, well dat och net ausgeschafft ass, mee de Gemengerot gëtt jo souwiesou saiséiert am Kader vum PAP, mee et ass en vue vun eben der Ausschaffung vum PAP. A wéi Dir jo gesitt an den Dokumenter, wéi gesot, de Präis ass do. Et ass och e Präis wou mir net onbedéngt präisdreiwend sinn als Gemeng. Dat si Präisser, déi nach an deem Sënn OK sinn an dofir mengen ech och am Kader vum Interêt vun der Stad, am Kader vun engem PAP, dee spillt, am Kader och, dat war e bëssen den Hannergedanken vun der Gemeng fir och d'Virkafsrecht ze zéien, dat heiten ass jo och e PAP, deen an déi nei Dispositiounen wäert fale vum Pacte Logement, och mat deenen Tauxen, et dass och do natierlech d'Iwwerleeung ass, dass mir natierlech och dann hei weider och Wunnengen wäerten huelen als Stad Diddeleng.

Déi Intentionen hu mir och scho bekräftegt dem Propriétaire an och dem Promoteur, deen hei wéi gesot da wëll de PAP an d'Weeër leeden. Dëst gesot einfach e bëssen zu de Beweegrënn firwat dass mir hei gär wëllen d'Virkaftsrecht zéien. D'Diskussioun ass op, ginn et Remarken dozou? Demanden? Dat ass net de Fall. Ass d'Gemeng dann domat averstanen, dass mir stolze Propriétaire gi vun 2,14 Ar? **Dat ass unanime**, villmools Merci..

5.3. Approbatioun vun der neier Konventioun an dem Ausféierungsprojet betreffend de Sonderbebauungsplang (PAP) "A Bëlleg"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op de leschte Punkt vum Aménagement communal. Dat ass d'Konventioun an de Projet d'exécution vum PAP A Bëlleg. Bon do ass et jo esou dass mir am Gemengerot jo déi heite Konventioun gestëmmt hunn. Dat war jo den 16. Juli 2021. Déi hate mir gestëmmt. Déi hate mir ageschéckt an de Ministère de l'Intérieur. An dofir hate mir lech dat Dokument och nach eng Kéier nogeschéckt well et net onwichtig war fir d'Bewegrënn kënnen ze erklären, firwat dass mir et nach eng Kéier op den Ordre du jour geholl hunn. Effektiv ass eis hei gesot ginn, dass mir missten undeiten, wat am Fong de Präis ass vun deene Wunnengen, déi mir als abordabel agestuft hunn an déi mir als Gemeng wëlle kafen.

Nach eng Kéier, pour mémoire, et ass jo esou, dass hei 178 Unitéiten entstinn an d'Gemeng jo hier Intention bekräftegt huet, dat hu mir och nach eng Kéier an d'Konventioun elo wou mir se frësch gemeet hunn, nach eng Kéier dra gesat. Dat hate mir och schonn déi lescht Kéier am Juli gesot, dass d'Gemeng jo ganz kloer bereet ass an och wëll 17 Unitéiten hei, wéi gesot, kafen. Dat sinn 3 Eefamilljenhaiser a 14 Appartements. Dat hu mir nach eng Kéier hei och schrëftlech dra gesat fir dat nach eng Kéier ze bekräftegen obwuel déi politesch Intention ganz kloer do ass.

A wat mir eben hei nach eng Kéier dra gesat hunn, ech mengen wat maassgebend war, dat war effektiv dann och de Präis. Ech mengen et ass jo effektiv opgeléicht an der Phase, op der Sait 5 gesäit een dat, an der Phase 1 an an der Phase 2 an 3, wat am Fong déi Unitéite sinn, déi mir kréien. Dat si jo 2945,16 Meterkarreeën, dat am Fong déi 17 Unitéiten ausmécht. An déi Präisser, déi mir dann elo hei dra gesat hunn, dat ass am Punkt C, dat sinn dann engersäits 2804,42 Euro de Meterkaree, ouni TVA. Dat heescht, mat deene 17 Prozent TVA si mir bei 3280 Euro de Meterkaree, wat de Bau ugeet.

Da kënnt natierlech och den Terrainspräis dobäi, dat heescht 1650 Euro de Meterkaree, sou dass de Prix total de vente bei 4930 Euro de Meterkaree ass. Den Ajout hu mir hei nach eng Kéier an d'Konventioun dra gesat, esou wéi de Ministère de l'Intérieur et wollt. Wëssend, dass et och wéi gesot hei eng Konventioun dann ass, wou mir ënnert dem Punkt D dann och dra gesat hunn, dass mir hei d'Acquisitioun maache

vun deenen dote Logementen. Dat heescht dann, mir hunn nach eng Kéier déi Präzisioun dra gesat an nach e klengen Detail, dass mir am Artikel 4 wat d'Garantie ugeet och nach de Promoteur, den Entwéckler vum PAP dra setze gelooss hunn. Et ass jo och nach jee-weils eng Assurance wéi bei all Locatioun, ech mengen dat hu mir nach dra gesat, mee wat wéi gesot maassgebend war, dat war am Fong dann hei de Präis vun de Wunnengen. Voilà, dat nach als Präzisioun, datt mir des Konventioun nach eng Kéier op den Ordre de jour hei huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech muss awer och hei festhalen, dass réischt op Nofro vun der CSV mir de feelende Courrier vum Inneministère zougeschéckt kritt hunn. Et ass awer en Element-clé vun dëser neier Konventioun, déi mir mam Promoteur ausgeschafft hunn. Mir hunn se missen ausschaffen well déi initial Konventioun déi ass vum Ministère de l'Intérieur verworf ginn. Dat muss een awer vläit eng Kéier soen. An en ass verworf ginn, éischters well d'Conditionen an d'Präisser vun der Vente oder der Locatioun vum Logement à coût modéré net drastoungen. Effektiv hate mir bei der leschter Sitzung, verschidde Fraktiounen haten nogefrot, wéi dann déi Präisser festgesat gi sinn. A mir haten och nogefrot, och als CSV an och Déi Gréng - mengen ech - haten dat selwecht gefrot, ob mir dann och all wëlles hunn, alleguerten déi Logementen an eise Parc immobilier eranzuhuelen.

Den Här Buergermeeschter hat eis effektiv am Verbatim och gesot, dass dat esou ass. Mee ech fannen dat och wichtig dass dat hei dra festgehal ass an d'Ministesch huet dat jo och esou gesinn. Deen zweete Punkt ass firwat mir d'Konventioun nach eng Kéier zeréck kritt hunn, firwat se verworf ginn ass, well den Délai de réalisation de projet, d'Realisatioun a Phasen, den Deroulement vun all Phas, dass deen net kloer festgehale gouf. Dat war och eppes wat d'CSV och monéiert hat. An dat ass och eppes, wou ech herno nach wëll drop agoen. Wat awer och e wichtige Punkt ass, dat ass vläit elo hei guer net ugeklongen, ech hu mir d'Méi gemaach fir déi zwou Konventiounen niewenteneen ze leeën, do ass awer och nach eng ganz wichteg Ännerung agefloss am Artikel 4.3., dass d'Baugenehmung dierf erdeelt ginn, och éier d'Infrastrukturaarbechte fäerdeg sinn.

Dat ass och en neie Moment, dat mécht och Sënn, ech hat et och a menger Interventioun scho gesot, well an der éischter Konventioun, do stoung explizit dran, dass dat just eng Autorisatioun wier fir d'Sous-solle vun de verschiddene Residenzen, do stoung explizit dran "aucun autre permis de construire ne sera délivré avant l'achèvement intégral de tous les travaux ci-avant désignés", dat heescht, dat sinn d'Infrastrukturaarbechten. Elo ass dat awer net esou, an dat ass och ganz ganz wichtig, an dat gëtt och dem Promoteur méi eng Libertéit vum Planen. Dat heescht awer och, dat heescht awer och, dass et net annerhalleft Joer dauert bis d'Infrastrukture fäerdeg sinn an dann dierf eréischt gebaut ginn, dat kann och deelweis parallel lafen.

An da kommen ech erëm zu der Interventioun, wou ech déi lescht Kéier gemaach hunn an dat hänkt sech och e bëssen dorunner wat d'Ministesch monéiert huet, dass mir de Phasage net ganz kloer definéiert hunn. Well wann éischter dierf gebaut ginn, da kommen och éischter Leit dohinner wunnen an da brauche mir och éischter Raimlechkeete fir déi Kanner fir an d'Schoul ze schécken. An da kommen ech erëm op meng Doleance zeréck, dass mir dee Projet Balzenger Schoul, deen hei an dëser Konventioun explizit erëm erwänt ginn ass an och dra bliwwen ass, dass mir deen Ausbau nach net um Leescht hunn. Dat misste mir esou séier wéi méiglech ugoen, an do nach eng Kéier mäin Appell, ech hoffen dass mir dat deemnächst kréien. D'lescht Kéier war eng grouss Opreegung hei op der Säit vun der Majoritéit, wéi ech dat esou gesot hunn, mee ech fannen et och elo nach ëmmer net ganz zefriddestellend, dass mir hei elo deen Artikel Phasage liicht verännert hunn, mee et steet awer nach ëmmer dran, dass de Promoteur d'Phas 1 an zwee Deeler muss maachen.

Déi éischt Etapp, déi kann en dann elo maachen an dann, do steet nach ëmmer deen ominéise Saz dran "Ensuite, dès que les capacités scolaires et d'accueil de l'école Balzeng auront été élargies et donc suffisantes, les maisons unifamiliales restantes de la phase 1 pourront être autorisées". Ech denken net, dass dat dat ass, wéi d'Ministesch kloer schreift "en délai de réalisation du projet et en cas de réalisation en phases successives, le déroulement de chaque phase doit être décrit", ech denken, dass dat heiten esou eng Wischiwaschi-Formulatioun ass. Ech froe mech ob mir dës Konventioun net nach eng Kéier zeréckgeschéckt kréien. Mee, wéi gesot, ech hätt mir do awer méi eng Rigueur erwaart an och méi eng kloer Verbesserung mat genau den Delaien, wéini wat dann elo soll gemaach ginn.

Witzeg, neen, also ech fannen et am Fong traureg, dee Saz deen ënnendrenner steet an der Konventioun zum Phasage: "la commune ne manquera pas d'en avertir le maître de l'ouvrage en temps utile". Éierlech! Also, wat ass dat da fir e Saz fir an eng Konventioun ze schreiwen? Do hätt een, wéi gesot, menger Meinung no awer misse méi kloer soen : Bis dann an dann ass dat gemaach. Ech hunn awer och eng konkret Fro: "Les phases 2 et 3 ne pourront être mises en oeuvre qu'ultérieurement, selon les disponibilités des terrains" - Wat heescht dat? Huet de Propriétaire déi Terrainen dann nach net alleguerten oder, mir wësse jo och, dass verschidde Privatleit deenen hier Terrainen do gehéieren och wëllen op hirem Terrain do bauen. Wat seet dee Saz aus? Deen ass och net konform mat deem wat d'Ministesch freet. "Il faut indiquer le délai de réalisation du projet et en cas de réalisation en phases successives le déroulement de chaque phase."

Ech mengen, dat heiten ass och erëm sou en ongléckleche Wischiwaschi-Saz, deen, fannen ech, net zur klorer Denominatioun vum Phasage bäidréit, well wat awer leider nach dra stoe bliwwen ass, dat ass an dat steet do bei den Delaie vun de Phasagen, do steet klo-

er dran, wann de Promoteur bis zwee Joer de Projet net ugeet, da verfält d'Konventioun.

Mee et steet iwwerhaapt näischt dran, an dat hat ech och schonns d'lescht Kéier gesot, wat geschitt wann d'Gemeng an zwee Joer nach kee Schoulraum huet, mee virun allem, et 'steet net dran, dass Ribeschpont als Alternativ ka gëllen, dat hat d'Madamm Di Bartolomeo mir gesot, ma do hu mir jo nach Raimlechkeeten, hei steet decidéiert d'Balzenger Schoul dran. Dofir, menger Meinung no ass dës Konventioun besser well ech dat gesot hunn, dass och kann eng Baugeneemegung ausgedeelt ginn éier d'Infrastruktursaarbechte fäerdeg sinn, dat fanne mir luewenswäert. Besser fanne mir et och, dass effektiv och d'Präisser vun de Logementer dra sinn, mee dat anert mam Phasage, do si mir absolut nach ëmmer net zefridden. Ech hunn awer nach eng Fro zu de Präisser, do wollt ech froen: Wéi waren - ech hunn dat elo net, ech hat d'Zäit net, et war vill nozekucken, dat hat ech awer elo net méi nogekuckt - wéi waren eis Präisser op Lenkeschléi, wéi mir do kaf hunn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir hunn et nogekuckt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Hutt Dir - ech huele jo un, dass Dir et nogekuckt hutt, da kënnt Dir mir da vläit soen, wéi déi Präisser waren.

Wéi gesot, dës Konventioun ass schonn däitlech besser, mee se ass awer nach ëmmer net gutt an dofir enthalen mir eis och bei dëser Konventioun, esou wéi mir et och bei der éischter gemaach haten, aus deenen Argumenter, déi ech virdrun hei ausgebreet hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Also, ech ginn elo net am Detail méi op dës Projet an, dat ass jo alles den 29. Mee diskutéiert ginn am Gemengerot an ech schlësse mech do den Aussoe vum Här Thill un, mengem Virgänger, deen d'Positioun vun Diddeleng duergeluecht huet. Ech fannen et begrëssenswäert, dass elo an der Konventioun steet, dass déi 10 Prozent effektiv vun der Gemeng kaf ginn. Dat ass zwar net, dass d'Wuert näischt wäert ass vum Buegermeeschter, et war jo och gesot ginn am Gemengerot, mee et ass awer ëmmer gutt wann et och als Supplement nach dra steet. Voilà. Mir ass just eppes opgefall, an ech sinn elo hei keen Expert a vläit soen ech elo eng Dommheet, mee, am Artikel 8, do ënnert de Präisser, do steet dra vun engem Indice de la construction 811,88 an do steet a Klammeren, do steet dran am Text "en date d'aujourd'hui" an a Klammeren (27/6/2019). Ech wollt just froen ob ech dat falsch verstinn oder ob dat e kleng Feeler ass, well beim Déierenasyll zum Beispill ass den Indice schonn 841, 52 dann 2020. Mee wéi gesot, ech si keen Expert an ech loosse mech gär beléieren ob dat do elo e Schreiffeeler ass mat deem Datum do an deem Indice

oder ob ech dat vläit falsch verstinn. Voilà, dat war och eigentlech alles wat ech dozou ze soen hat an an der Kontinuitéit vum Vote am Mee wäert ech mech dann awer och enthalen herno. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da géif vläit eis Architektin, d'Cathy Mambourg, op déi méi technesch Voleten agoen.

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER STAD DIDDELENG): Jo, d'Madamm Kayser huet jo scho gesot, dat mam Phasage ass e bësse méi heikel. Deen anere Phasage, dee mir elo bäigefüügt hu mat de Baugeneemegungen, ech mengen, dat ass vum Promoteur kloer esou gewollt, dat ass och eng gutt Saach, d'Sous-solle kënne gläichzäiteg eropgezu ginn an eben och verschidde Baugeneemegungen erdeelt ginn. Beim Phasage ass et eng Saach, déi net nëmme vun der Volontéit vum Promoteur ofhänkt, mee do sinn eben déi Phasen 2 an 3, dat sinn aner Propriétaires, déi aktuell nach net gewëllt ware fir matzemaachen, dofir hu mir dee Saz esou dra geschriwwen, wéi d'Gegebenheeten eben haut sinn, quitt dass dat vläit elo net esou aussagewürdeg ass, awer méi ass awer de Moment net dozou méiglech ze soen. Dat ass eng Residence eben an en Eefamilljenhaus an déi aner Säit nach eng Kéier eng Residence, déi Phase kommen esoubal eben déi Weiche gestallt ginn, datt déi Phase kënnen developéiert ginn. Dat anert ass vläit nach eng Kéier fir Dech ze soen, an déi Saach mam Indice des prix, dat ass dee Präisser wou mir vum Promoteur esou matgedeelt kritt hunn, mir kënnen also dat vläit nach eng Kéier esou nofroen, awer ech géing mengen, datt mir dat esou stoe loossen emol, dat ass jo egal wéi den Index, wou ugepasst wäert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech wëllt nach eng Kéier op dee Volet, engersäits effektiv et war en Oubli, dass mir dee Courier vum Ministère de l'Intérieur net geschéckt haten, dofir hu mir en nogeschéckt, dofir mengen ech, voilà, dat ass Partie intégrante, ech mengen et ass och dat wat ausschlaggebend war, dass mir dës Konventioun wéi gesot nach eng Kéier hei an de Gemengerot geholl hunn. Wéi gesot, en Oubli an ech wollt dat hei eng Kéier betounen. Op der anerer Säit, um Niveau vun den technesch Voleten, mir wäerten am Budget 2022 virgesinn d'Schoul Balzeng auszebauen. Dat heescht, do wäerte mir Kreditter dran erëmfannen. Ech mengen, dat hate mir och d'lescht Kéier am Juli scho gesot, dass mir an déi dote Richtung wäerte goen an ech wëll also hei nach eng Kéier widderhuelen, bekräftegen, betounen, dass mir an déi Richtung ginn.

An dann nach eng Kéier, wëll ech awer och hei soen, par rapport, d'Madamm Kayser mécht rëm ganz iwerrascht oder dass dat net gutt ass, déi Phasagen nieft den Erklärungen, déi d'Madamm Mambourg elo hei ginn huet, déi Phasagen, déi arrangéieren de Promoteur. Dat mag engem vläit als CSV net gefallen, mee si arrangéieren de Promoteur an der Entwécklung vun

deem dote PAP an hien ass maassgebend dru bedeelegt, un der Entwécklung vun deem dote PAP. Och dat widderhuelen ech hei nach eng Kéier, bekräftegen ech nach eng Kéier hei, dass dat ganz kloer esou ass.

Wat elo och nach eng Kéier dës Konventioun ugeet, wat am Fong de Fong an och nach eng Kéier d'Form ugeet, ech ginn dovun aus, mir deelen da vläit net - ausser eisen Hausaffektot géif komplett falsch leien - deelen net d'Aschätzung vun der Madamm Kayser, dass se net nach eng Kéier esou géif approuvéiert ginn, dës Konventioun, well eisen Hausaffektot, de Maître Helminger, huet se nach eng Kéier op Häerz an Niere gepréift, duerchgeliess, gekuckt, a mir hunn se och mat sengem Aval nach eng Kéier hei an de Gemengerot geholl, sou dass ech dovunner ausginn, dass se esou wéi se hei formuléiert ass, hieb- a stichfest ass.

Mir haten och nach Récksprooch mam Ministère de l'Intérieur geholl. Eet sinn eng Rei Parametere, mengen ech, déi hei berücksichtegt goufe fir dass se hei kann an de Gemengerot kommen, fir dass se och kann deementspreechend approuvéiert ginn. Dat nach zu den Ausföerungen, wéi gesot, zu deene Remarken, déi gemeet goufen. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn.

Wien ass hei mat där Konventioun Projet d'exécution averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, d'LSAP an eisen onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV an déi Lénk.

An da soen ech och dem Cathy Mambourg Merci fir seng Presenz haut de moien hei am Gemengerot an da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen.



6. APPROBATION VUM FORSTPLANG FIR D'GEMENGEBÛSCHER FIR D'GESCHÄFTSJOER 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Eise Forstplang fir d'Joer 2022, begréissen eisen neie Fieschter, de Guy Rassel, et ass déi éischte Kéier dass hien den Exercice mat eis am Gemengerot zesumme mécht an ech ginn hei direkt d'Wuert un de René Manderscheid, eisen Ëmweltschäffen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Deen sech ganz kuerz ka faassen, Dir wësst, dass traditionsgeméis am Hierscht de Plan de gestion vun eise kommunale Bëscher duerchgeet. Wéi ëmmer hu mir och dëst Joer am Virfeld vun deem Plang hei am Gemengerot och eng Bëschbegehung mat der Ëmweltkommissioun an dem Gemengerot, déi invitéiert waren, wéi de Fieschter eis kompetent duerch de Bësch gefouert huet an eis all déi néideg Erklärungen ginn huet, déi ze beuechte sinn. Wéi gesot, ech ginn dem Fieschter d'Wuert fir an den Detail anzugehen an duerno ass dann d'Diskussion op.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DIDDELENG): Majo gudde Moien, villmools Merci Har Buergermeeschter a Schäfferot, léiwe Gemengerot, ech maachen eng kuerz Presentatioun doriwwer wat mir wëllen hunn am Bësch fir d'Joer 2022 aus deem Grond well dat Dokument, wat mir lech ëmmer zoukomme loossen, ass relativ schwéier verdaulech, dofir wollt mir dat mat e bësse méi Transparenz virdroen. Hei eng Kéier e kuerze Plang, déi Presentatioun kritt Dir och geschéckt, et geet einfach drëms, e bëssen Transparenz ze hunn och géigeniwwer dem Bierger. Mir wäerten och - wat vum Schäfferot gefrot war - méi mat dem Service Relations publiques eis Aarbechten ukënnegen, fir esou entgéintzewierken, dass mir do net vill Kritik kréien oder déi nodréiglech schwéier ze argumentéiere sinn.

D'Couppen, dat heescht, do wou Holz gehae gëtt, dat wäert ronderëm de Sender sinn, do ass elo virgesinn, dass dee gréissten Deel soll gehae ginn. Dann hu mir d'Securisation vun de Stroossen, wat wierklech wichtig ass. Duerch déi verschidde Joren, déi dräi lescht Joren, déi immens dréche waren, leiden eis Buchen onheemlech vill, si setzen hir Krounen zeréck, si sinn d'lescht Joer esouguer vun 2-3 Méint ofgestuerwen,

verschiddener, doduerch musse mir e bësse méi intervenéieren. Mir hu schonn eng Interventioun gemaach zu Butschebuerg, a Richtung Kayl, mir mussen deemächst nach eemol dee Wee fir bei de Fernsehsender erop intervenéieren, well do vill déck Buchen ofgestuerwe sinn, déi mir da mussen ewechhuelen.

Dann hu mir nach e Projet Régénération du chêne, do geet et drëms, d'Eechen am Wal an an der Där, wou mir wëlle mat der Verjüngung schaffen, dat heescht, déi al Eechen wou de Som eroffält, dass mir déi dozou kréien, dass déi erëm opwuessen. Et kéint een och e puer Plantatiounen maachen, allerdéngs war dat schwierig duerch déi dréche Joren. Do misst een dann netze goe mat Dréckwaasser, dat wëlle mir scho guer net. Diddeleng huet elo den Avantage, dass do eng Quell ass, déi net kann agespeist ginn, wou mir drop kënnen zeréckgräifen, mee am Prinzip soll ee mat de Beem, déi do stinn, schaffen, well déi och vill besser ukommen. Firwat d'Eech? Well dat ass dee Bam, wou och am Klimachangement méi laang déi Dréchtenen do wäert packen wéi Buchen.

Dann hu mir nach eng aner Plaz, dat ass och fir bei de Sender erop, do ass Eichentriebsterben, dat ass am ganze Land, europawäit souguer, dat ass e Pilz, wou d'Gefässer zousetzt vun de Beem, notament vun der Esch, déi dann eben ofstierwen, déi mussen mir och ewechhuelen well dat laanscht d'Strooss steet an da kucken, wat drënner steet an do dann eventuell eng kleng Plantatioun maachen. Da wäerte mir och am Thilleweier, do kënnt en Zoulaf, esou eng kleng Baach, déi wäerte mir reamenagéieren, déi ass relativ déif ageschnidden, ech kommen do herno drop zeréck, an nach Biotopen uleeë fir d'Gelbbauchunke, dat si kleng Lächer, wou Waasser ka stoen, net ze vill en héijen Niveau, wat sech séier kann erwärmen. Déi sinn am Frankräich present, hei zu Lëtzebuerg quasi net méi, dofir wollt mir hei op der Grenz e puer Biotopen erschafen.

Dann ass nach virgesinn, de Parking a verschidde Weeër, déi ufalen am Laf vum Joer, fir déi neizemaachen, wann se an engem schlechten Zoustand wieren. De Moment hu mir virgesinn, dee Parking wann Dir bei de Sender eropkommt vun de Scouten hir, dass mir deen emol nei amenagéieren, deen ass relativ matgeholl. Dann ass nach eventuell virgesinn - mir mussen elo kucken, wat se am Ausland soen - d'lescht Joer gouf jo gesprézt géint den Eichenprozessionsspinner, mir hunn dat elo mol an de Budget gesat fir nach eng Kéier: D'lescht Joer war näischt am Budget, do gouf do en anere Kredit geholl, dëst Joer ass et mat dran a mir kucken dann, wat se am Ausland soen, ob se dovunner ausginn, dass et erëm eng massiv Vermehrung gëtt vun hinnen oder eben net, fir da gegebenefalls an der Le'h nach eemol ze intervenéieren, well do d'Resultater - souwuel do wéi och am Parc Merveilleux - ganz gutt waren, obschonn et zwee Deeg méi spët nodeems gesprézt gouf, gereent hat, waren do awer vill manner Problemer.

Prévisions en coupe dat ass kuerz d'Duerstellung, wat huet Gemeng vu Bësch, 306 Hektar dann – e bësse speziell - d'Le'h fält nach mat an de Bëschcharacter, heescht awer Park Le'h a gëtt och e bësselche anescht bewirtschaft. Et kann een also schwätze vun enger Forêt exploitable wou een dra schafft, 283 Hektar an ënne riets ass en Accroissement, dat ass am Plan d'aménagement, all 10 Joer gëtt esou e Plan d'aménagement ausgeschafft, wou dann alles analyséiert gëtt an do kënnt och e Wuesstum eraus, wat am Joer esou an der Gemeng vun Holz nowiisst an dat sinn 1900 Meterkibb, dovunner kann een 1300 Meterkibb eraushuelen, well wa mir de Bam ëmleeën, bleift och e gewëssenen Deel am Bësch a gëtt vun der Schuel ofgezunn an do kënnt een dann op 1300 Meterkibb, wat een am Joer kann notzen.

Wat gëtt genotzt oder wéi eng Previsiounen hu mir fir dat nächst Joer? Grumes, dat sinn d'Filetsstécker, dat ass den ënneschten Deel vum Stamm, domadder gëtt Wäertholz produzéiert, d'Eeche zum Beispill ginn an d'Fässerindustrie, oft an d'Frankräich, d'Buche ginn entweder hei an Europa genotzt oder awer och vu Lëtzebuurger Händler kaf an an d'Ausland weiderverkaf, notament oft a China, well déi besser Präisser ginn. Do war de Präis elo eemol agebrach, deen éischte Präis ass deen, wou mir d'lescht Joer kritt hunn an dee virdrun ass dee vun deem Joer virdrun, dëst Joer war e ferm an d'Luucht gaangen, notament vum Nolenholz, deen huet sech awer och schonn erëm stabiliséiert. Haaptsächlech sinn et d'Buchen, déi mir haen, firwat net vill Eechen? Well mir déi nach brauche fir d'Some fir d'Naturverjüngung ze maachen. Da komme mir do bei de gréissten Deel, well mir do net méi vill haen duerch déi Dréchent, well mir net wëllen de Krounendaach oprappen, well dann do d'Sonn voll eran dréckt an de Buedem dann net fiicht genuch bleift an da leiden se nach méi. Dofir hu mir den Hiebsaz vun deem, wat mir wëllen haen, och schonn zeréckgesat an een Deel geet an d'Brennholz, 200 Meterkibb hei zu Diddeleng, wat dann ausschliisslech un d'Awunner geliwwert gëtt. Dat mécht en Total vu 469 Meterkibb fir dat nächst Joer.

Do gesitt Dir ënnendrenner, dass dat nach net chiffriert ass well dëst Joer nach net ofgeschloss gouf, 2020 333 Meterkibb, 2019 waren dat 1600 Meterkibb, ech hunn dat nogekuckt firwat et do esou héich war, dat war well do massiv Borkenkäfer war an dat huet 800 Meterkibb uitgemaach. Dat ass esou, d'Nolenholz wat hei net standortgerecht ass, do kann emol sinn, elo duerch Dréchent falen déi quasi alleguerten ewech, Fichte an do waren 800 Meterkibb matenee futti gaangen an dann awer och genotzt a verkaf ginn. Do leie mir wäit drenner wat mir kéinten haen, dat ass just fir ze weisen dass mir de Bësch nohalte bewirtschaften. 1300 Meterkibb kéint een huelen, mir huelen der knapp 500 well mir méi wéi nohalte sinn an deem Punkt.

Do gesitt Dir den ënneschten Deel, wat draus gemaach gëtt, an uewen ass éischter Bois d'énergie. Dat doten ass dee Fall, wou mir zanter leschtem Joer

massiv an de Bësch begéinen. Diddeleng ass nach e bësse méi verschount wéi déi Gemengen niewendrun, duerch de Minettsbuedem, deen ass awer e bësse méi fiicht, mee um Sender gesitt Dir dat doten, beim Waasserbaseng hannendrun, do sinn e lauter sou Buchen, déi einfach den Daach verluer hunn an do och net méi als Wäertholz kënne genotzt ginn.

Chauffage, do hunn ech och mol d'Opstellung gemaach, d'lescht Joer goufen 315 Stär verkaf, mat enger Recette vu knapps 20 000 Euro. Déi Jore virdrun hunn ech iech eemol opgezielt fir dass Dir en Iwwerbléck kritt. Dat ass relativ stabil hei zu Diddeleng, et sinn awer scho gréisser Quantitéite par rapport zu anere Gemengen, mee Diddeleng ass mëttlerweil scho gutt equipéiert, dat ass eng Maschinn, wou de Stamm drop geluecht gëtt an hanne kënnt et fäerdeg eraus an dat vereinfacht d'Saach. Dëst Joer hu mir vill Reklamatiounen kritt well mir esou spéit u sinn, dat ass bedéngt duerch de Guy Netgen, deen an d'Pensioun gaangen ass, ech war nach zu Beetebuerg am Congé parental an den Aarbechter, deen de Camionsführerschäin huet, den eenzeg, deen ass och an d'Pensioun an ass nach net ersat ginn. Mir kucke fir dat elo Meeschter ze ginn, dat klappt och, mee d'nächst Joer verbessere mir dat dofir huele mir Commanden net méi iwwer Telefon un, mee mir versichen am Blietchen, respektiv um Internetsite vun der Gemeng dann e Formulaire auszeschaffen, also änlech wéi dee vun der Nopeschgemeng deen dass d'Leit dat schrëftlech era ginn, dann hu mir eng Trace mat Adress mat allem, dann ass dat fir mech vill méi einfach. Do kéint een iwwerleeën ob een déi Broschür vu Myenergie mat liwwert, do sinn effektiv vill Leit, wou um Telefon gesot hunn, Äert Holz ass jo dréchen, do sot ech Neen, dat ass héchstens virgedréchent wann et wéi d'lescht Joer virgeliwwert gëtt mee ech soen, Dir musst et ee Joer dréchnen loossen, dann ass et vill méi effizient well do geet quasi d'Halschent vun der Heiz Leeschtung verluer wann een et nach fiicht verbrennt.

Dann, punkto Naturschutz am Bësch, ech hat et ugeschwat, e Projet fir eng Forêt alluviale Thilleweier, hannendrun, do stinn Hybridpëppelen, déi géife mir gären eraushuelen an dee Moment wat eben do passt dat ass d'Eller, déi steet och schonn do, déi géif sech och gutt vermehren wann do eemol Luucht ass, respektiv esou en artifizielle Gruef, dee mir da géife maachen an e bësse méi förmeg duerch déi Fläch leeden, wou da kéint vum selwen eng Forêt alluviale sech entwéckelen, dat wier mat engem relativ gerénge Käschtepunkt machbar. Dofir steet dat do dran. Just kuerz, hannert dem Thilleweier do steet Nr. 4 an 5 dat fannt Dir an deem schwéier verdaulechen Dokument, Plan de gestion, wat Dir do kritt hutt, do fannt Dir den Numéro d'ordre, do ass dat dra chiffriert mat den Zuelen. Dann d'Gelbbauchunke, dat ass näischt anescht wéi sou eng Zort Mouk, mat engem giele Bauch ass, e bësse méi speziell, am Frankräich present mee hei quasi net nogewisen. Op der Haardt sinn der e puer nogewisen, do géife mir dann zousätzlech Biotope schafen.

Dann, wéi ech schonn ugedeit hat vun der Eecheverjéngung, haaptsächlech am Wal, firwat musse mir dat maachen, dat do steet schonn deelweis am Wal vum Guy Netgen opgeriicht, mee mir wäerten där der zousätzlech musse maachen well déi Eecheverjéngung duerch de Wëlddrock – d'Schwäi frësst en Deel vun den Eechelen, da kënnt d'Réi, dat graast of an dann hu mir Bonsaien am Bësch an déi Hordengatter sinn do fir dat ze vermeiden, bis se eng gewëssen Héicht hunn, dann huele mir dat dann och ewech a just dass d'Eech ka starten, soss ginn se bei 20-30 cm Héicht ofgebass. Voilà, dat soll och kartografesch vun engem Büro begleet ginn, fir dass mir do eng Trace hunn, notament wann de Fierschter géif wiesselen, dann huet een do eng Trace wat soll gemaach ginn a wéi et soll weidergoen. Zousätzlech dozou gi pro honnert Hektar, dat ass vun der Verwaltung virgeschriwwen, e Weisergatter gemaach, dat sinn 12 op 12 Meter an dat wieren der dann zu Diddeleng dräi oder véier, déi mir kënne maachen, dat wier déi clôturéiert Fläch, déi gëtt bannendran wuesse gelooss, da kënnt an eng Vergläichsfläch niewendrun, déi änlech Bedingungen huet vun der Luucht a vun de Beem, déi ronderëm stinn, wou dann e wëssenschaftleche Suivi gemaach gëtt a wou gekuckt gëtt, wat wisst ouni Wëlddrock a wat wisst baussen an deene Konditiounen, wéi mir se eben hei hunn.

An anere Revéieren hate mir der schonn 2016 gehat, dat ass scho markant, dat seet schonn eppes aus, dass et och do wichteg wier fir mat de Jeeër doriwwer ze diskutéieren, net datt si soen et wier ze vill Wëld a mir soen, et ass net genuch Wëld, sou kann een dat dann neutral kucke goen an et huet een eng neutral Basis fir do eng Diskussioun ze féieren. D'Jeeër hunn e Plan de tir schonn ze erfëllen, wat se bis elo och scho gemaach hunn, wéi ech weess, mee bon, et ass fir dat neutral dann och kucken ze kënnen. Dann, d'Weeër, déi hate mir dëst Joer schonn ugefaangen, deen éischte Schnatt zumindest wollte mir weiderféiere mat den Ardenner Päerd méien, do kouw och d'Kritik, et wier Drock drop, dat ass net wouer, et ass eng Batterie drop, déi de Géigestand erop- an erofhieft, dat ass just elektresch, do gi keng Ofgase produzéiert. Dann, d'Securisation, wa mir déi Beem ewechhuelen, wou kee Laf méi drun ass, kann dat éischt Bild ënnen um Stamm sech presentéieren oder dat zweet eben an dat ass och, do gi mir dann herno geschleeft wann dat zweet Bild kënnt, dat ass, dass de Bam bannen dra gesond ass, dat ass effektiv net selten, mee fir eis ass et immens schwéier ze beuerteelen, wann de Bam futti ass an e steet niewent dem Wee op 1- 2 Bamlängten, da musse mir de Wee securiséieren, dat heescht, dee Bam muss ewech a wann en da bis fort ass, soen d'Leit, jo mee e war awer gesond, dee schéinen ale Bam. Dat ka geschéien, mee et ass just fir ze illustréieren, déi zwee Fäll kënne sinn, mee egal wéi muss en ewech well mir net kënnen an dee Bam era gesinn.

Voilà, dat ass Stroossen, Gehaansbiérg, Ginzebiérg all d'Bëschweeër, dann de Park Le'h, notament déi Sit-ten, déi mir do hunn, eben d'Spillplaz, de Buerfouss-

wee an zousätzlech am Park Le'h hu mir elo virgesinn, e Bamkadaster ze maachen, änlech, dat do ass elo en Auszug aus dem Parc Merveilleux, do gi mir mat engem Expert hin, déi ginn eemol d'Joer kontrolléiert an dee gëtt eis eng Lëscht wat a wéi engem Bam muss gemaach ginn. Firwat an der Le'h? Well dat e Site ass, wou extrem vill Leit sech ophalen a Kanner sech ophalen a wann eppes géif geschéien, hu mir am Moment keng Trace wou mir vun der Responsabilitéit hir richteg erauswieren, eiser Meenung no. Mir hu wuel Facturen, dass mir securiséiert hunn, mat Facturen, awer bei eisen Aarbechten hu mir keng Facturen, hei ass en Outil, wou et dann, wann et sollt dann zu engem Accident kommen a Leit blesséiert wieren an déi géifen en Affekot huelen, da kënne mir nowiesen, dass mir eist beschtméiglechst gemaach hunn, do hu mir dann eng Opstellung mat engem Suivi mat enger Tabell, wou mir gesinn, wat mir mam Bam gemaach hunn an e Reschtrisiko bleift ëmmer, mee op mannst kënne mir hannerleeën, wat mir gemaach hu fir eng Vermeidung, dass esou eppes ka virkommen. Mir géifen dat dann ufänke fir déi sensibel Sitten an da kann een dat ausbauen, mee wéi et am Moment ass, ass et relativ kritesch wann eng géif virkommen. Voilà, da géife mir och eis Aarbechter ausrüsten, mir hunn der zwee, déi d'Formatioun elo gemaach hunn, fir an d'Beem och ze klammen an eben do d'Securisation ze maachen, just deene Material kafen.

Dann hëllef mir och dem Service Jardinage, wéi nom Stuerm, da kënne mir do direkt mat eisen Aarbechter intervenéieren, de Moment huelen si hiert Material mee et ass besser et ass vun der Gemeng an da gëtt dat ëmmer mat kontrolléiert.

Dann, den Eichenprozessionsspinner, ech weess, do ginn d'Meenungen auserneen, mee wéi gesot, wann een eng besser Iddi huet, kann e gären domadder kommen a mir kënnen och gären doriwwer diskutéieren, mee mir hunn dat lescht Joer och scho laang gemaach mat villen Acteuren. Dat eenzegt wou am Moment hëllef ass effektiv dat Sprëtzen. Dat mécht kee gären, mee et ass op eng limitéiert Surface, wou de Restaurant ass mat all deenen Infrastrukturen, et luet een d'Leit dohinner an, fir dohinner ze kommen, da muss een do och fir d'Sécherheet suergen, well dat Schlëmmst kéint geschéien, wéi d'Santé eis matgedeelt huet, wann do kleng Kanner spillen a mat der Hand an esou en Nascht, dat eroffält, géife gräifen an dann an d'Aen, do kann ee schlëmm Komplikatiounen am A kréien an do huet een d'Waldschoul och an alles, dat wier net gutt. De Ministère gëtt jo och net fir alles eng Autorisation, wann eng Gemeng elo ufreet fir Stroossebeem, dat gëtt normalerweis ofgeleent, mee souwäit ech weess huet de Ministère fir de Park Le'h do d'lescht Joer eng Autorisation erausginn. Et ass schonn e Chiffer am Plan de gestion, dee beleeft sech op 55 000 Euro aleng nëmmen d'Securisation, wat eben zouhëlt duerch déi klimatesch Konditiounen, wou am Moment sinn.

Dann d'Juegd, déi ass nei versteet ginn, dat heescht do sinn elo nei Locataire-de-chassen, um Diddelenger

Territoire sinn 8 Lot-de-chassen, do maache mir och Kontrollen op se valabel sinn, normalerweis ass et eemol pro all Lous wou mir eng Kontroll maachen, do ginn d'Juegdpermise kontrolléiert ob déi valabel sinn, de Port d'arme, d'Restrictions de tir, wou de Juegdpiechter ausschwätzt, a kucken, wat herno geschoss gouf. Si hunn de Plan de tir ze erfëllen, si deelen eis déi Donnéeë jo och ëmmer mat an ech muss soen, bis elo waren do nach keng Komplikatiounen hei zu Diddeleng oder an Nopeschgemengen. En cas de doute huele mir esouguer Prelevementer, dat hate mir gemaach, do war en Hirsch geschoss ginn d'lescht Joer, well hei awer keng Hirsche sinn, war eis dat immens suspekt an do hu mir dann och genetesch Analyse gemaach a mir waren do mam Jeeër dohinner an do louch effektiv voch Blut an deen hat sech effektiv do veriert. E war villäicht schonn hei zu Lëtzebuerg, mee mir hate schonn eng Kéier een op der Autobunn zu Helleng, déi kommen aus dem Frankräich dann eriwuer. Dat ass eng komesch Plaz, dofir war et eis immens suspekt, et hätt kënne sinn, dass ee keng Marke méi gehat hätt an een den Hirsch ofgefouert huet, mee dat war awer definitiv net de Fall, dat muss ech awer soen. Aus Virsiicht hu mir awer déi genetesch Prouf geholl.

Hei si Biller vum leschte Joer ronderëm de Sender, do ass en Dachs, Dir hutt schéint Wëld hei, heiansdo sinn se esouguer mateneen, et gesäit een et elo net gutt op der Foto, déi éischt do ass e Réi hannendrun an ënne geet den Dachs mam Fuuss op d'Kirrplaz. Mir kucken dat, mir halen dat am Suivi, well do muss ee soen, do hunn d'Jeeër Recht, d'Wëld ass effektiv quasi nëmmen nach nuetsaktiv, et ass schwéier fir d'Jeeër ze schéissen, well och do gesitt Dir d'Auerzäiten, do kann de Jeeër schonn net méi schéissen. Dat ass eng Stonn viru Sonnenopgang an eng Stonn no Sonnenënnergang. Dat ass och net einfach fir d'Jeeër, dat muss een unerkennen. Voilà, d'Rekreatioun an d'Sensibiliséierung vum Public läit eis um Häerz, bedéngt well Beetebuerg den Ament fräi ass muss een do nach ersetzen, elo mat Schoulkanner oder esou, dat géif mäi Kader hei elo sprengen, dat ass am Moment net machbar, dat kënne mir awer gären déi Joren duerno maachen, wa Beetebuerg nees besat ass, am Moment kënne mir dat awer op Demande maachen an organiséieren.

Da war nach vum Arrondissement Sud vun der Naturverwaltung mat "Eis Beem hu Charakter" eng Campagne gemaach ginn, déi gëtt elo Enn dës Joers op der Gemeng virgestallt, do hate mir d'Bevëlkerung agelueden, d'Gemeng hat dat och verdeelt iwwer en Toutes boîtes an iwwer den Internetsite, fir remarkabel Beem eis eranzeschécken, do sinn der och e puer erakomm an Enn dës Joers gëtt dat der Gemeng virgestallt. Hei ass ee Bild, wou een era geschéckt huet, dat ass déi Eech an der Le'h déi hat den Netgen Guy fräigestallt fir dass déi méi zur Geltung kënnt, dat ass effektiv e schéine Bam. Am Moment gëtt et kee Schutzstatus fir remarkabel Beem, et gouf dat virun 2018 am Naturschutzgesetz, de Moment sinn se net geschützt, mee do soll awer eppes nokommen an do soll d'Reglement eng Kéier ugepasst ginn.

Da maache mir op Demande fir eben d'Schoulkanner, am Moment nach op Demande, mir iwwerleeën ob mir hinne sollen e Katalog maachen. Zesumme mat der Schräinerei hate mir elo nach Diskussiounen fir eist Holz nach méi ze verwäerte mat der Schräinerei vun der Gemeng, well alles géife mir net packe wa mir bis e Katalog fir de Cycle 1 erausginn, mee d'Demande ass awer do, de Moment sinn et éischter déi, déi wou eis kennen oder de Schräiner kennen, mee et muss een sech dat iwwerleeën ob een net do e puer Saachen wëll maachen, well wann et reent, kënnen eis Aarbechter déi Saachen do gär maachen, dat ass guer keen Thema an et ass awer flott fir d'Kanner. Da schaffe mir mat deenen aneren Organisatiounen och gutt zesummen, ORT, Sicona an de Service Jardinage.

D'Acquisition machines, do gesitt dir, Dir si gutt ausgerüst. Wat mir awer nach mussen kafen, dat ass en neien Trail, deen ass net méi ganz konform, hannert dem Trakter mat enger Telecommande, de Moment muss een deen do en Hiewel bedéngen, wat awer net méi den neie Sécuritétsbestëmmungen entsprécht a fir ze vereinfache fir déi Saache fir d'Schoulen, eng grouss Stéchsee. Den Tableau comparatif ass meeschtens dat wat d'Leit interesséiert op der Gemeng, do sinn déi zwee Joer eng Kéier niewentenee gesat. D'Salaren, fir dat ze verstoen, dat sinn d'Aarbechter, déi mir hei stoen hunn, déi gi vun der Verwaltung bezuelt an all Mount gëtt gekuckt wou se schaffen, ob se zum Beispill um Staatsterritoire schaffen, wéi op der Haardt oder eben um Gemengenterrain, am Bësch, an um Enn vum Joer kritt d'Gemeng eng Facture au prorata wat se hei geschafft hunn. Dat beleeft sech normalerweis op ongeféier 240 000 Euro, et gëtt elo e bësse manner well een Aarbechter jo elo net ersat ginn ass, do gewanne mir e bëssen. Bei der Facture ass awer och e bësselchen eppes dobäi komm, bedéngt duerch den Eichenprozessionsspinner an dat läit zimmlech, do hu mer bei den Investissementen e Minus vu 5 950 Euro an ënne steet eppes falsch, bei de Recettë misst et + 7 000 Euro sinn, mee graff gesinn ännert et net ganz vill.

Travaux Site Affilux, ech weess net ob Dir dat wësst, mee eise Site ass op der aler Affilux, am Frankelach. Elo ass geplangt fir nei Halen ze bauen, do komme mir am Moment och gutt viru mat Bâtiments publics, déi éischt Pläng si scho quasi fäerdeg, et soll elo nach détailléiert gemaach ginn, ech weess dat dauert scho laang, fir eis och, mee am Moment leeft et. Mir hunn oft Reuniounen, all dräi Wochen, do soll en administratiiv Gebai komme fir véier Fierschteren, dat heescht Diddeleng, Beetebuerg, Réiser an nach de Yann Herr (?), deen sech ëm Trockenrasen këmmert, déi al Minièressitten an dann d'Hal ebe fir Beetebuerg an Diddeleng fir d'Geschier ënnerzestellen, dat gehéiert dem Staat. D'Travaux d'assainissement si gemaach, dat anert ass amgaangen, de Budget ass 3 Milliounen Euro, dat ass eng Question parlementaire vun der Gemeng hei vu verschiddene Verrieder.

Voilà, jo, dat ass scho laang an der Planung, mee de Moment gesäit et esou aus wéi wa mir gutt géife vi-

rukommen nodeems et eng Zäitche gedauert huet. Voilà, wann Dir elo nach Froen hutt, ganz gären, och duerno kënnt Dir mech um Handy uruffen, dat ass elo och esou, ab de Méinden hunn ech d'Nummer vum Här Netgen, dann ass dat méi einfach och fir d'Bevëlkerung. Ech soen lech villmools Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Guy Rassel, fir Deng Presentatioun, ech hunn ëmmer an der Vergaangenheet gesot, dass dat Dokument vun der ANF fir eis relativ schwéier ass ze verdauen, mee de Guy Rassel huet et awer ronnt bruecht, dat Dokument mat Liewen ze erfëllen. Dir hutt eis dat Dokument an enger PowerPoint-Presentatioun mol bildlech vill méi lichter gemaach, d'Ausféierunge ware kompetent, wéi och eis Bëscherbegehung, dofir villmools Merci fir déi gutt Presentatioun a wéi gesot, d'Diskussioun ass op.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, also, an eiser Stellungnam wäert ech op de Forstplang, allgemeng de Bësch a besonnesch op de Park Le'h agoen. Merci eisem neie Fierschter, dem Här Rassel, fir déi ganz flott Presentatioun an déi interessant a wichteg Informatiounen, do si ganz vill flott Projete dobäi. Ech fänken dann emol hannen un. Dat Holz fir d'Bastelaarbechten, dass een dat kann ufroen an dann d'Biotope fir d'Gelbbauchunke. Beim Thilleweier do gëtt renaturéiert, do wollt ech awer mol nofroen: Dat war jo ëmmer de SPOND, deen dat Haischen do hat, wien sech do ëm dee Site këmmert, ob et deen nach gëtt, de SPOND?

Dann hat ech nach eng Fro, wou ech an den Dokumenter gelies hat, do stoung och Point de vue Roubierg, do war net dovun geschwat ginn: Wou soll deen hinkommen a wéi soll deen ausgesinn? Wa mir de Forstplang vergläiche mat deem vum leschte Joer, gesi mir e bësse Variatiounen bei verschiddenen Artikelen, awer keng riseg Ënnerscheeder wat d'Investissementen an d'Revenuen ubelaangt. De Fierschter huet eis erkläert, dass net vill Geld verdéngt ass mam Holz well hei zu Lëtzebuerg keng Demande ass fir dat ze verschaffen an et méi lukrativ ass, et mat Containerschëffer a China ze verschécken. Obschonn et lues a lues e Wandel fir d'Holz vun hei och hei am Land an nach besser an der Gemeng ze verbrauchen, sief et als Brennholz oder eis Schränner kënnen et och verschaffen als Bänken, zum Beispill, dat bréngt eis dann och nach Punkten am Klimapakt.

Am Allgemenge stelle mir fest, dass net vill gehae gëtt, dass nohalte gewirtschaft gëtt an dat ass gutt esou, eise Fierschter bleift domadder an der Kontinuitéit vu sengem Virgänger fir de Krounendaach esou intakt wéi méiglech ze halen an de Bësch klimaresilient ze gestalten, mat Aarten, déi der Dréchent besser ugepasst sinn. Fir d'Visite mat der Ëmweltkommission hat den Här Rassel an de Bësch an d'Le'h invitéiert. Hei si verschidden Aarbechte virgesinn a mir kruten och deen Dag eng live Demonstratioun, leider, well de Bam war krank. De Gesondheitszoustand vun den alen Echebeem an och vun anere Beem mécht

Suerger. Fir d'Securiséierung vun de Weeër a Plaze mussen ganz Beem gehae ginn oder gréisser Äscht ofgeseet ginn, dat huet meeschtens mat ganz vill Emotioun vun Diddelenger Bierger erdroen, déi net verstinn, firwat d'Le'h ëmmer méi eidel gëtt. Vun all de Bëscher zu Diddeleng ass an der Le'h de Konfliktpotential am gréissten. Op 23 Hektar fanne mir ganz vill Infrastrukturen, Stroossen, Parkraum, vill grouss a kleng Trëppelweeër, 2 asphaltéiert Plazen, e Restaurant, e Kiosk, 3 Spillplazen, eng Maison Relais, 1 Bürosgebai, e Preau, 2 Haisercher, 2 Sportsterrainen, 3 Spillplazen, e Kannerwanderwee, e Buerfousswee, e Kloterpark, en Déierenasyl e Klengdéiereverband an d'Opfänkstation fir Wëlldéieren. Do kann engem als Fierschter schon emol de Schweess ausgoen fir alle Mënschen an Déieren eng sécher Zäit an deem Erhuelungsgebitt ze erméiglechen a sécherzestellen, dass kengem en Aascht op de Kapp fällt.

Mir fannen dofir déi Iddi vum Bamkadaster eng ganz wichteg Iddi fir déi sensibel Sitten. Dobäi kënnt an der Le'h d'Verdichtung vum Buedem, eng Konsequenz vu villen Aktivitéiten. D'Reewaasser kann net gutt versickeren an d'Organismen am Buedem leiden an erfëllen hir Funktiounen net méi. Ville Leit an och deene Grénge läit d'Le'h um Häerz, mir hunn eis vill Gedanken gemaach a folgend Virschléi wëlle mir eisem Schäferot mat op de Wee ginn, fir dass och an Zukunft d'Le'h als Bësch als Noerhuelungsgebitt erhale bleift: Eng ëffentlech Versammlung organiséiere fir Bierger a Biergerinnen iwwer den Zoustand vun de Beem an de Securitéitsmoosnamen z'informéieren, keng nei Attraktiounen, Spillplazen oder Weeër méi ze schafen, zousätzlech. De Fierschter ënnerstëtze bei der Verjéngung vum Bësch mat méi héijen neie Planzen – hautestiges - dat steet och esou am Forstplang, mat der Verjéngung, wa méiglech och a Phasen, et kann ee jo net alles matenee maache mat engem neien ugepassten Plan de gestion. Zesumme mat all den Acteuren, der Naturverwaltung, dem Ministère, der Gemeng, Natur an Ëmwelt diskutéieren ob ee vläit e Monitoring ka maache vun den Insekten an de Vullen an der Le'h, ob dat sënnvoll wier fir d'Konsequenze vum Sprëtze géint den Eichenprozessionsspinner am A ze behalen.

Schlussendlech d'Iwwerpräiwe vun der Konventioun mam Kloterpark an de Responsabilitéiten vun der Securisatioun betreffend d'Beem am Kloterpark, also net dat wat un de Beem hänkt, mee den Zoustand vun de Beem, wien ass do responsabel? Am Fong wollte mir dës Mesuren haut an enger Motioun ofstëmme loossen. An eiser Entrevue mam Fierschter an och während dem Tour mat der Ëmweltkommission hu mir gemierkt, dass eis Suerge betreffend d'Le'h vun der Naturverwaltung gedeelt ginn an och am Forstplang erauszuliese sinn. Dofir hoffe mir, dass och de Schäferot d'Wichtegkeet vum Erhale vum Bësch an der Le'h erkennt an eis Virschléi op fruchtbare Buedem falen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, am Fong ass elo näischt méi vun eis ze soen, well den Här Rassel huet eng wonnerbar Presentatioun gemaach vun allem. Et war alles topp, dat war formidabel. D'Madamm Heinen huet natierlech, dofir hunn ech de Gréngen de Virzuch ginn, en exzellenten Exposé gemaach an do brauch ech net vill ze soen. Mir ware frou iwwer déi flott traditionell Bëschbegehung - alle Jahre wieder - dat geet de Guy en Guy, et ass en neie Guy elo, deen dat mécht, mee et gesäit een, do ass eng immens Dynamik handendrun, do si mir ganz zouversichtlech. Et war och en interessanten Aspekt, datt mam Eichenprozeessionsspinner déi Sprëtzung esou gutt gewierkt huet a mir sinn och gewuer ginn, dass et Plaze ginn, wou een se net ka maachen. Dat hat ze di mam Déierenasyl well do d'Gefor ze grouss war, dass do déi Näschter eroffalen op d'Gehege, an dass de Produit dann den Déiere kéint schueden. Do mussen elo extra Mesurë gemaach ginn.

De Bichebefall ass natierlech e grouse Problem, mee et gëtt elo erëm Holz fräi fir eis holzveraarbechtend Betriber. Et gëtt schonn eng Rei Bedreier, déi kräischen, dass se net genuch Holz erbäi kréien. Do kënnt dann och eppes op de Maart fir déi Leit, wat och positiv ass fir eis Gemeng, déi vill vun eisem Holz verschafft. Dat ass an anere Gemengen net esou, dat fanne mir awer wichteg an nohalteg. Deen edukative Volet, dat ass also dee selwechte Posten wéi soss, ech hat mir do just d'Fro gestallt wéi et mat dem edukative Wee an der Le'h ass, dee fir d'Schoulen ugeluecht ginn ass? De Fierschter sot mir, do géif et eng Initiativ gi vun der Familljekommissioun fir deen an d'Rei ze setzen. Da waarde mir bis do erëm Detailer kommen.

Dann hätt ech och e puer Froen: Déi eng Saach ass, Madamm Heinen seet Le'h gëtt ëmmer méi eidel, wéi ass et dann elo mat der Verjéngung an der Le'h? Loosse mir se do och kommen oder gëtt se gesteeiert? Musse mir an der Le'h och villäicht Gatteren opstellen? Et wier ze hoffen, dass déi Verjéngung sech an de beschte Konditiounen mécht. Dann nach déi aner Fro: D'Beem am Kloterpark, do hat ech net richteg verhale wat mir gesot haten, kommen déi an de Bamkadaster mat eran oder sinn déi aus deem ale Kadaster ausgeschloss?

Dann ass mir am Budget och nach opgefall, dass bei den Infrastrukturen, nach en Abri de cérémonie steet, ech huelen un, dat ass do uewe beim Bëschkierfecht. Dee steet nach am Budget 2022, deen ass awer elo realiséiert mëttlerweil. Eng ganz flott Saach. De Moment ginn Diskussiounen just nach ëm e Gitter wat do erakënnt, mee firwat steet dat nach am Budget 2022 dran? Eis Bëscher sinn a ganz gudden Hänn. Mir hunn déi grouss Dréchent, dat ass e Problem an d'Beem knaen elo schonn 3 Joer drun an dat wäert nach esou bleiwen, do wäerte grouss Ännerunge kommen. Mir sichen do no Ersatzléisungen, no ugepasste Bamzorten. Dat ass alles ugeschwat gi bei der Bëschbegehung an der Le'h. Fir de Rescht hu mir den Androck, dass eis Bëscher a gudden Hänn sinn, Do si Fachleit, déi alles beherrschen a berücksichtigten a mir fäerten

net fir d'Zukunft vun eisem Bësch zu Diddeleng. Dir hutt eis vollsten Ënnerstëtzung fir de Budget dovun. Selbstverständlech stëmme mir dat mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, ech wëll vun eiser Fraktioun aus dem Här Rassel Merci soe fir d'Opstelle vum Forstplang mat der Presentatioun, déi ganz flott a lieweg an och ganz verständlech war. Ech weess net, et gëtt sech op de Park Le'h fixéiert, do war och d'Bëschbegehung, wou ech leider d'Méiglechkeet net hat fir do ze sinn. Ech wollt awer am Fong geholl och froen, Guy, d'Gesamtbild vun eise Bëscher huet dat éischter méi kaalt an naasst Wieder schonn éischt Friichte gedroen? Ech weess, dass et onméiglech ass, déi duerch extrem Dréchent provoziert Schied vun den dräi leschte Joer an engem Joer erëm kënne behuewe ginn. Ech hunn allerdéngs d'Impressioun, wéi wann d'Bëschbild sech gewandelt huet. Et war alles méi zougewuess, méi gréng ...

Et war d'lescht Joer vun engem Ëmdenken vun der Gestiou vun de Bëscher geschwat ginn, duerch manner geziilte Couppe, nëmmen nach déi héich Beem laanscht d'Weeën. Dat huet sech jo elo bestäetgt, dass dat e Problem ginn ass mat de Bichen, virun allem déi laanscht d'Weeën mussen ofgeholzt ginn oder respektiv, wann se futti sinn, muss eng geziilte Coupe gemaach ginn. Bëschverjéngungen, dat sollt jo dann och en Thema vum Ëmdenke si vun der Gestiou. Wat gëtt elo an deenen neie Kalschléi, déi entstinn, wéi zum Beispill bei der Coupe vun de Bichen, wat hues Du do wëlles Neies unzeplanzen?

Dann hunn ech eng méi nuanciert Ausso zur Bekämpfung vum Eichenprozeessionsspinner eraushéieren. Dës Aktioun, déi mir dëst Joer haten, an déi e puermol huet misse verschobe ginn, dëst duerch klimatesch Bedingungen, huet am Endeffekt awer trotzdem Friichten gedroen. Ech denken och, dass mir keng aner Wiel hu fir de Park Le'h, wou mer vill Touristen, Kanner a Familljen, eis d'Maison Relais Kanner, d'Schoulkanner, d'Natureschoul, déi duerch Buerfousswee, Kloterpark... an esou weider ugezu ginn, a wou elo an der gudder Zäit vill Aktivitéiten dobause stattfannen, dass mir keng aner Wal hunn wéi dës Aktioun déi nächst Joren ze widderhuelen. Et ass och wirklech ze begrëssen, dass net dee ganze Park, iwwerflu ginn ass a sämtlech Beem gesprëtzt goufen, mee nëmme geziilt d'Eeche laanscht d'Weeën, wou d'Leit laanscht ginn an do wou d'Leit sech ophalen.

Als President vun der Familljekommissioun freet et mech am grouse Ganzen, dass du wéi däi Virgänger, deen jo och däi Patron de stage war, oppe bass fir Projete, wéi de geplangte Mobilitéitswee an der Le'h, wéi och bei der Opfrëschung vum Kannerwanderwee - de Jean-Paul Gangler hat et elo grad ugeschwat - de mir wëlles hunn, an en aneren Zoustand ze setzen. Du waars bei der Planung scho mat Rot an Dot dobäi an dat freet mech grad wei och deng Ausso fir och am

Sënn vun de Schoulen a Maison Relaisen matzeschaffen, wat de Guy Netgen och ëmmer gemaach huet. Ech hunn an denger Presentatioun eraushéieren, dass Du op deem selwechten Trip bass an dat freet mech onwarscheinlech. Am Kader vun der Le'h fannen ech och, dass dee Bamkadaster, deen s de wëlls opstellen ganz wichteg ass, dass effektiv elo, wou sech vill méi Leit an der Le'h ophalen - d'Monique Heinen mengt, mir sollten näischt Neies méi maachen- wann do eppes geschitt, dass een do eng Trace huet, net dass een do eng rout Kaart kritt. An deem Sënn villmools Merci dofir a mir approvouéieren de Forstplang. Merci.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DIDDELENG): Villmools Merci, ech gi kuerz op déi Froen an. Do wou Kalschléi gemaach ginn, am Prinzip ass schonn eppes drënner, wann déi Eschen ofstierwen oder d'Buchen op deem Minettsbuedem, do kënnt direkt eppes, do kënnt Ahorn, Kiischt, mir kucken, wat do drënner ass oder wat do duerch Succession naturelle kënnt, am léifsten dat wat vum selwe kënnt. Duerch déi Problematik mam Schnéi iwwer d'Joren, well mir do wëlles hunn, grouss Beem ze planzen an nach méi ze nützen, hunn déi Problemer fir unzekommen. Wann näischt do kënnt, wéilte mir gären op déi klimaresistent Bamaarten zeréckgräifen, do ass d'Verwaltung awer nach amgang, en Dokument auszeschaffen, wat se eis da wëlle proposéieren. Am Moment solle mir jo eenheemesch Bamaarte setzen, si mussen awer och elo opmaache fir klimaresistent Bamaarten, well eis eng ganz Partie do ewechfält, dat musse mir dann elo kucken.

D'Gesamtbild vum Bësch hei ass eigentlech gutt. Wat mir festgestallt hunn dat ass d'lescht Joer, bedéngt duerch dee Stress wou d'Eech iwwer e puer Joren hat, wou een dat awer elo net vu bausse gesäit, hunn sech vill méi Eeche produzéiert, dat war wierklech e Mustjoer an doduerch gëtt de Bësch och méi gréng. Wann een all Eesch kuckt, war et eng méi héich Verjéngung wéi mir all Joer am Fong versicht hunn awer ni gesinn hunn, Jo. Mee héchstwarscheinlech duerch déi Stresssituatioun, dass keng Bamaart wëll ofstierwen, ginn se extrem Kraaft an de Som fir sech ze vermehren. Dovunner profitéiere mir natierlech, da maache mir e bësse Luucht eran, d'Eech ass eng Luuchtbamaart, déi brauch am Ufank immens vill Luucht, sou dass mir déi da kënne starten. Dofir maache mir dann och eventuell déi Clôture vun deenen Hordegatteren.

Punkto Le'h, do muss een sech eemol zesummesetze fir ze kucken, wéi een do virgeet, do kann een och verschidde Kompartimenter andeelen well d'Le'h ass och net iwwerall d'selwecht, een Deel ass méi jonke Bestand, och do wou deen Arbre remarquable ass, wou ech virdru gewisen hunn, dat ass esou Staangenholz, do ass dee schonn assuréiert, wann al Eechen ewechfalen, da kann een sech iwwerleeën ob een do net soll méi grouss Beem setzen, déi hunn ech och dra gesat wéi Arbres à haute tige, dass een sech do sech e Virsprong hält, fir dass dat ëmmer esou e Bësch- oder Parkcharacter behält, well soss, déi Eechen hunn all een Alter, wann do d'Eechen eemol méi betraff wieren, da gesäit et op eemol komesch aus an der Le'h. Do-

fir wier meng Propos, do wou nëmmen al Eeche sinn, wann do e Bam ewechfält dass mir dann do direkt e Bam an d'Plaz setzen, dee scho méi grouss ass, et kann een awer gären doriwwer diskutéieren.

Punkto Kloterpark, mat der Konventioun, do si mir amgaangen, ze iwwerpräiwen, mir hunn dat och elo eisem Jurist an der Verwaltung ginn, dat kucke mir awer mat der Gemeng, déi Konventioun ass esou gutt esou wéi se eben ass, dat muss een nokucken an ob een de Bamkadaster, wien do herno d'Responsabilitéit huet an duerno kënne mir do kucken ob de Bamkadaster och op déi Beem kënnt, dat muss ee kucken, mee dat ass innerhalb vun der Gemeng wou mir eis zesummesetzen an doriwwer eben entscheiden. Et geet haaptsächlech drëm d'Responsabilitéiten ze klären, do kann een herno nach klären, mee als éischt muss déi Konventioun ënnert d'Lupp geholl ginn.

Holz vun hei, dat huet de Guy Netgen schonn extrem vill gemaach, alles wat gemaach ginn ass wéi Spillplazen oder Abri de cérémonies an och Saache fir Schoulkanner huet hie gemaach, Bänken huet hie scho gemaach, déi ginn elo opgestallt, dat ass alles mat Holz vun hei gemaach well do konnt hien och zeréckgräifen op immens kompetent Mataarbechter, Bëschaarbechter, déi dat wierklech drop hunn, dat féiere mir gär esou weider a mir bauen dat och eventuell aus, do war jo och d'Demande elo vun enger Schräinerei, déi op eis zoukomm ass, dat ass alles machbar. Firwat dat do dra steet, dat ass u sech den Entretien vun all den Infrastrukturen, dofir steet och d'Spillplaz dran, fir op dem Här Gangler seng Fro ze äntweren. Den Nummer 35 Aire de jeux Luxcontrol an den Abri de cérémonies, dat ass fir den Entretien do ze maachen well do ass fir de Kullang, dee muss nei gemaach ginn dat gesäit net méi sou gutt aus.

De Spond, dat ass am Moment, ech weess net ob et deen nach gëtt, am Moment gëtt et elo mol vun de Jeeër profitéiert, mir hunn näischt méi do dra stoen, ech si frou wann iergendeen duerno kuckt well soss zerfällt et. An där Hisiicht fannen ech dat eng gutt Aktioun well u sech als Jeeër huet ee laut dem Règlement d'Recht fir kënnen eng Juegdbud unzufroen an hei steet e Bau a fir ze evitéieren, dass si elo nach eppes iergendwou hisetzen, fannen ech dat doten eng gutt Optioun eigentlech.

Den Déierenasyl, do kënne mir entweder sprëtzen, wann se d'accord sinn, mir hunn am Beetebuerger Park mam Veterinaire gekuckt gehat, déi hunn eis d'Erlebnis gi fir do ze sprëtzen, dëst Joer muss ee mat dem Déierepark, wéi och der Déierenopfänkstatioun kucken, si wëllen do mat hire Veterinairë kucken a wann si do de Feux vert ginn, kënne mir do sprëtzen. Zousätzlech wollte mir awer do déi Äscht, déi eriwuer hängen, déi net méi kënne vun de Gehege profitéiere fir do d'Hënn erauszeloossen, déi musse mir dann effektiv ewech schneiden oder déi eng oder aner Eech ewech huele fir dass hir Hënn weider Auslaf hunn, well déi Äscht, déi do erofgefall sinn, déi ware voller Raupen, dat war net machbar fir do Hënn ze hunn, well

déi kréie schlëmm Verbrennungen un Nues a Lëpsen, do musse mir eppes maachen, well déi Infrastruktur steet do an déi musse mir dann och schützen.

De Monitoring, effektiv, dat froen ech nach eemol um Ministère no. Et kéint och eng Konditioun si fir kënnen ze sprëtzen, well de Monitoring muss gemaach ginn. D'lescht Joer war et - well éiweg iwwer de Plang geschwat gouf - war dat e bëssen iwwer de Knéi gebrach, mee d'Wierkung hält sécher an et war déi eenzeg Optioun fir deem kënnen entgéintzewierken. Mir hunn dat iwwer Jore suivéiert - den Netgen Guy och - wéi vill dat der an Zuele ginn, et ass soss mechaesch aus de Beem geholl ginn, d'Näschter kréie mir net all eraus an déi Zuelen waren héich, de Budget ass ëmmer méi héich ginn an d'Zuele waren all Joer méi héich, wou mir erausgeholl hunn. Et kann een also net soen, dass do ee Joer war wou Schwankunge waren oder wou et erofgaangen ass, et ass bis dato ëmmer méi ginn, wéi och hei wéi och am Ausland.

Ech wollt just nach soen, mir sinn hei an engem Bësch, deen net par définition e Wirtschaftsbeem ass, mee hei an d'Richtung geet vun engem Rekreatiounsbeem duerch déi grouss Populatioun, déi mir hunn an dass déi Leit ausschwaifen an déi Bëscher déi mir hei ronderëm hunn dass d'Le'h sou sollicitéiert ass, ass e Gléck well Nohaltegkeet ass op dräi Pilieren opgebaut, sozial, ekonomesch an ekologesch.

Fir dat Ekologesch hu mir d'Haardt, déi aner Bëscher sinn all Naturschutzgebitt an Natura2000, d'Le'h ass fir lech elo dat eenzege Gebitt, wou Dir kënnt Infrastrukturen drasetzen, wat awer fir Bevëlkerung och gutt ass, dat kënnt hinnen entgéint, d'Gemeng wëll jo och eppes bidden, dofir ass dat grad gutt, dass do alles konzentréiert ass, mee fir do nach eppes ze maachen, vill Sputt ass effektiv net méi do, d'Buedemverdichtung ass kloer kontraproduktiv fir all Bamaart.

Parc Merveilleux, Eech, wou déi Déiere lafen ass och net grad gutt, dofir ass et schwierig fir dat ze handhaben, sou dass mir op de Wee gi fir déi grouss Beem dranzesetzen an déi aner Parken och. Wann ech eppes vergiess hunn, sot mir et.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, entschëllegt ech war esou op de Buergermeeschter konzentréiert, a well deen net do souz, hat ech verpasst mech ze melden. Merci, ech hunn och net vill ze soen. Leider konnt dëst Joer vun eis kee bei der Bëschbegehung dobäi sinn, dat ass net ëmmer esou einfach, sech an der Woch fräizehuelen, ech wäert awer d'nächst Joer dofir suergen, dass do een dobäi ass well et ass ëmmer ganz interessant. Ech soen dem Här Rassel villmools Merci fir all déi Erklärungen, déi mir kritt hunn, dat ass ganz interessant an och den Ausbléck schéngt mir ganz positiv. Mir hu jo elo nach méi Erklärunge kritt, da kierzen ech dat elo of. Ech mengen, et ass kloer, de Klimawandel ass do an huet groussen Afloss op eis Beem an eis Natur, ech mengen all Mënsch ass sech dat bewusst.

Ech hu just eng kleng Fro an dat ass am Kontext vum Bësch an de Beem: Gëtt et en nationale Plang fir Bëscher ze erhalen oder ze erneieren, oder ze verjéngen, a wa Jo, wou reit sech dann do Diddeleng an? De Bamkadaster vun der Le'h ass eng gutt Iddi, net nëmmen elo wat d'Sécherheet ugeet, mee och allgemeng ass et flott wann een do ëmmer weess wou een drun ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci un d'Madamm Erpelding.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DIDDELENG): En nationale Plang, et ginn ëmmer Direktiven aus eiser Verwaltung, jee nodeem wéi sech déi Saach entwéckelt, ginn si do Direktiven eraus, notament si mir do zu Diddeleng beim Plan d'action Forêt alluviale beim Thilleweier. En anere Plan d'action hei am Süde war fir eben d'Eech ze verjéngen, mee do si mir am Wal amgaang, dat ass net esou einfach, de Guy Netgen hat dat schonn ugefaangen a mir suivéieren dat weider, mir wäerten dat wëssenschaftlech suivéieren, wou dann och Opname gemaach ginn.

Dat anert mam Wëlddrock hunn ech erkläert, dat ass och iwwer d'ganz Land sollen déi Gattere gemaach gi fir dass de Service Forêts vun eiser Verwaltung en Iwwerbléck kritt wéi d'Situatioun sech verhält, mee dat erfëllen d'Gemengen hei par excellence. Och fir Biotopbeem, dat gouf vum Guy Netgen gemaach, alles wat do erauskënnt gëtt hei ëmgesat, well mir hei och vun der Gemeng immens gutt ënnerstëtzt ginn, sou dass mir do net musse soen, dat kënne mir net maachen, well do kee Budget ass, do léisst d'Gemeng sech net huelen. Dofir nach eng Kéier e grouse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht och hoffentlech an den nächste Joren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, da wiere mir op alles agaangen. Madamm Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hat nach gefrot, um Roudebiërg dee Point de vue, wou dee soll hikommen an da wollt ech awer och soen, den Här Zuang hat gesot wéi wann déi Gréng net méi wélten, dass d'Leit nach an d'Le'h ginn. Ech hu sot, keng nei Saachen, et ass schonn esouvill dran, maacht do elo net eng véiert Spillplaz, dat war de Gedanken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Prinzipiell gëtt an der Le'h näischt gemaach ouni den Accord vun der Forstverwaltung. Voilà. Ech wëll net am Raum stoe loossen, dass d'Gemeng op eegen Initiativ Saache géif maachen ouni dat mat der Forstverwaltung ofzeklären. Dat muss ech soen, dat muss een sech awer och bewusst sinn, dat wëll ech hei nach präziséieren.

GUY RASSEL (FIERSCHTER VUN DIDDELENG): Dee Point de vue hunn ech iwwerholl vum Netgen Guy, dat war e Punkt vun him, dat huet hien awer net ëmgesat kritt well den Hoffmann Marc déi Saache mécht, well eng aner Saach amgaang war. Dat ass geduecht fir de

Roudebierg erop bei de Scouten, wou deen alen Tipp war, fir do en Aussichtspunkt ze maachen, well een do eng onheemlech schéi Vue ass, dat maache mer mat eise Holz dat soll dann d'nächst Joer ëmgesat ginn. An der Le'h gouf déi Spillplaz op Initiativ vum Guy Netgen gemaach, aner Saachen op Initiativ vun der Gemeng, wou Dir da Saache bei eis ufrot, do si béid Parteien ëmmer involvéiert oder mussen sech zumindest ofschwätzen, well d'Gemeng bezilt wat de Fierschter freet an ëmgedréint wat Gemeng wëll, muss de Ministère geneemegen. Vill Plaz fir nei Saachen hu mir jo och net méi do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Stellungnamen, da géife mir op de Vote kommen: Wien ass mam Forstplang esou wéi en de Moien hei presentéiert gouf, averstanen? **Dat ass unanime.**

Merci villmools an och dem Guy Rassel Merci fir seng Erklärungen an op eng weiderhi gutt Zesummenaarbecht.



7. APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION VUN DER GRONDSCHUL FIR D'SCHOUJOER 2021/2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den nächste Punkt ass déi definitiv Approbation vun der Schoulorganisatioun, do wäerten och Invitéen zou eis stoussen. Dat ass esouwuel de Joël Michaux, Direkter vum Arrondissement, wéi och eise Responsable vum Service Enseignement, den Erni Ferrari, an ech géif direkt dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Villmools Merci, den Här Buergermeeschter huet et schonns gesot, ech wëll bei der definitiver Schoulorganisatioun haaptsächlech op déi Saachen agoen, déi sech verännert hu säit där provisoirescher. Mir hate jo d'Schoulkommissioun an do sinn et jo schonn e ganze Koup Erklärungen ginn. Wéi gewinnt hutt Dir ëmmer déi verschidde Pabeiere virun lech, d'Schoulorganisatioun wou d'Klasse mat hirem Titularen drop sinn, d'Resort-scolairen, d'Klassen, d'Surveillance-Pläng, de Rapport vun der Structure d'accueil an och de Rapport vun der Médecine scolaire. Villäicht éier ech elo op d'Schoulorganisatioun aginn, wëll ech awer soen, mir haten d'lescht Joer bei der definitiver Schoulorganisatioun gemengt, et géif besser goen. Deelweis war et och net esou schlëmm wéi Ufank 2020 an awer hu mir ganz vill Saachen, déi bäibehale gi sinn, dat heescht Pausen, déi versat sinn, Masken an de Schoulen, Schnelltester, alles dat gehéiert méttlerweil zum Alldag an huet sech net geännert, och mol erëm Klassen, déi a Quarantän sinn, och dat ass nach ëmmer dobäi.

Dann zu der Schoulorganisatioun, zu de Chifferen, mir hunn 1882 Kanner am Fundamental elo am Oktober, dat ass e liichte Plus zu 2020, dat kënnt awer och doduerch, dass mir am Precoce a bei deene ganz Klenge 28 Kanner méi hunn ewéi dat Joer virdrun. Am C1 sinn et 3 Kanner manner an am C2-C4 hu mir 12 Kanner manner wéi d'lescht Joer. Ech schwätzen ëmmer vun d'lescht Joer. Wann ech de Verglach awer maachen zum Mäerz, wou mir dës Zuelen haten: Enn Mäerz hate mir an der Organisatioun 1896 Schüler am Fundamental, an elo sinn et der nach 1882.

Wat erstaunlech bei deene Chifferen ass, dat ass, dass mir awer elo am Oktober 70 nei Kanner an eis Diddelenger Schoulen eranhuelen. Dovunner si 25 Primo-arrivanten an eigentlech misst ee jo da mengen, déi Zuel misst explodéieren, mir hätte ganz vill Nout an de Schoule well mir keng Säll méi hätten. Dat ass awer hei net de Fall. Et ass awer esou, dass mir ganz vill Departen hunn an Departen, wat een dëst Joer an der Schoulorganisatioun gesäit, et sinn net méi esou-vill Kanner aus anere Gemenge bei eis an de Schoulen, mir haten der d'lescht Joer 40, mir hunn der dëst Joer an der Schoulorganisatioun nach 19, déi kommen aus anere Gemengen.

Och aus den Nopeschlänner sinn et der nëmmen nach 3, wou et dat lescht Joer awer nach 7 Kanner waren, déi an den Diddelenger Schoulen waren. Et sinn 112 Kanner aus eiser Gemeng, déi an anere Schoulen zu Lëtzebuerg sinn oder am Ausland. Mir hunn der 3, déi ginn doheem ënnerricht a mir hunn der och 3, déi fréizäiteg, also virum Alter vun 12 Joer an de Lycée komm well se d'Klassen iwwersprongen hunn. Kanner iwwer 12 Joer an ech weess dee Chiffer elo net fir ze vergläichen ob deen eropgeet, do hu mir de Moment 55 Kanner, déi iwwer 12 Joer sinn, déi awer nach am Fondamental sinn. Voilà. Dat bleift awer relativ stabil.

Dann zu deene verschiddene Cyclen. Am Precocé hu mir eng Klass méi, dat wësst Dir, do ass am September an der Lenkeschléi eng Klass opgaangen. Nach war dat awer schonn am Mäerz geplangt. Dat heescht, do si keng Differenzen an de Chifferen. Am Cycle 1 bleiwe mir d'selwecht wéi am Mäerz, do ass keng Verännerung zu der provisoirescher Schoulorganisatioun. Wat geännert huet zur definitiver Schoulorganisatioun, dat ass an der Gaffelt, do hu mir de 4.1 manner, do sollten et 3 Klasse sinn, mee et sinn der nëmmen 2 draus ginn. An och zu Butschebuerg, do sollt et eigentlech 2 Klassen an engem 4.1 ginn an do hu mir nëmmen 1 Klass draus gemaach. Dat sinn elo déi Saachen, déi an der definitiver Schoulorganisatioun dra stinn. Duerch, dass déi 2 Klassen net gemaach gi sinn ewéi virgesinn, hu mir zweemol 28 Leçon, déi eis zur Verfügung stoungen, plus natierlech déi 13 Leçon, déi mir nodréiglech accordéiert kruten, do hu mir am Ganze konnten nach eemol 69 Leçon verdeelen ënnert deene 7 Schoulen, wat awer eigentlech ganz gutt ass well virun allem den Appui konnt doduerch an all Schoul gehuewe ginn. Dat ass dem Strutzbiereg deelweis zegutt komm. Eise Kontingent ass d'selwecht wéi d'lescht Joer, do huet sech näischt verännert.

Wann ech den Instituteur pour enfants à besoins spécifiques huelen, do hu mir 120,25 Leçon kritt, Remplaçanten 138 Leçon an am Cours d'accueil – an dat freet eis natierlech - 122 Leçon, dat heescht, de 5. Poste fir de Cours d'accueil fir d'Primoen, déi natierlech sech ëm d'Primo-arrivante këmmen. Am Ganzen, dat ass och eppes wat interessant ass, et si 65 Kanner an eise Klassen am Cours d'accueil. Aner Chifferen, déi ech lech wollt soen, dat ass, mir hunn de Moment 1095 Lëtzeburger Kanner bei eis an eise Schoulen, dovunner 218 Kanner, déi hunn eng duebel

Nationalitéit, mir hu 787 Kanner, déi Net-Lëtzeburger sinn a wat erstaunlech ass, mir hunn 49 verschidden Nationalitéiten an eise Schoulen, wat och ganz oft sproochlech e bësse méi schwierig ass, mee awer gutt encadréiert ginn vum Personal.

Beim Personal zum Fondamental, do ware verschidde Wiesselen, déi mir schonn am Gemengerot haten déi lescht zwou Kéieren. Dat si meeschtens Congé-de-maternitéen, déi ugefrot ginn, dat sinn dann aner Titulaires, déi do drop gesat ginn. Mir hunn och Dispensé wéinst Schwangerschaften, mee ech muss awerdo soen an dat fannen ech ganz flott, do sinn awer 90-95% vum Léierpersonal wat bereet wier ze schaffen iwwer Télétravail. Den Här Mischaux seet eis esouguer all, ech fannen dat awer ëmmer flott wann een an der Dispense ass, dass een sech engagéiert vis-à-vis vu Leit, déi et de Moment net esou einfach um Terrain hunn.

Ech géif dann zum Schwammen nach e puer Saache soen. Och do si mir net zeréck an der Normalitéit, dat ass och nach ëmmer eng schwierig Situatioun, den C2 bis C4 geet de Moment all zweet Woch schwammen, all Klass, beim C1 sinn et der awer manner, dat si just 10-13 Klassen, déi all zweet Woch ginn, well et ass relativ schwierig mat kleng Kanner, wann se sech nach net selwer kënnen undoen a fënen an de Bustransport, do ass et méi schwierig fir dass déi Kleng dann och reegelméisseg schwamme ginn. Sorties pédagogiques, ech mengen, do sinn der net esou-vill gemaach ginn ewéi déi Jore virdru gemaach goufen, et fänkt un unzezeien, mee mir waarden elo mol déi nächst Wochen of a mir kucken, wéi mir do virukommen.

Da kommen ech och nach zu eppes, wat mir och an der Schoulkommissioun haten, dat ass den Text am Fong vun der Schoulorganisatioun, dee mir mussen upassen. Dat ass op der Säit 63, wann Dir dat Dokument huet, do gesitt Dir dass mir do en Text ugepasst hunn an dat ass laut Virgabe vum Ministère den huet eis do virginn a mir hunn se einfach 1 zu 1 iwwerholl an natierlech hu mir d'Presidenten an och d'Direktioun am Virfeld gefrot an do war d'Averständnes vun alle Presidenten an alle Schoule fir den Text esou un ze passen.

Dann zum Rapport vum SEA, dat gehéiert mëttlerweil dozou, dat hat den Erni Hoffmann gemaach an der Schoulkommissioun, hien huet eis dat presentéiert. Do gesäit een da wéi et déi lescht Jore gaangen ass, Personal an de Maison Relais, do si mir bei 177 Leit. Crèchen, do sinn et der 65 an am Administrativen hu mir 10 Leit fir eis Structures d'accueil. Nei hu mir dëst Joer dobäi d'Maison Relais Italien, d'Maison Relais Ribeschpont wäert geschwënn opgoen, sou dass mir 2 nei Strukturen hu fir d'Kannerbetreung hei an der Gemeng Diddeleng.

Villäicht zu de Chifferen, mir haten 1211 Demandé fir d'Structures d'accueil, mir konnten och do 52 Kanner méi eranhuelen wéi dat lescht Joer an de Moment hu mir 114 Kanner op der Liste d'attente fir an d'Maison

Relais. Am meeschte sollicitéiert, wann Dir déi Chiffre gesitt, dat ass natierlech an der Mëttesstonn an ech denken ech dass dat wäert ganz vill zouhuelen an Zukunft wa bis de gratis Mëttesdësch soll ugebuede ginn, da wäerte mir nach vill Ufroer kréie vu Leit, déi villäicht de Moment nach net bei eis sinn. Dann hu mir 4 Produktiounskichen, mat enger hun mir eng Konventioun hunn, mat deene schaffe mir zesumme fir d'Kanner vum Ressort Deich. Dann hate mir d'Soumissioun ëmmer fir eis Restauration scolaire, do hu mir Eurest, mat deene mir zesummeschaffen a wou mer och ganz gutt a vill zesummeschaffen, dat ass mat Sicon. Do hu mir eng Konventioun wou mir ënnerschriwwen hunn a wou mir och probéieren, un déi Virgaben ze halen wat och flott ass méttlerweil hu mir weinstens 1 bis 2 mol vegetaresch Menüen an eis Kantinnen, dat ass fir d'Kanner eppes Neies. Mir hunn natierlech Bioproduiten wéi ëmmer, dat gehéiert dozou méttlerweil an och lokal kafe mir weider. Wat nach ass, mir sinn am Fong an dat wäert sech nach verbesseren, Catherine Dimmer ass eigentlech mat enger Dieteticienne am permanenten Echange fir ze kucken wéi déi Entwécklung vum lessen an de Kantinnen ass.

Dann, wann ech elo alles géif opzielen, ech probéieren e klengen Deel ze soen, wéi d'Zesummenaarbecht mat all deenen anere Servicer vum der Gemeng an ech schwätzen hei vum Service Santé scolaire a vum Service des Sports, Club Senior, Service à l'égalité des Chances, Bibliothéik, all déi Zesummenaarbechte konnten deelweis stattfannen. Et ass awer Usus ginn, dass mir ënnereneen wierklech am Sënn vun de Kanner ëmmer all zesumme schaffen. D'Museksschoul bleift wéi ëmmer, wéi gewinnt, och do ass et méttlerweil esou, dass d'Structure d'accueil d'Kanner a Museksschoul féiert. Da ganz kuerz nach de Projet Waldschoul, do ass souwuel den Enseignement wéi och d'Structure d'accueil beträff, dee Projet ass ugelaf, do waren och elo déi éischt Klassen elo, dat fonctionéiert wonnerbar. Nach ass et relativ schwiereg de Moment, well mir jo eigentlech just d'Educateuren hunn an alles wat do geschitt vun den Enseignanten, dat ass op benevoller Basis, dat kënnt awer ganz gutt un, d'Kanner si ganz frou a mir wäerten dat och an nächster Zukunft ausbauen.

Dann e lescht Wuert, wat ech wollt soen, dat ass de Rapport vun der Santé scolaire, dat war schwiereg well Dir wësst, si hunn net an eis Schoulen eran dierfen. Dann awer aus der Nout, muss ech awer soen, well se awer wëlle schaffen an awer wëlle Kanner begleeden, hunn se eis dann dëst Joer hir nei Manéier erkläert, wéi se schaffen. Ech wëll awer, éier ech kuerz drop aginn, eng Kéier hei dem Francine Zigliana Merci soen - hatt ass an d'Pensioun gaangen - fir all déi Aarbecht an all déi Begleedung, déi mir während Joren och mat him haten an eise Schoulen, dofir, hatt soll d'Pensioun genéissen awer nach eemol e grouse Merci vun eis. Dann, wéi gesot, si hunn nei Manéieren erfonnt fir hir Aarbecht um Terrain awer kënnen ze maachen ouni d'Kanner ze gesinn oder an d'Schoul eranziedierfen. Si hunn am Fong d'Kanner ënnersicht à distance, dat heescht, si hunn trotzdem probéiert, d'Impfkaarte

vun de Kanner anzesammelen, déi ze kontrolléieren an och dann ëmmer erëm drop opmierksam ze maachen, wann eppes net an der Rei war.

Wat och war, dat war den C2-C4, do konnten se awer an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal - an och do e grouse Merci - konnten do Waasseranalyse gemaach ginn, déi si dann analyséiert hunn. Dofir e grouse Merci, dass se trotzdeem net konnten an d'Schoulen eran, eng nei Manéier hu fir d'Kanner ze ënnersichen. Si hunn 30 PALen ausgeschafft, och de Projet Wibbel, deen e bësse méi lues gelaf ass, mee ech mengen, och do sinn se ëmmer erëm ganz gutt ënnerwee.

Sportsaktivitéiten, an dofir och e Merci un de Service des Sports, si hu ganz vill Sportsaktivitéiten ugebuede, sief dat an der Maison Relais oder och a Schoulen, si hunn do wierklech zesumme mam Guy e flotte Programm ausgeschafft, wou se eis gehollef a Klasse betreit hunn, dofir wëll ech e grouse Merci ginn.

Dann déi Dammen Homann an Haag, ech mengen, déi hunn hiren Travail social erëm opgeholl, wat och eppes ganz Wichteges ass. Si hunn 138 Dossieren traitéiert, dat geet vu bis, also vu Problemer an de Familljen iwwer Maltraitance bis Komportementsproblemer, och dat ass e wichtege Deel vun deem Ganzen.

Et gesäit een am Fong, wéi vill Aarbecht awer erëm gelescht ginn ass, och wa mir nach net an enger normaler Situatioun sinn, ech mengen den Här Michaux wäert op all déi aner Punkten agoen - villäicht op d'Covidsituatioun - ech wëll op alle Fall vun eiser Säit aus, all den Intervenanten, sief et Servicer, sief dat d'Enseignanten, sief dat d'Structures d'accueil wéi och eiser Direktioun an den Titularen e grouse Merci gi fir dat lescht Joer, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. An d'Diskussioun ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, wéi gesot, de 4. Juni hate mir déi provisoersch Schoulorganisatioun um Leescht, de 16. Juli hu mir iwwer de Plan d'encadrement périscolaire 2021-2022 geschwat an de Plan de développement scolaire vun 2021. Dee vun 2024 hate mir och um Leescht, do ass vill gesot ginn an elo ass hei d'Approbatioun vun der definitiver Schoulorganisatioun. Wat einfach ëmmer erëm flott ze gesinn ass, mir hu 7 Quartierschoulen an dat fonctionéiert einfach gutt an ech mengen, dank der dynamescher an einfühlsamer Direktioun, deenen exzellente Presidenten, de Comitéen an awer och all den Intervenanten ass et bei eis ëmmer gutt méiglech, zesummen eng Léisung ze fannen och wann Ännerunge sinn, och wa Situatiounen an de Schoule sinn an och wann eng Klass ageet oder eng aner Klass muss opgoen, et gött ëmmer sech zesumme gesat an eng Léisung fonnt. Dat ass net iwwerrall esou gutt, wéi et hei zu Diddeleng leeft, ech kann dat ëmmer just ënnersträichen. Et kennt ee Leit aus

anere Schoulen, aus anere Gemengen, do ass dat mat vill méi Reiwereie verbonnen an dofir e grouse Merci un alleguerten d'Intervenanten, déi un engem Strang zéie fir all eis Intervenanten, dass déi déi gutt Léisungen hu fir all eis Kanner an d'Schoul ze goen.

E groussen Challenge - et ass virdu gesot ginn - et bleift awer Pandemie, ech mengen, de Joël Michaux wäert herno nach eppes dozou soen, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et schonn ugekënnegt, Schnelltester, Masken, wat dann doduerch och eng Reduktioun vun der Schoulzäit mat sech bréngt, villäicht eng wëllkomme Reduktioun vun der Schoulzäit fir d'Kanner, mee awer villäicht net ëmmer fir d'Enseignanten, wat och ëmmer Stress fir Kanner bedeit. Et ass net all Kand, wat dat flott fënnt wann et sech muss an d'Nues an an de Mond fueren, grad déi Kleng hunn iergendwann d'Flemm, grad och am Wanter, wou déi Schläimhaut an der Nues méi sensibel ass, grad och do wou Kanner Nuesbludde kréien. Versate Pause musse mir maachen an och eng aner Suite vun der Pandemie ass déi Saach mat der Dispense vum Léierpersonal, déi ab dem 1. Moment wou se sech als schwanger deklaréieren, mussen se direkt an Dispense goen. Ech fannen dat och absolut luewenswäert, dass déi Leit am Tele-travail sinn, well déi sinn onglécklech, déi hunn sech op hir Klass gefreet an eng Schwangerschaft kënnt nun emol iergendwann am Laf vun engem Schouljoer an da mussen se hir Klass opginn, dat ass och fir déi net einfach ze packen a fir eis ass et net einfach fir ëmmer en Ersatz ze fannen, a wéi gesot, wat dobäi kënnt, dat ass dann och, mir hunn elo geschwat vun de schwangeren Dammen, déi an Dispense geschéckt ginn, mee och déi Imprevuen, déi iwwer dat ganz Joer kommen, Enseignantë si krank a mussen ersat ginn.

Kanner ginn an den Zenario 1, 2, 3 a 4 gesat, dat hate mir och, dass eng Klass ganz a Quarantän gesat gëtt, dat ass erëm, dass Eltere gehäit si fir sech ze organiséieren. D'Kanner sinn traureg well se doheem sëtzen dierfen, an d'Schoul goen awer net an de Sportsveräin goen, dat sinn alles Saachen, wéi erkläert een engem Kand dat, dat ass och net einfach ze verstoen. Veräiner si granzeg well se hir Ekippen net méi zesumme kréie fir hir Matcher ze spillen, dat sinn alles Suitë vun enger onglécklecher Situatioun a wat mech als Dokter immens opreegt, mir wëssen, dass d'Impfung schützt, net ëmmer awer virun allem virun engem schwéiere Verlaf a geimpfte Leit iwwerdreen och wann se e schwéiere Virus net esou séier a laang net esou séier a mir hu leider net de politesche Courage fir op de Wee vun enger Impfpflicht ze goen, zumools a Spideeler, Maison-de-retraiten an do gehéiert fir mech d'Schoul och dozou an ech weess et net, wa mir esou weiderfueren, iwwer dee Wee kann et sinn, dass et esou kënnt.

Ech op alle Fall wier frou wann et esou wier an och de CovidCheck, deem elo zwar gesetzlech agefouert gouf, deem de Patron kann aféieren an deem och a verschiddene Ministèrenen agefouert gëtt, och dat maache mir net konsequent genuch. Firwat maache mir net och e CovidCheck am Agang vun de Schoule fir déi Erwuesenen, fir déi wou sech kënne impfen, virun allem an de

Primärschoulen, wou déi ënner 12-järeg Kanner sinn, déi net kënne geimpft ginn, misst et dann och fir en Encadrant an Enseignant selbstverständlech sinn, sech ze impfen, sech ze schützen, och seng Schüler ze schützen. Wéi oft héiert een, dass en Intervenant an 3-4 Klasse spadséiert ass, net geimpft ass an dann 3 esou Klassen a verschiddene Quarantänstadien gesat ginn an dofir, ech weess, dass een theoretesch net dierf froen, wien ass geimpft a wien net, et dierf een och keen offiziellen Appell maachen, ech maachen en hei trotzdeem, ech maachen en offiziellen Appell un déi Solidaritéit, un déi Responsabilitéit vun allen Enseignanten. Si hunn e Rôle als Virbild, als Held, d'Kanner himmelen hiert Léierpersonal un, fir si sinn dat extra kleng Helden an ech fannen, do dann ze soen, mir ass et egal ob ech eng ganz Klass ustiechen oder nach aner vulnerabel Kanner, déi mir an der Schoul hunn, ech fannen dat einfach irresponsabel an ech wier frou wa mir do och géifen e Signal setzen, huet dat och weider mat un den Här Minister, dass mir eis Kanner do schützen. Kanner ginn net geimpft, mee da kommt, mir schützen se a maachen eng Impfpflicht bei den Educateuren.

Sou, dat huet elo guer net heimadder ze dinn an dat läit mir ganz uewen well ech och mat de Kanner am Kontakt sinn, déi dann och generft sinn, an de Kanner, déi traureg sinn, well se néierens kënne higoen, well se ugastach gi si vun iergend engem. Et ass net nëmme doheem, wou se sech ustiechen, et ass virun allem an der Schoul a vun irresponsablen Adulten, déi sech net impfe loosse. D'Fro ass, och als Gemeng ass ee Patron vun de Leit aus dem SEA, aus de Maison Relaisen an de Crèche. Och mir hätten d'Méiglechkeet, e CovidCheck anzeféieren, mir sinn hei, un der Dier steet et, e CovidCheck gëtt gemaach wa mir eng Reunioun vun 10 Leit hunn, wéi ass et dann zum Beispill an eise Maison Relaisen, leeft dat alles ënner Coronacheck wa mir e Meeting hu vun den Educateuren? Ech hoffen, dass dat esou ass, ech hoffen dat ass net nëmme an der Gemeng esou an am CNA, wou mir et musse maachen an och net am Horesca, dofir meng Fro: Wéi gi mir mam CovidCheck ëm an de Meetings an de Schoulen an och vum SEA?

Et ass och gesot gi vum SEA, also zu de Schoule wëll ech soen, dass ech begeeschtert sinn, dass eise Precoc Succès huet. 68% vun de Kanner vun 3 Joer aus Diddeleng ginn an de Precoc, dat fannen ech eng flott Saach. Och just eng Fro zu de Schoulen: Mir hate verschidde Projete virgestallt kritt, Sécher Schoul, de Projet CASE, dee scho méi laang existéiert, sinn déi och all honoréiert gimat de Kontingenten, déi mir eis gefrot hunn? An ech mengen, do war och ugeduecht fir e Projet national ze begleeten, ech weess dat net méi genau, de Projet Strutzbiereg, villäicht kënnt Dir eis do soen, wou Dir dru sidd, wéi dat weider geplangt ass? De Ribeschpont. Ah, ma voilà, tipptopp.

Da kommen ech zum SEA, ech sot jo, wéi maache mir dat mat CovidCheck wa mir esouvill Educateure beieeneen hunn? Ech fannen, de SEA mécht eng exzellente Aarbecht, och eng gutt Dynamik ënnert dem Ernest

Hoffmann, dat gefällt mir gutt, do ass Schmackes dohannert, do sinn déi Saachen an d'Weeër geleet ginn, virun allem och mat der Madamm Dimmer, déi sech ëm d'Mëttesdëscher këmmert.

Ech fannen dat ganz gutt, dass e vegetareschen Dag agefouert gëtt, als Dokter wëll ech awer warnen, dass mir sollen am Vegetaresche bleiwen an net op de vegane Wee eriwuer ginn, well d'Kanner brauchen awer och déieresch Fetter an och Proteinne fir hir Entwécklung am Allgemengen, dat ass bekannt, dofir wéi gesot, vegetaresch OK, vegan do wier ech e bësse méi zeréckhalend. Villäicht wier et eng Méiglechkeet amplaz e ganze vegetareschen Dag anzeféieren, einfach ze soen, mir bidden eng vegetaresch Variant méi oft an der Woch un, da kann ee jidderengem e bësse méi entgéint kommen. Wat ech och um Mëttesdëscht gutt fannen, dat ass, dass regional a lokal Produite verschafft ginn a wat mir am beschte gefall huet, ass e straffe Qualitéitskatalog mat Kontrollen, dat ass eppes, wéi ech et gär gesinn, dass et net nëmmen esou ass, dass een den Opdrag kritt an deem wou den Opdrag kritt, dee seet da Jo Jo Jo an da war et dat.

Dofir fannen ech dat flott, dass mir do eng dynamesch Ekip hunn, déi dat an Ugrëff hëlt. Jo, ech hat dat och an der Schoulkommissioun gefrot, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries ass grad drop agaangen, wat kënnt op eis duer mat dem gratis Mëttesdëscht fir Kanner vu Familles à revenu modéré? Do ass jo dann déi Diskussioun, déi mam Logement abordable, wat ass e Revenu modéré, wéi gëtt dat festgesat, kënne mir elo scho soen, hei lauschter, souvill Kanner kéimen do nach zousätzlech a Fro, momentan hu mir 64% vun de Kanner, déi an d'Schoul ginn, déi och zeréckgräifen op d'Maison Relais-Struktur, haaptsächlech op d'Kantin.

64,3%, dat heescht 1112 Kanner vun 1882 gi bei eis deelweis oder ganz an de SEAE betreit, do ass awer net méi esou vill Loft no uewen, mee ech denken, wa mir de gratis Dëscht an de Maison Relais ubidden, d'Crèchè bidden deem net gratis un a mir hunn awer och nach eng grouss Zuel vu Kanner, déi an der Mëttesstonn an hir fréier Crèche iesse ginn, déi ofgehall ginn an de verschiddene Schoulen an do iwwerleeën sech d'Elteren dat awer villäicht, ob se net awer sollen d'Kanner umellen, wéinstens an der Kantin, an dofir meng Fro: Hu mir dat héichgerechent? Wéi vill kéinten dat der sinn, déi op dee gratis Mëttesdëscht géifen zeréckgräifen? A wéi eng Méiglechkeeten hu mir fir déi Kanner opzefänken? Well dat wat mir jo net wëllen, dat ass en hin- an hirschaekele vun enger Schoul an eng aner Maison Relais an engem anere Quartier, mee ech denken, do si mir relativ vir bäi an hanner widder, och wann elo mat Ribeschpont nach eng nei Unitéit opgeet, well virun allem, dat ass jo de grouss Problem, d'Kantinsplazen, besonnesch mat den Distanciatiounen, zumools mat der Pandemie musse mir vläit op de Wee goe fir versaten Zäite vun der Restauratioun unzbidden. Ech denken, do ass och nach vill Aarbecht, déi op d'Organisatioun vun der Ekip vun der SEA duerkënnt.

Voilà, ech sinn natierlech ganz frou, dass mir eng qualitativ ganz gutt Offer ubidden fir eis Kanner, mee et dierf een awer sech mol eng Kéier iwwerleeën an innehalen an sech froen ob dat wierklech déi richteg Richtung ass a wann ee seet 64% vun eise Schoulkanner ginn an eis Maison Relais, amplaz no der Schoul vläit relax heemzegen an doheem ze spille mat Kolleegen, Vëlofueren ze goen oder doheem einfach nâischt ze maachen, dat ass eng grouss Belaaschtung fir Kanner, dat dierf een net vergiessen. Ech weess, vill Elteren hu kee Choix, mee awer mengen se, si hätte kee Choix a vill Kanner ginn an eise Maison Relais gutt gefördert mee mat vläit e bësse méi politescher Ennersetzung wier et gutt, déi Verbindung tëschent Kanner an hiren Elteren ze verdéiwen. Ech weess, dat gehéiert net heihinner, mee et ass awer mol en Undenke fir den Elteren et méi schmackhaft ze maache fir op eng Deelzäitaarbecht oder den Télétravail zeréckzegräifen, mee wéi gesot, d'Relatioun vun Elteren a Kand ass immens wichteg fir de Bien-être vun enger positiver Entwécklung vun de Kanner. Et ass net un eis fir do eppes ze decidéieren, mee ech weess net ob et politesch ëmmer esou gutt ass, politesch nach an nach an nach ze maachen a gratis Maison Relais a gratis Mëttesdëscht unzbidden, ob dat dee richtegen Attrait ass.

Zur Schoulmedezin, och a mengen Numm an an eise Numm dem Francine Zigliani e grouss Merci, hatt war eng dreiwend Kraaft fir déi explosiv Entwécklung vun den Aarbechte vun der Schoulmedezin, mee ech denken, mam Myriam Keller ass eng exzellent Nofollgeri fonnt ginn an d'Ekip ass jo och eng al eingesessene Ekip, déi maache ganz flott Projeten. Villäicht nach ee Projet, du has vill Saachen erwänt, mee dee flotte Vëlosprojet, dee gefällt mir och ganz gutt, wou se do mat de Kanner aus de Schoulen an aus de Maison Relais e Projet entwéckelt hunn, wou se d'Kanner a verschidde Gruppen andeelen, wou se Cours d'initiation fir Vëlofueren ubidden an och Vëlostouren maache mat verschidde gestaffelte Schwierigkeeten an d'Myriam Keller huet net ouni Stolz gesot, si hätte 7500 Km d'lescht Joer erfuer, also sinn se gefuer, dat fannen ech eng super Saach.

Wat och ganz flott ass, déi Disponibilitéit an déi Flexibilitéit och vun hinnen, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et gesot, dat kann een nëmmen och ënnersträichen, dat ënnersträicht och den Dynamismus vun eise Leit, dass se sech hir Aarbecht gesicht hunn, dass se eng Demande gemaach hunn am Ministère, am Corona-joer, dass se sech awer dierfen ëm d'Kanner këmmern, dat muss een sech mol virstellen, een deem sech d'Aarbecht sicht, dat sinn ëmmer Saachen, déi wou bei der Gemeng schaffen, déi sëtze just do, mee Neen, et ginn och Leit, déi wierklech sech hir Aarbecht sichen an sech beméie fir dass de Service gutt funktionéiert an dass hiren Opdrag am Fong vis-à-vis vun de Kanner, dass se deem absolut korrekt ausfüllen an dofir och e grouss Merci un si alleguerten, och natierlech un d'Manon Haag an d'Myriam Homan fir hir Aarbecht um Travail social, dee sécher och net méi liicht gëtt, dat huet ee gesinn an der Oplëschtung vu Problèmes de négligence, maltraitance, psychesch instabil Famill-

jeverhältnissier awer och Problèmes financiers, wou och d'Kanner drénner leiden. Mir schwätzen ëmmer iwwer Kannerarmut an och den Absentismus, wou aus verschidden Ursaachen d'Kanner d'Schoul net ëmmer besiche ginn.

Wat och eng wäertvoll Aarbecht war, si hunn zertifizéiert Covidtester gemaach fir Schoulkanner, wann se op eng Exkursioun an d'Ausland gaange sinn, och déi Aarbecht wäert net fäerdeg sinn, well bis mir erëm dierfe méi wäit en Ausflug maachen, wësse mir net mat wéi enge Kanner mir dierfe goen a mat wéi engen Tester a virun allem, wa mir Leit hunn, déi nach net geimpft sinn, déi de Grupp begleeten, well an Däitschland, wou den 2G gëllt, do musse mir déi dann heiheim loossen. Voilà. Dat gesot, ech si frou, dass mir iwwerall exzellent Leit hunn, Leit, déi voller Dynamik eis Kanner encadréieren op allen Niveaue an ech felicitéieren den Ekippen aus dem Schoulservice, dem SEA Service an der Schoulmedezin a mir stëmme mat Begeeschterung déi Schoulorganisatioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser, si weider Stellungnamen? Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a Merci allen Acteuren, déi un der Schoulorganisatioun bedeelegt sinn. Ech wëll just op e puer Punkten agoen. De séchere Schoulwee ass dëst Joer nei agefouert ginn, dëst Joer, do wollt ech nofroen wéi d'Resultater sinn? Ginn et Gruppen, déi sech Pedibusarteg gebillt hunn, mat oder ouni Begleedpersounen, déi da bis bei d'Schoul trëppelen? Mierkt een, dass manner Autosverkéier bei de Schoulen ass?

Dann hu mir de Rapport kritt an och d'Presentatioun gemaach kritt vun der Madamm Keller an der Schoulkommissioun, vun der Santé scolaire, och vun de Gréngen e grouse Merci un d'Madamm Zigliana. D'Mataarbechterinnen, well et si just Fraen an deem Service, déi maachen eng ganz wäertvoll Aarbecht um Niveau vum Medezineschen awer och vum Sozialen an et sinn esouguer aner Gemengen, déi sech bei eis inspiréiere kommen.

Eng Aktivitéit déi eis als Gréng besonnesch gefall huet an déi wäert och weider lafen, dat si Vélosateliere bei deenen 13 Klassen an 28 SEA Gruppen, déi deelgeholl hunn, si sinn insgesamt 7500 Km geradelt zu Diddeleng an op de Vélospiste bis op Beetebuerg an Émégégend. Et wier flott wann de Fonke géif iwwerspringen, fir och mam Vélo an d'Schoul ze fueren an och an d'Fräizäitaktivitéiten. Natierlech soll dann och d'Infrastruktur esou sinn, dass Kanner esou sécher wéi méiglech dohinner kommen.

Ech ginn elo net ze vill drop an, mee et bleift ëmmer nach Sputt no uewen, besonnesch fir Verbesserung ronderëm Schoulen. An der selwechter Schoulkommissioun krute mir de Rapport vun der SEA, hei sinn eis besonnesch déi ekologesch Kritäre positiv opgefall wat d'lessen ubelaangt. An Zesummenaarbecht mam

Sicona gëtt elo net nëmmen e Veggy Day proposéiert, wéi d'Madamm Kayser et sot, mee et kritt ee bis zu zwee Platen ugebueden, dat wier jo da schonn zweemol iessen an och den Antigasp ass en Thema. Et gëtt lokal, regional, saisonal gekacht an och Bio kënnt op den Dësch. Flott ass et wa Geméis, Kraider oder Uebst direkt aus engem Schoulgaart ka verschafft ginn. Et besteet eng Liste d'attente fir 114 Kanner. Wann de Ribeschpont dann opgeet, kann déi Lescht kuerz ginn a manner Wandergruppe wäerten ënnerwee sinn. Et muss een awer elo scho plangen, wéi d'Madamm Ries scho sot, wann de gratis Mëttesdësch ugebuede gëtt, dass mir genuch Kapazitéiten hunn.

Bei der Schoulorganisatioun ass eis opgefall, dass 3 Schoulen am Cycle 2-4 mëttes keng Paus méi maachen. Mir huelen un, dass dat Covidbedéngt entstanden ass oder war et scho virdrun esou? Mir hunn eis e puer Gedanken zum Schoulhoraire am Allgemenge gemaach. Deen ass zustane komm wéi viru ville Joren d'Schoulstonne vum Samschden opgedeelt goufen an déi Opdeelung hunn d'Gemengen awer ënnerschiddlech gemaach. Sou sinn zum Beispill am Horaire vu Kayl an Rëmeleng nomëttes och keng Pausen.

An de leschte Jore si weider gesellschaftlech Entwécklung komm. Eltere ginn zu zwee schaffen, Maison Relais sinn entstanden, si si gratis ginn, mat Chèque-repas an d'Unzuel vun de Kanner déi betreit goufen, gëtt ëmmer méi grouss, mir wëilten d'Fro an de Raum stellen, ob den Diddelenger Schoulhoraire en Thema ass, ob nach jiddereen zefridden domadder ass, Kanner, Enseignanten, Elteren, Erzéier oder Direktioun, oder ob een sech kéint Ännerunge virstellen? Wat sinn d'Vir- an d'Nodeeler vu mëttes keng Paus zum Beispill? Soll dat fir ganz Diddeleng agefouert ginn oder léist een de Schoulen hei d'Autonomie? Villäicht gëtt et och national en Thema, wie weess dat? Covidbedéngt hate mir jo nom Lockdown e ganz aneren Horaire an duerno war déi Thematik vu verschidden Acteuren an opgeworf ginn. Wa mir hoffentlech iergendwann iwwer de Bierg si mam Corona a méi roueg Gewässer komme mam Corona, wier et villäicht eng Diskussioun wäert. Déi Gréng droen d'Schoulorganisatioun mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen, nächsten Riedner, Här Zuang an dann d'Madamm Erpelding.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Merci un all Partner déi dozou bäigedroen hunn, der Schoulkommissioun, dem Erni Ferrari, dem gesamte Léierpersonal, der Ekip vum SEA an - last but not least - der Ressortcheffin, dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir deen onermiddlechen Asaz, esou dass mir d'Schouljoer 21/22 konnte starten wann och direkt am Ufank dee lästige Covid ëmmer nach fir Perturbatiounen bis zum Zenario 4 an eenzele Klassen an eise Schoulen a Maison Relais suergt.

Vum Point de vue vun der Schoulorganisatioun, e puer Remarken. Wat de Kontingent ugeet, do ass net vill passéiert, ausser eng kleng Adaptatioun vun 13 Leço-

nen, sou dass mir op déi selwecht Zuel vu Leçoné komme wéi d'lescht Joer. Mir haten am Juni scho gemierkt, dass d'Zuel vun de Schüler trotz Wuesstum vun eiser Stad säit e puer Joer kontinuierlech erofgeet. Trotz de 70 Schüler, déi nei an Diddeleng ugemellt gi sinn, sinn der awer och vill fortgaangen, well wa mir den definitive Chiffer gesinn, si mir op 1882 Schüler, d'lescht Joer waren 3 oder 4 Schüler méi. D'Moyenne vun de Schüler pro Klass ass relativ schwach, mat 15,24 Schüler vum C1-C4. Mir wëssen awer alleguerten, dass ënnert 16 Kanner pro Klass, een Appui verléiert. Dat hate mir d'lescht Joer scho gemierkt, dass dat de Schoule Suerge gemaach huet. Dofir ass déi Decisioun vum Schoulkomitee Gaffelt ze begréissen, wou virgesinn war 3 Klassen C4. 1 mat 32 Schüler, der dann nëmmen 2 ze maachen. Och de Schoulkomitee Butschebuerg huet et änlech gemaach. Aus dee-ne virgesinnen 2 Klassen 4.1 ass nëmmen eng Klass gemaach ginn. Domadder hu mir 2 mol 28 Stonnen an déi 13 Leçoné, déi mir bäikritt hu fir de Kontingent, also op 69 Stonne komm, déi mir als Appui gewonnen hunn an déi op 7 Schoule konnte verdeelt ginn, woubäi déi eng oder aner Schoul e bësse méi kritt huet, mee all Stonn Appui, déi an iergendengem Gebai bäikënnt, ass ëmmer häerzlech wëllkomm. Duerch déi 24 Primo-arrivanten, déi bäikomm sinn, hu mir e 5. Poste Cours d'accueil bäikritt. Meng Fro ass, wéi sinn déi Kanner verdeelt?

Wat mech erschreckt huet dat war ze liesen, dass säit dem Ufank vum Schouljoer esouvill Léierpersonal fir länger Zäit krankgeschriwwé gouf. Dat ass keng gutt Saach an dofir froen ech och: Wéi gesäit et aus mat den Ersetzungen fir länger Zäit? Fréier war et jo esou, dass mir ni déi "Neulingen", déi just nëmmen de Stage vun 4 Woche gemaach hunn - deen dann och nach während der Pandemie ewechgefall ass - op laangfristeg Ersetzungen gesat hunn. Setze mir déi elo dofir an? Hu mir genuch Leit fir längerfristeg Besetzungen ze maachen? Hu mir och genuch Leit, wann et elo mat den normalen Erkältungen, ech schwätzen mol nach net vun der Grippewell, déi jo nach méi wäit ewech ass. Dat wäert dann erëm eng Period ginn, wou den Erni Ferrari moies fréi krampfhaft probéiere muss, Leit ze fannen.... Ass dat net méi esou?

Zum SEA, de Service Enseignement et Accueil, do hu mir héieren, dee wisst a wisst, iwwer 200 Leit Personal, d'Crèche mat abegraff. Mir hunn an de leschten 2 Joer keng Gemengerotssitzung gehat, wou et net ëm Nominatiounen a kuerz drop zu Demissiounen komm ass. Ech bedauern effektiv d'Direktioun fir d'Organisatioun an d'Reorganisatioun vun den eenzele Maison Relais. Wéi soll een mat deem stännege Gewiessels eng Stabilitéit an d'Ekippe, an duerno eng gutt Zesummenaarbecht hikréie? D'Zuel vun de Maison Relais geet an d'Luucht, de Quartier Italien huet den Agreement vum Ministère kritt, d'Maison Relais Ribeschpont, grad wéi d'Crèche am QI wäerten och geschwënn hir Dieren opmaachen. Mat der Ukënnung vum Minister Meisch, d'Mëttesdëscher während der Schoulzäit fir all Kand ab dem Joer 2022, also an e puer Wochen, gratis ze maachen, ginn d'Gemen-

ge virun allem, virun nei Erausforderunge gestallt. Esou eng Ukënnung freet d'Leit, mee manner awer d'Gemeng an den SEA, vu dass mir elo schonn an eise Strukture voll besat sinn. Et gëtt elo schonn eng Liste d'attente vun 114 Kanner. Et wäert also villäicht fir eenzel Prestatiounen e puer Aschreiwunge fir Leit, déi bis elo net ugeholl gi sinn kënne gemaach ginn, mee dat wäert d'Leit, déi bis elo ëmmer e Refus kruten, well zum Beispill een Elterendeel doheem ass, net be-geeschteren.

Zu der Restauratioun wollt ech e puer Wuert verléieren. Mir hunn eng nei Produktiounskichen an der Schoul Lenkeschléi opgemaach. Dës ass néideg fir déi grouss Zuel vu Menüen, déi bis elo an 3 Kiche virbereet gi waren, ze entlaaschten. Restauratioun ass déi meescht gefrote Prestatioun an dofir ginn et weiderhin eemol nach deen een oder aner Transport fir dass esou vill Kanner wéi méiglech vun dëser Prestatioun kënne profitéieren. Mat der Ouverture vun neie Raimlechkeeten wäerten ëmmer erëm Transporter ewechfalen. Dës Joer hu mir fir d'éischt eng Soumission iwwer 3 Joer gemaach. Eng länger Durée huet den Avantage, dass de Prestataire sech besser opstellen an organiséiere kann. De Cahier de charges ass voluminéis an d'Soumissionäre mussen hir Erfarunge an der Kannerrestauration, mat dem Label "Natur genéissen", d'Formatiounen vun hire Käch nowiesen, grad ewéi hir Politik Antigaspi, hir Personalpolitik an an, ech kann net alles opzielen, et ass en décke Wälzer.

Well d'Auswärtung vum Bordereau extrem komplex ass, ass dës Joer fir d'éischt op e Bureau d'études zeréckgegraff ginn, den souwuel bei der Opstellung vum Bordereau derbäi war wéi och bei der Evaluatioun vun den Offeren. Duerno ass e Schlussrapport un de Schäfferot gemaach ginn mat de Recommandatiounen, wien geholl soll ginn. D'Firma Eurest, déi vun Ufank un, mat Ausnam vun engem Joer, eis Restauratioun mécht, huet den Zouschlag kritt. De Prestataire gëtt regelméisseg all Trimester vun engem Agent vu Sicona kontrolléiert ob en d'Kritären, déi an der Konventioun, déi mir 2019 am Gemengerot gestëmmt haten, respektéiert. An esou engem Audit ginn all d'Kritäre kontrolléiert, all Rechnunge gekuckt wourun den Agent gesäit, wat a wéivill Prozent Bio-oder konventionell Produite kaf gi sinn. Och d'Stocké gi kontrolléiert a wann déi Kritären net respektéiert gi sinn, da gëtt dat eng Rüg an et gëtt festgehalten am Rapport un de Schäfferot. Fir lech awer elo ze soen, dass mir gutt opgestallt sinn, am leschten Audit den am September 2021 gemaach ginn ass, huet Eurest 96% vun de Kritäre respektéiert.

Fir d'Menüen zesummenzesetzen huet Eurest eng Dieteticienne 20 Stonne pro Woch zesummegeesat a mir hunn zousätzlech eng fräischaffend Dieteticienne, d'Liz Mersch, déi laang fir d'Staater Gemeng geschafft huet, an elo fir de Sicona schafft, fir hiren Avis a Rotschléi ze ginn. Mir gesinn, dass sech ganz vill Méi gemaach gëtt fir de Kanner déi passend an adaptéiert Menüen ze zerwéieren. Och ass/sinn all Woch - wéi et scho gesot gouf 1-2 vegetaresch Menüen op der

Kaart. Net ze vergiesse sinn och all déi Menüe fir Kanner mat enger oder méi Allergien, déi och nach niewebäi gekacht a verdeelt musse ginn! Am Rapport vum SEA stinn och d'Aktivitéite vum Plan d'encadrement périscolaire nach eemol.

Vill Aktivitéite gi vu Joer zu Joer weidergefouert well se grouse Succès hunn. Et kennt een seng eegen Handschrëft nach e bëssen erëm, beispillsweis bei Projete vun der Museksschoul wéi et virdru scho gesot gouf. Dann ervirzehiewen ass och dass et zu enger Normalitéit ginn ass, dass vill Projete wéi d'Schoulgärt, Konschtprojeten, Projete ronderëm d'Liesen an sou weider gemeinsam vu SEA a Schoul gemach ginn. Och d'gemeinsamt Notze vu Raimlechkeete vun der Schoul wéi och de Funktiounssäll an de Maison Relaise sinn eng Selbstverständlechkeet. Et ass ze hoffen, dass d'Eltereschoul geschwënn nees aktiv um Terrain gëtt. Näischt ersetzt den direkte Kontakt am Gespräch, an esou hoffe mir, dass geschwënn de Coin parents an de Maison Relaisen erëm ufänkt.

Ech wollt awer och kuerz op de Service Santé scolaire kuerz agoen. Si kruten 2020 vum Ministère de la Santé verbueden, all medezinesch Ënnersichungen an de Schoulen ze maachen, grad wéi Atelierer iwwer Zännhygiene oder Éischt-Hëllef-Coursen. Si konnten just Waasseranalysen an Impfkarte kontrolléieren an Zesummenaarbecht mam Léierpersonal. Statt näischt ze maachen, wat hiert gutt Recht gewiescht wier, huet d'Personal sech Aktivitéiten afale gelooss an zwar am Kader vun der Promotion de la santé scolaire. Sou ass zum Beispill d'Myriam Keller 1 bis 2 mol d'Woch mam Vélo a Begleedung vun 1-2 Leit vum Service des Sports duerch d'Bëscher an iwwer d'Weeër gefuer fir all interesséiert Klasse vum Fondamental a Gruppen aus der Maison Relais. Dës Aktivitéit hat och e gudden Uklang fonnt, 13 Schouלקlassen an 28 Gruppen aus der Maison Relaisen hunn zesumme 7 500 Km – dat ass net grad wéineg ass - hannerluecht. Eng aner Aktivitéit vum Manon Haag war de Yoga fir Kanner, wou eemol nomëttes war. D'Madamm Hammes konnt och am 3. Trimester mat der integrativer Klangpädagogik fir de Cycle 1 an 2 nees starten. Dofir en décke Bravo vun eiser Säit och fir all déi Initiativen.

Point de vue Sozialaarbecht, do ass kee Covid gewiescht, deen huet net Halt gemach. D'Kanner hate Problemer. 138 Dossiere si vum Muriel Homann a vum Manon Haag ënnersicht an traitéiert ginn. Dat sinn der och net grad wéineg. D'Problematike vun de Kanner hunn net ofgeholl, mee eventuell esouguer bäigeholl. Voilà, ech soen lech Merci an natierlech stëmme mir déi definitiv Schoulorganisatioun mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wëll fir d'éischt der Madamm Di Bartolomeo-Ries Merci soe fir déi vill Erklärungen, déi mir kritt hunn, net nëmmen hei, mee och an der Schoulkommissioun, et ass e groussen Dossier, et ass haaptsächlech vill op Detailer agaange

ginn. Ech maachen dat elo net, hei hu Leit geschwat, déi si vill méi an deem Milieu mat dran ewéi ech, ech kann awer viles ënnerstëtzen. Et ass och zimmlech alles gesot, ech wëll awer dann trotzdeem drop halen, e grouse Merci ze soen dem Erni Ferrari, senger Ekip an allen Acteuren um Terrain, ech zielen se net allegueren eenzel op, well soss géif ech mat Sécherheet ee vergiesen. Et ass schonn an normalen Zäiten zimmlech vill verlaangt, an a ronderëm d'Schoulen, wat muss gemach ginn, déi Erausforderungen, mee elo a Covidzäite war et sécherlech fir all Acteur nach e bësse méi ze dinn a méi opzepassen, an dat mécht d'Saach och net méi einfach an et ass nach net fäerdeg, dat wësse mir all. Dat zielt esouwuel fir d'Schoule wéi och fir de SEA, och do eng formidabel Aarbecht déi gemach gouf.

D'Aarbecht vum Service Santé scolaire, déi ass luewenswäert scho säit Joren, an dee Service ass vun der Madamm Zigliana zumindest zu deem gemach ginn, deen et haut ass, dofir hir e grouse Merci, si hat eng gutt Ekip ronderëm sech, déi och elo weider net gewieselt huet, dat ass och gutt, dann ass eng Kontinuitéit dran an d'Madamm Keller wäert dat mat Sécherheet och grad esou gutt weider féieren.

Eis Schoule si gutt opgestallt, eis Structures d'accueil, eis Maison Relaise an eis Kantine si gutt opgestallt zu Diddeleng, et fonctionéiert gutt bei allem wat et do ronderëm gëtt an natierlech stëmme mir déi definitiv Schoulorganisatioun mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Erpelding an da géif ech d'Stellungnahm dem Här Joël Mischaux an dem Här Ferrari ginn an duerno dem Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Natierlech dann och fir mir emol e grouse Merci un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, wat wierlech permanent disponibel ass, souwuel fir Enseignanten wéi och fir d'Direktioun, dat ass net iwwerall de Fall. E grouse Merci och mol eng Kéier un d'Elteren, déi ginn net ëmmer erwäant, och déi haten e schwielegt Joer mat ville Changementer a mir hunn extrem wéineg Reklamatiounen kritt. Ech weess, dass dat op anere Plazen net de Fall ass. Déi hunn all déi Saache matgedroen a Merci dofir.

Ech wollt op en anere Punkt agoen, deen elo nach net explizit erwäant ginn ass, deen een awer sollt virun de Corona stellen, dat ass Lenkeschléi. Ech hu fonnt, dass mir do en extrem gudden Start hate mat der neier Struktur, och wann et bësse Retard hat. Déi Schoul ass e Modell duerch dat ganz Land, mir hunn dat esouguer missen e bësse bremsen, wéi mir do quasi en Tourismuseffekt haten. De Minister war carrément begeeschtert vun der Visite, dat war eng kloer Ausso, besonnesch am Zesummenhang mat enger Affär, déi mir an enger anerer Gemeng net wäit vun der Stad ewech haten, wou de Monni e bëssen ze wäit gaange war, wou mir déi heite Visite kuerz duerno haten a wou de Minister awer fonnt huet, dat wier awer e flotte

Modell an och richtungsweisend, dass d'Elteren, déi Erwuessen, bezéiungsweis d'Familljen net alleguerten an een Dëppe gehäit ginn, mee och weiderhin d'Schoule sollen opbleiwe fir déi. Ech mengen, wa Covid dann iergendwann eriwwer ass, wäert den Elterecafé sech sécherlech och e gudden Effekt ginn.

E Modell fir aner Schoulen, a ganz bewusst, mir wäerten net méi spéit wéi muer eng Visite hu vun der Kayler Schoul, wou och en Neibau oder Émbau ugeduecht ass u Widdem an déi kommen och muer de Moie kucken. Do mierkt een, déi Zesummenaarbecht ass gutt an et ass ëmmer erëm en Thema duerch dat ganz Land, ouni dass et eng Ganzdagsschoul ass an dat mécht den Ënnerscheid. An der Hoffnung, dass dee Modell do och fir déi nächst Projeten, déi zu Diddeleng entstinn, och weiderhin e Modell bleift, dat ass och wierklech d'Hoffnung vun der Direktioun an - ech mengen - och d'Hoffnung vun deene meeschte Leit aus dem Léierpersonal, déi och méttlerweil erkannt hunn, dass et de richtige Wee ass.

Dann awer villäicht Covid. Et ass déi zweet Schoulorganisatioun, déi mir esou musse maachen, dofir wéi gesot e grouse Merci, dass mir dat awer hikruten. Ech wollt besonnesch op déi Dispensen nach eng Kéier agoen. De Romain Zuang hat et och ugeschwat, déi vill Krankeschäiner. Et sinn net d'Krankeschäiner u sech, déi eis am Moment e bësse Problemer maachen, mee et si wierklech d'Dispensen, déi Gott sei Dank esou geschwat ginn. Ech muss och soen, dass ech do intervenéiert si bei der Médecine du travail, well am Ufank ass et carrement eng Dispense gewiescht, dat hätt eis d'Genéck gebrach a mir haten do eng ganz konstruktiv Entrevue. Bei eis ass net eng Persoun, déi eng normal Dispense huet an et ass och net einfach, den Teletravail, mee mir empfänken all déi Leit eenzel, mir schwätze mat hinnen, wéi se weiderhin am Interêt vun de Kanner kënnen schaffen, dat geet am 1 zu 1 Appui iwwer Distanze bis zu Ausschaffe vun Zousazmaterialien, heiansdo ass et eng Begleitung vun Elteren, déi usteet.

Déi Leit hunn alleguerten hir Tâche fonnt an dofir e grouse Merci, et ass wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries et gesot huet, e ganz groussen Deel vun deenen, déi hunn esouguer probéiert, hire Certificat erauszögeren fir weiderhi kënnen schaffen ze goen. Dat ass natierlech eng Responsabilitéit, déi ech esou net iwerhuele wëll, dat ass ganz kloer.

De CovidCheck kënnt och an de Schoulen, ech hunn den Draft hei leien, déi dynamesch Ekippen vun der Schoul huet da mat de Presidenten, wéi ëmmer dat ausdiskutéiert, well ech hu refuséiert, eppes erauszeginn, wat net den Accord dès le départ vun eise siwe Presidenten hat, well dat bréngt soss näischt a mir sinn do gëschter ganz gutt doduerchkommen, sou dass mir dat entweder haut am spéiden Nomëtteg oder de Méinden erausginn. De CovidCheck wäert stattfannen an de Schoulen, notament bei alle Reuniounen, mir wäerten och op der Direktioun do selbstverständlech keng Ausnam maachen. Ech denken, dass dat e gutt

Signal ass vis-à-vis vun den Elteren, dass d'Edukatioun sech do net aus der Verantwortung erauszitt. Bei all 3. Persoun, déi an d'Gebai geet, et ass ze verstoen, dass Leit, déi all Dag am Gebai zirkuléieren net onbedéngt all Dag dem CovidCheck do mussen ënnerworff ginn, dat ass kloer, an de Klasse souwiesou net, déi Enseignantë maachen all Dag hiren Test, wann awer elo eng tierce personne vu baussen erakënnt, da muss si e CovidCheck maachen. E Beispill, en Tuteur, dee vun der Uni kënnt, deen do net bekannt ass, dee mécht de CovidCheck, wann en erakënnt, dat ass ganz kloer. Michèle Kayser, Du has d'Problematik vun den net geimpfte Leit ugeschwat, et ass bekannt, dass et mir net zousteet, do nofroen ze goen, dat ass d'Gesetzlag, ech wäert mech do och schwéier hidden.

Ech muss awer soen, dass de Staat dat och net muss maachen, déi Leit si ganz transparent, déi soen dat meeschtens, ech muss dat net ëmmer froen an et si ganz interessant Diskussiounen heiansdo an d'Begeggrënn si ganz verschidden, do sinn der derbäi, déi loossen sech net impfen, mee si halen all Dag exzellent Schoul an ech mengen, et muss ee ganz gutt oppassen, dass mir do net Campe splécke ginn. Dat ass och de Message, deen ech de Presidente ginn. Ech hunn och meng Meinung dozou, mee ech warnen awer do. Da sinn der e puer dobäi, déi sinn extrem wéineg an déi wëssen et, déi hunn e Verbuet, am Haff ze blären an hir Meinung vis-à-vis vun de Kanner an den Elteren ze äusseren, well dat geet net. Si kënnen hir Meinung hunn, mee et ass net fir aner Leit ze iwwerzeegen, sech net impfen ze loossen, dat ass de falsche Wee, wann ee mat Kanner schafft. De Message ass ukomm bei deene Leit. Mee wéi gesot, vu menger Sait kann ech kee forcéieren, sech impfen ze loossen, mee et sinn der ganz wéineg.

Bon, villäicht dann d'Adhérence, ugeet, wat dee Consentement ugeet Schnelltester, PCR Tester, ech hunn de Bléck op de Chiffer well ech déi Saach mat organiséiere mat der Santé a mir leien hei zu Diddeleng extrem héich. Mir bleiwe bei iwwer 95% vum Consentement dat ass Wansinn. Do brauch een sech keng Gedanken ze maachen, wat d'Adhérence bei den Elteren ugeet, dat ass wierklech super. Ech mengen och, dass dat de Grond ass wéisou mir esou wéineg Reklamatiounen vun den Eltere kréien an esou vill Versteesdemech, och wann et eemol en Dag méi laang dauert fir déi Ordonnancen erbäizekréien. Mir sinn do och op guddem Wee mam LNS, wou mir d'Chance hunn an d'Proximitéit wat d'Schnelltester ugeet an d'Equipe mobile, dat ass einfach ganz gutt.

Dann nach en anere Punkt, dat ass de Volet Léisungsteam, ech kann do en Numm drop hänken, mir hunn do den Här Engel ganz drop dechargéiert, deen zu eisem Pool vun de Remplaçante gehéiert. Ech mengen, dat dréit seng éischt Friichten, well mir do ufänken, e ganz soudéierte Grupp an de Strutzbiereg ze kréien, deen sech selwer an d'Responsabilitéit setzt an net permanent nach an nach an nach Personal wëll, mir kënnen och nach 100 Leit dohinner setzen, dat wäert déi Problematik och net léisen. D'Fro ass de proppe-

ren Wee an dat mierkt een an do nach eemol e Merci un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries an och un d'Foyeren, dass mir do déi néideg Schnëttstellen hunn, dass déi Iwwergäng gestallt sinn dat ass ëmmer Potenzial wat dann eriwwer kann an dat ass op engem gudde Wee, mir sinn do a ganz enker Aarbecht mat der Police mam Guy Obermann vum Kommissariat vun Esch an do loosse mir eis al Connectiounen spillen, mir sinn zesummen an d'Schoul gaangen, dat ass dann e bësse méi einfach. An och do mam Parquet hu mer eng Magistratin vun Diddeleng, mat där mir enk zesumme schaffen, och dat ass da méi einfach ze organiséieren an och am Aklang mat eppes, wat um Instanzewee ass, bezéiungsweis nach ausdiskutéiert gëtt, do wäert en neit Jugendschutzgesetz kommen an och dat hu mir fir dass déi 2 Saachen harmoniséiert sinn.

Et wäert e Modell si fir aner Schoulen an der Direktioun awer och national, mee mir sinn nach net op deem Punkt ukomm, ech mengen, dass een als éischt sollt déi eege Kenntnisser draus gewannen éier een sech do ze wäit aus der Fënster leent. Mir hu léiwer, dass een dat do propper stoen huet an da kann een dat och um nationale Plang ausdiskutéieren. D'Replace-menter, déi de Romain Zuang ugeschwat huet, et ass bekannt, dass de Ministère iwwer de Wee vun de sougenannte Poolie gefuer ass, de Pool des remplaçants, dat si Leit, déi ebe gratis de Stage de remplacement gemaach un dat leeft Enn dës Joers aus, do misst och eppes amgaang si fir dat ze verlängeren, ech mengen net, dass et op dee Wee wäert goen. Mir sinn dohinne gaangen, dass mir déi alleguerten eenzel kucke ginn an do hu mir déi éischt Dispensé vun engem Stage erausginn, fir déi Leit, déi sech do als besser erausstellen aus dem Groupe, wou mir net wëlle verléieren, well wann déi keng Perspektiven hunn am Januar, ginn se eppes anescht sichen a mir gesinn do en Deel awer ganz gutt bei Kanner. Do muss een och soen, dass de Stage de remplacement ugerappt huet am September a mir hunn all Woch do zwëschen 2 a 5 Leit, déi dat matmaachen, sou dass mir och do à court terme relativ gutt wäerten opgestallt sinn.

De Problem ass och net de Krankeschäin, mee de Service à temps partiel, deen ëmmer méi geholl gëtt, och 80% - 75% rappt Lächer an dat ass de Problem an och national de Problem. Ech maache jo och mat d'Planifikatioun vum Personal vun der ganzer Educatioun vis-à-vis vun der CR mat an et si schonn exorbitant Chifferen, déi sech do accumuléieren.

De Moment kréie mir den Asaz gutt gestemmt, mir hunn Direktiounen am Land, déi elo scho Poolien op déi vakant Plaze musse setzen, dat hu mir de Moment guer net. Natierlech ass et Gott sei Dank esou, dass mir dee Paragraf hunn am Règlement d'occupation des postes, dass wann eng Plaz vakant ass, de Sur-numéraire gebieden ass, deen ze huelen, dat hu mir elo dëst Joer scho méi wéi eemol praktizéiert, wou mir dann natierlech ëmmer e Bréif un de Schafferot maache fir dass dat transparent ass. Ech weess, dass dat esou gemaach gëtt. Dat wier grosso modo ... D'Schoulstonnen an den Horaire, fir de Moment ass et

net ugeduecht, dass mir dru ginn, ech kann awer ganz kloer soen, dass mir souwuel vu Kayl wéi och vun Diddeleng déi Diskussioun schonn an der Pandemie selwer gefouert hunn, wou do Leit natierlech den Horaire vun 8-13 Auer hunn, dee misst nach ausdefiniert ginn. Als gudde Modell hunn ech gesinn, esou einfach geet dat net, do gëtt notament ëmmer de Biorhythmus vun de Kanner geholl, mee da fänke mir och do net bei 10 Grad un, mee mir musse méi déif an déi Diskussioun an da stellt sech och d'Fro: Wat maache mir mat de Kanner, déi dann awer vu 7.00 Auer bis 19.00 Auer encadréiert ginn an da muss et als Package gesat ginn an net nëmme vun der Schoul aus an dat sinn Diskussiounen, déi méi Zäit an Usproch huelen. Dat kann net ad hoc einfach gemaach ginn. De Moment ass et net en Thema an d'Presidente schwätzen dat och net un, sou dass mer de Moment mol dobäi bleiwen.

Pausen, et ass richtig, dass op verschidde Sitten mëttens keng Pause sinn, wat awer net heescht, dass se net mat de Kanner erausginn, am Ufank 10 Minuten an zum Schluss 10 Minuten. Iwwer de ganzen Dag ass et OK, d'Kanner si genuch dobaussen. Et sinn och Schoulen, déi ebe grad de Rhythmus vun der Pandemie bäibehalen hunn, déi net de Schratt gewot hunn, alles iwwer Bord ze geheien, anerer hunn et step by step gemaach, ëmmer mam Avis vun der Direktioun. Déi zwee Modeller si fir eis OK, a mir sinn éischter frou driwwer, dass do d'Schoulen sech als autonom erweisen an hir eege Propositionen maachen an déi si meeschtens esou gutt geduecht, dass et eis net afällt dat a Fro ze stellen. Mir hu wéineg Problemer gehat domat bis elo. Villäicht nach eng Remarque, dat huet mech selwer besonnesch gefreet, dat ass dës Woch entstanen mam Josiane Di Bartolomeo-Ries, dass mir mat Leit hei aus dem Haus eng Art Groupe de consultation gegrënnt hu mam Service Informatique, dee mir reegelméisseg a Gang wäerte setzen, wou mir e fice-léierte Package kréien, wat déi ganzen Entwécklung am ICT-Beräich ugeet, dat ass e flotte Wee an och dat ass, mengen ech, net an all Gemeng. Mir haten e ganz konstruktiven Echange.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi Prezisiounen, ech ginn dann d'Wuert weider un den Erni Ferrari.

ERNI FERRARI (CHEF DE SERVICE): Merci, souvill bleift net méi ze soen. Zu der Fro vun de Primo-arri-vanten, wou déi ukomm sinn, si sinn zimmlech op ganz Diddeleng verdeelt ginn. Déi wou am September komm sinn, 15 plus minus, sinn awer éischter an den Zentrum wunne komm. Déi Kanner sinn op Gaffelt, Deich a Strutzbiere verdeelt ginn, och Brill, mee de Gros am Zentrum. Mat de Krankmeldungen, effektiv déi 6 Remplaçanten, déi mir zu Diddeleng hunn, déi sinn direkt am Juli placéiert ginn, dat heescht, mir haten do scho keng méi. Duerch de Pool vun de Remplaçanten, heescht duerch all déi Ersatzleit déi d'Direktioun kritt, an déi mir ënnerteneen opdeele fir dass Diddeleng seng Ersetzung ka maachen, a Kayl a Rémeleng deen aneren Deel, ass dat bis elo awer ëmmer opgaangen. Et muss een awer soen, et goufen Zäiten, wou ech

Problemer hat fir genuch Leit ze fanne, fir d'Ersetzungen ze assurieren. Mir si säit September amgaangen relativ vill ze ersetzen. Et geet op, mee mir haten net vill Roudeeg wou ee konnt duerchootmen. Voilà dat war dat wat ech ka bäidroen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Erni Ferrari, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, ech géif dann de Rescht beäntweren, fir d'éischt Merci dofir, dass mir eis eens sinn, dass et eng gutt Schoulorganisatioun ass. Et war d'Fro gestallt gi vum Michèle Kayser weinst den Educateuren, mir froen si net ob se geimpft sinn oder net, awer déi Reegelen, déi an der Gemeng gëllen, gëllen och fir si, och si maachen zweemol d'Woch Tester, dat awer villäicht e bësse méi exzeptionell. Mir hunn déi Gruppen, esou wéi mir se bis elo haten, während der ganz schwieriger Zäit hu mir se bäibehalen, mir hunn elo net ugefaangen, déi Gruppen op eemol ze mëschen, ausser an der Vakanz natierlech. Dat ass wichteg.

Vegetaresch all Dag oder méi oft, dat geet nëmme wann ee e Buffet mécht well do kéint een dat soen, mee de Buffet ass de Moment net méiglech, Héichrechnung, gratis Mëttesdësch, ech kann et net soen, ech weess jo net, wéi et bei deenen 1882 Kanner, wéi et doheem finanziell ausgesäit. Dat mierkt een dann, wann d'Leit ufänken, sech anzuschreiwen. Plagen an de Maison Relais, déi hu mir, si iessen zu verschidde Zäiten, dat ass schonn eppes wat do ass.

De séchere Schoulwee, dozou wëll ech eppes soen, mir hunn dat Ganzt en place gesat, d'Schoulen hunn de 15. September ugefaangen, ech war mam Bus bei 7 Schoulen, dat heescht, ech war Mëtt Oktober fäerdeg, mir sinn elo den 12. November. Bei aller Frëndlechkeet, ech kann de Moment nach net soen ob et fonctionéiert oder net well et ass awer e bësse fréi, mir hunn et presentéiert bis Mëtt Oktober an elo kann ech net soen, hei ass de Bilan, do brauch ee méi Zäit. Da war nach just Getreid aus eise Gäert oder Geméis aus de Gäert, mir géifen dat gär maachen, mee dat ass net méiglech, dat geet fir eng Aktivitéit, wou si kachen, mee net fir eis Kantinnen an den Transport an der Mëttesstonn, mir hunn der 3 de Moment, deen eenzegen, dee bleift, dat wäert dee sinn, dass mir Butschebuerger Kanner an de Ribeschpont féieren, fir de Rescht bleiwen se d'selwecht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi Prezisiounen säitens vum Josiane Di Bartolomeo-Ries, dann hätte mir hei d'Ronn fäerdeg an da komme mir bei de Vote fir déi definitiv Schoulorganisatioun: Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.



8. NOMINATION VUN ENGEM DELEGÉIERTE FIR DE COMITÉ VUM SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA DESTRUCTION DES ORDURES (SIDOR) VUN DE GEMENG VUN DE KANTONE LËTZEBUERG, ESCH A CAPELLEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir kommen op deen nächste Punkt vum eise Ordre du jour an da gi mir op eise Syndicat intercommunal, de SIDOR weider, do war et esou, dass den Här Thill eis ëmmer mat vertrauten huet a vu dass hien demissionéiert huet, ass hei d'Propos fir d'Thessy Erpelding ze nominieren.

Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime,** Merci. Da gi mir eriwier op d'konsultativ Kommissiounen.

9. KONSULTATIV KOMMISSIONEN

9.1. Approbatioun vun den Ännerungen an der Zesummesetzung vun deenen eenzele konsultative Kommissiounen

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei huelen ech déi éischt vir, déi zweet hält de René Manderscheid, am Sub, Sustainable Urban Mobility Plan, do nominéiere mir als Expert d'Madamm Lis Cloos, déi an eise Service Ecologique schafft, an der Jugendkommissioun ersetzt d'Madamm Françoise Kemp d'Madamm Martine Kemp an an der Regionaler Musekschoul ersetzt den Hä Joël Heyard den Här Yves Tordy als Verrieder vun den Enseignanten.

Ass de Gemengerot mat deene Saachen averstanen? **Dat ass unanime,** Merci villmools, an ech ginn d'Wuert un de René Manderscheid.



9.2. CREATIOUN VUM « KLIMATEAM » AN ERNENNUNG VUN DE MEMBEREN

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, ech fänken eemol u mat der Definitiou vum Klimateam, déi Leit déi de Klimapakt gelies hunn, do steet Folgendes dran: "Das Klimateam zur ressortübergreifenden Berücksichtigung von Energie-, Klima- und Umweltfragen besteht aus Vertretern von Politik, Gemeindeverwaltung, Bevölkerung und lokalen Wirtschaftsvertretern. Bei der Besetzung des Klimateams wird auf Ausgewogenheit in Bezug auf Gender und Alter geachtet." Dir gesitt, dat ass relativ flexibel gehandhaabt, mir hunn eis als Service Gedanke gemaach wéi mir dat Klimateam kënnen zesummesetzen a mir hu wëlles 10 Bierger déi mir mëttels Opruff ausgeschriwwen hunn, 5 Vertrieeder vum Handel, Industrie a vum Handwierk a 5 Leit vun de Vertrieeder an de Parteien, déi hei am Gemengerot vertruede sinn.

Dunn hu mir gesinn dass bei der Ausschreiwung am Blietche fir déi 10 Platzen hu mir 14 Demandë kritt gehat a mir waren am Schäfferot an och am Service écologique der Meenung, vu dass d'Kritären net esou prezis waren dass een konnt soen du bass gëeegent an du net, ware mir der Meenung wa mir scho 14 Leit hunn, déi sech fräiwëlleg engagéieren, vu dass déi Zuel 10 eis Zuel war, déi mir festgeluecht hunn, ware mir der Meenung, dass mir, fir kee widder de Kapp ze schloen, proposéiere géifen, déi 10 Bierger op 14 Bierger ze erhéijen. Ech kann déi Nimm nach soen: Noé Cynthia, Kugeler Edurne, Kurdziel Chantal, Gaasch Claude, Beuriot Katia, Bentz Myriam, Kowa Marco, Modaff Astrid, Greffrath Ursula, Czaika Cédric, Dalle Marie-Alix, Meisch Claude, Lehmeier Eric, Kirsch Thécla, dat sinn déi Bierger, déi sech gemellt hunn.

Vum Geschäftsverband ass et den Zenari Daniel, Diederich Chris, Kehli Lisa, Meier- Hottua Nathalie an den Wohl Romain an dann d'Parteien: Gangler Jean-Paul CSV, Heinen Monique déi Gréng, Erpelding Thessy déi Lénk, Bodry-Kohn Martine LSAP. An da kommen déi vun den Entreprises: Vachey Olivier fir Husky, Savoca Mathieu Ampacet, Lefevre Vincent Goodyear an dann d'office dran de Leners Claude als City-Manager, da Cloos Lis an Hoss Patrick aus dem Service écologique, Manderscheid René Ëmweltschäffen, an Rünneburger Thomas, Klimaberoder.

Dat sinn déi Nimm, déi mir lech proposéiere fir an d'Klimateam, da wiere mir am Ganzen zu 32 Persounen, dat ass vill, ech ginn awer dovunner aus, vu dass mir wollte breet opgestallt sinn an net ëmmer jidderen an déi Sitzung ka kommen an och Erfahrungswärter weisen, dass och um Wee bis zum Schluss deen een oder anere wäert soen, ech packen et net méi vum Zäitopwand hir, sou dass mir proposéieren, déi 32 Nimm, déi ech genannt hunn, fir d'Klimateam guttzeheeschen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci René Manderscheid.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, haut soll zu Glasgow déi 26. UN-Klimakonferenz op en Enn goen, d'Erkenntnis vun der Klimakris ass do an d'Urgence ass kloer. Et geet elo drëms, déi richtig Mesuren ze huelen, global, international, national, regional a lokal. Dass dat net einfach gëtt, dat wësse mir, de Géigewand léist laang op sech waarden, wann et heescht bei sech unzefänken, e bëssen anescht an e bësse bescheiden ze liewen.

Wa mir haut Membere fir an de Klimateam nominéieren, dann ass dat de richtige Wee fir op Gemengenniveau méiglechst vill Acteure mat an d'Boot ze huelen. E Boot wat gesteuert gëtt vu Spezialisten aus dem Service écologique an dem externe Klimaberoder. U Bord sinn déi politesch Responsabel aus der Gemeng sou wéi Vertrieeder aus der Industrie an der Geschäftswelt an de City Manager. Am interessantesten ass d'Mannschaft vun de BiergerInnen a Bierger déi sech fräiwëlleg gemellt hunn no engem Opruff am Blietchen an an de soziale Medien. An der Annonce stoung, dass dat Team aus 20 Persounen bestoe wäert, dovunner 10 Bierger an 10 Biergerinnen. Et si 14 Kandidaturen erakomm an de Schäfferot proposéiert, haut déi allgeueren unzehuelen. Domadder si mir ganz averstannen. Ob 14 Kandidature vill oder weineg sinn no engem Opruff betreffend d'Klima bleift eng interessant Fro.

Wichtig ass et elo no vir ze kucken. Wann d'Motivatoun vun dëser Ekip wéi e frësche Wand an de Seegele ass, gellt et vun dësem neie Wand ze profitéieren. An net nëmme fir Punkten am Klimapakt ze sammeln, mee et heescht fir politesch Responsabel a konkret Mesurë géint d'Klimakris ëmzesetzen. Et freet eis och, dass an deem Groupe - wann ech elo richtig gezielt hunn - hallef an hallef Männer a Frae sinn. Zu enger Kandidatur wëlte mir eppes nofroen, zu der Madamm Meier-Hottua Nathalie, do steet dass si fir de Geschäftsverband ass, hannendru steet e Geschäft Album, dat ass eis net bekannt, wou ass de Buttek an ass dee schonn op? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, mir ass just eppes opgefall, mir fannen dat och ganz flott dass déi 14 Representante vun de Citoyene matgeholl ginn, d'Fro wou Dir gesot hutt ob dat repre-

sentativ ass fir Diddeleng, oder ob dat vill ass fir Diddeleng, ech mierken effektiv, dass mir déi Mixitéit vun eiser Populatioun hei leider net erëm fannen an dat ass eppes wat schued ass, et misst een sech iwwerleeën wéi een awer nach méi un eis International Matbierger kann erugoe fir déi mat villäicht eng Hemmschwell ewechzehuele fir hei mat ze schaffen dat ass eppes wat just als Remarque ass, mee wéi gesot, mir si frou wann do lauter Leit kommen, déi Loscht hunn, matzeschaffen an neie Wand matbréngen, dat kann ech nëmmen ënnersträichen, mee et ass ëmmer schwieereg iwwer Veräiner oder Quartiersinitiativgruppen, ob een do kann nohake bei esou Saachen, dass een deenen dat mat op de Wee gëtt, lauschter mir siche Leit, déi sech kënnen an der Politik hei zu Diddeleng aktiv bedeelegen, dat ass jo eise Wonsch, dass een do villäicht eng gewësse Mixitéit vun der Populatioun erreecht. Dat just als Denkoustouss an et ass mir eben opgefall. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, sinn nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Effektiv déi Analys, déi Dir maacht wat eis net-lëtzebuergesch Populatioun ugeet, deele mir absolut an dat ass op villen Niveauen, wou sech déi Fro stellt an hei gesäit een et, dass et jiddereen eppes ugeet an och eis Bewunner, déi net déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. Mir sollten eng Ouverture loossen, wa mir effektiv e Bierger hunn, mir hu jo vill Services, déi ënnerwee sinn, wa mir e Bierger hunn, deen interesséiert ass an och Kontakt sicht, dass mir deen och mat aprogramméieren, dass mir eis engersäits déi Flexibilitéit gi fir méi wäit ze goe wéi deen Opruff, dee mir hei gemaach hunn iwwer d'Blidchen an déi sozial Medien, sou dass mir eng Ouverture loossen, dass wa mir hei eng Biergerin oder e Bierger fannen, dass mir déi och sollte mat eranhuele fir de Lien ze maachen och doriwwer eraus.

Par rapport zu der Fro vun der Madamm Heinen, dat ass eng zukünfteg Geschäftsfra an der Stad Diddeleng, déi direkt an dee Projet wollt eraklappen an ech mengen, dass mir net méi spéit wéi am nächste Gemengerot mir lech hei proposéieren, e Geschäftslokal unzelounen an och eng Sous-locatioun ze maachen, mir schaffen do mat eisem City Manager ganz kloer un engem Projet an déi Persoun kënnt op Diddeleng a wëll als Geschäftsfra hei en neie Commerce opmaachen an ech fannen et ganz begrëssenswäert wann een sech nei hei zu Diddeleng etabléiert an och weist, dass een do wëll matschaffen, dat ass ganz positiv an dofir hu mir si mat derbäi geholl well se dee Wonsch och geäussert huet.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech denke grad drun, de Cédric Czaika ass och am Projet Ensemble, dee kann do eng Antenn ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass dee wou mir geduecht hunn, deen de Relais kéint spillen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Wou ech awer Schwieeregkeeten hunn, dat ass fir d'Madamm Meier-Hottua, déi huet awer kee Geschäft hei, dat heescht mir stëmmen eng Kandidatur vun engem, deen nach kee Geschäft huet. Ech fannen dat komesch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech fannen dat zwar ganz begrëssenswäert wann en neie Commerce hei wäert opgoen an eng Persoun wëll mat kommen. Et ass kloer, dass mir vill Leit hunn, déi sech net engagéieren, hei ass een, deen sech engagiert, ech fannen dat awer ganz positiv. Ech hunn lech gesot am Dezember, am nächste Gemengerot, wäerte mir lech hei de Projet presentéieren. Si huet sech gemellt, aner Geschäfte hunn sech net gemellt. Vun de Geschäftsleit huet sech kee gemellt.

Gutt, da géife mir zu der Ofstëmmung kommen: Wien ass mat der Kompositioun vum Klimateam sou wéi mir se hei duergestallt hunn averstanen? **Dat ass unanime.** Merci, da komme mir op den nächste Punkt.



II. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Eng Fro, dat ass vun der Madamm Kayser un de Schäfferot an do geet et ëm d'Zukunft vum Diddelenger Spidol. Dat ass eng Fro mat Ënnerfroen an Ënnerënnerfroen. Dir wësst, wann een eng Fro stellt, da gëtt et normalerweis 3-4 Froen an net eng Froestellung, déi iwwer 4 Säite geet. Ech wëll hei rappeléieren, dass et zimmlech wäit geet, de Principe ass, et stellt een eng Fro, oder 3 oder 4 Froen zu engem Thema an net e Katalog vu Froen. Ech wëll dat hei an de Raum stellen, dass een sech och soll un de Kader halen, well de Kader gëtt och a villen anere Gemengen esou duerchgezunn. Ech wäert dann hei probéieren, op dee Katalog vu Froen anzugeen.

D'Fro ass un d'Diddelenger Spidol; d'Madamm Kayser seet, dass am Mäerz 2019, wou mir gesot hunn, dass mir déi Visioun hunn, dass ëm d'Diddelenger Spidol mat der Erëffnung vum Südspidol e regionalen Demenzzentrum fir d'ALA soll entstoën an awer och mat enger sougenannter Médecine de proximité, enger Poliklinik, respektiv eng Maison médicale plus an dass dat och am Koalitiounsaccord dra steet, dass déi Médecine de proximité oprecht erhale gëtt. An deem Kontext freet si, wéi sech am Fong deem Aarbechtsgrupp ronderëm d'Spidol Diddeleng zesummesetzt, wat do d'Vertreieder sinn, da freet se wéi eng Opträg deem Aarbechtsgrupp huet a wéi oft dee getagt huet an ob et do scho konkret Projete gëtt, gëtt d'Gebai ofgerappt a wat sinn déi Virschléi, déi do komme fir d'Zukunft vum Site en vue ebe vum Südspidol, wou soll entstoën, wou den Timing och elo verschiebt gouf duerch eng Rei Situatiounen, déi Dir jo och matkritt hutt a wou viraussichtlech éischter 2030 oder 2031, an deene Paragë, soll opgoen.

Aarbechtsgrupp, et kann een net soen, dass dat elo e classeschen Aarbechtsgrupp ass, dat heissen ass elo eng fräi Zesummenaarbecht tëschent der Direktioun vum CHEM, wann déi Reunionen waren, do war d'Direktioun vum CHEM dobäi, de President vum Verwaltungsrout vum CHEM, De Vizepresident an de Buergermeeschter vun Diddeleng an och Mataarbechter vun der Gemeng, notament och vun eisem Service Technique an och d'Direktioun vun der ALA, respektiv d'Presidentin vun der ALA, also et ass op deem Niveau wou een sech gesäit a wéi sech dat och usidelt. Wat ass de konkreten Aarbechtsoptrag vun deene Leit, déi sech dann do gesinn? Dat ass am Fong fir ze kucken iwwer eng Etude de faisabilité, wéi et mam Site ka weidergoen, en vue vun der Ëmsetzung vun deem dote Projet. An deem Kontext hu mir eis och schonn e puermol gesinn, fir d'Besoinen bessen ze erläuteren, och fir déi Etude de faisabilité ze maachen.

Also Etude de faisabilité, konkret Projeten an natierlech maache mir dat net aleng, dat maache mir ze-

IO. PERSONALFROEN

Approbatioun vum Relevé vun deene Persounen, séi fir 20 Joer trei Déngschter eng Auer iwwerrecht kréien a vum Relevé vun deene Persounen, déi fir hiren Depart an d'Pensioun e Kaddosbong iwwerrecht kréien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dann hei geet et ëm déi Leit déi no 20 Joer verschidden Déngschter hei op der Gemeng hunn effektiv a Leit déi an d'Pensioun ginn, déi solle geëiert ginn, dovunner fir 20 Joer Michèle Kayser-Wengler, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Mars Di Bartolomeo, Joël Heyard, Frédéric Hormain, Yvonne Houtsch, Steve Humbert, Linda Kolakovic, Claude Lux, José Antonio Marques, Freddy Michéa, Josiane Michels, Pascale Notermans, Malou Orazi, Nicoletta Petrella, Luc Steffen, Nathalie Toschi, Victor Yazdani, Stéphanie Maas, Myriam Wester. Dat ass fir 20 Joer trei Déngschter.

An dann déi, déi am Laf vun 2020 an d'Pensioun gaange sinn: Sylvana Bizzarri, Luisa De La Hoz, Liliane Fattebene, Patrick Haas, Lucien Muller, Marie-Fernande Pétré, Pascal Schott, Paul Steinmetz, Sonja Weydert, Francine Zigliana, Martine Girtgen, Danielle Weis, Josy Castellano, Patrick Schmit, Maryse Flammang.

Dat sinn déi Leit, déi hei zu Éiere kommen, ass de Gemengerot domat averstanen, dass mir déi Leit éiere fir hir Déngschter fir d'Stad Diddeleng? **Dat ass unanime dann.**

summe mam Gesondheetsministère, wéi och mam Familljeministère, well dat jo d'Ministères de tutelle och si vun deenen zwou Entitéiten well jo d'Ausrichtung déi ass vum Site, souwuel e regionalen Demenzzentrum ze hunn, wéi och eng Poliklinik, dat heescht, dat sinn déi zwee Ministères de tutelle, déi och mat dobäi sinn an och an dem Sënn wat d'Ausrichtung ugeet an deem Sënn jo och zënter laangem e Préjugé valable ginn an dat och mat ënnerstëtzen.

Wat geschitt mam bestoende Gebai, Neibau oder Ofress? Dat gesi mir mat der Etude de faisabilité. Dir wësst, dass dat Gebai e gewëssenen Alter huet a wann een do eppes Modernes wëll hisetzen, dann ass dat éischter Richtung Neibau wou ee geet fir um neiste Stand ze sinn, dat ass emol eng éischt Conclusioun, wéi gesot, mee vun der Etude de faisabilité.

An dann natierlech d'Fro, wéini de Gemengerot dat presentéiert kritt? Ma wann de Projet sproochräif ass, hei ass nach eng Rei Demarché mat deene verschiddene Ministären ze maachen an och mat der ALA no hire Virstellungen an esoubal dat räif ass, kann een hei an de Gemengerot kommen, wann de Préalabel sproochräif ass fir déi zwee Ministären an och fir de CHEM a fir d'ALA. Dat ass mol deen éischte Lot vu Froen, déi gestallt goufen. Da war nach d'Fro, do si mir eis och eens, wann et géif ofgerappt ginn, musse mir natierlech eng Alternativ fannen, do si mir eis och mam CHEM eens fir dann en temps voulu eng Alternativ hei unzëbieden well et ass fir eis wichteg, dass mir och während den Embaumarbechten oder während dem Neibau d'Médecine de proximité hei zu Diddeleng halen. Do si mir eis eens fir all déi, déi eis gesinn hunn an do ass eng Fuerderung souwuel vun Diddeleng awer och vum CHEM, dass mir dat kënnen oprechterhalen. Dat war mol deen éischte Punkt.

Dann, d'Besetzverhältnissen vum Spidol, dat ass deen anere Volet. Wéi sinn d'Besetzverhältnissen, freet d'Madamm Kayser, ass d'Stad Diddeleng Besëtzer vum Gebai? Dir wësst, dass jo e Fusiounsvertrag 2004 och war, laut deem de CHEM jo och Bedreiwer ass, d'Gemeng ass natierlech Propriétaire vum Terrain, och Propriétaire vum Gebai, de CHEM huet de Contrat d'exploitation, do muss een och soen, 2011 - dat hutt Dir net gefrot, mee dat kann een hei soen - huet de CHEM gutt 17 Milliounen Euro an de Site vun der Stad Diddeleng investéiert a wéi dat och an deenen anere Spideeler ass, leeft jo 80% iwwer de Fonds de solidarité an 20% iwwer d'CNS. Dat ass hei net anescht gewiescht wéi op anere Plazen.

Da freet se ob d'Stad Diddeleng kee Loyer méi kritt vum CHEM? Neen, Dir kënnt lech jo erënneren - dat wëll ech hei nach eemol betounen - wéi mir déi ganz Diskussiounen haten ëm den Hôpital de la Ville de Diddelange, wéi mir deen opgeléist hunn an och am Kader vum Fusiounsvertrag, do sinn nach Loyere gelaaf bis 2017, dat hate mir och hei an deene ganze Gespréicher gesot. Dat heescht, säit 2017 kréie mir kee Loyer méi, dat gouf esou opgesat gi vun der Fusioun un, vun 2003 bis 2017, sou dass 2017 dee leschte Loyer

bezuelt gouf vum CHEM un d'Stad Diddeleng, wou jo och all déi Joren de CHEM den Invest gemaach huet an dat am Fong an d'Mauern, well hie jo Exploitant vum Site ass. Voilà, dat war dozou.

Dann d'Fro, dass ech gesot hätt am November 2016, dass de CHEM amgang wier, u Statuten ze schaffen. Dat ass richteg. An ob déi Statutenännerung gemaach gouf an dem Gemengerot och virgeluecht gouf? Hei muss de juristesche Kader jo och ganz kloer soen, wéi en ass. De CHEM ass jo kee Syndicat intercommunal, de CHEM ass eng Fondatioun. De CHEM huet och am Laf vum Joer 2018 eng Statutenännerung gemaach an esou wéi d'Gesetz et jo och virgesäit - et ass awer wichteg, dat hei ze soen, ze betounen an z'ënnerschräichen - ginn Ännerunge vum CHEM, déi vun der Verwaltung ugeholl ginn, un de Justizministère, vu datt dat eng Fondatioun ass, dat ass hei an deem Kontext, dass mir op den Aval vum Justizministère setzen, sou dass dat vum Prinzip aus d'Statute vun enger Fondatioun net hei am Gemengerot mussen approvéiert ginn, mee et ass de Ministère, deen d'Statute vun der Fondatioun CHEM approvéiert. Dat awer als juristesche Präzisioun, déi awer net onwichtig ass.

Dann, par rapport wéi et weider geet mam Fusiounsvertrag. De Moment respektéiere mir jo de Fusiounssaccord an en fonction vun der Ausrichtung vum Projet kucke mir wéi déi zukünfteg Propriétésverhältnissen weiderfueren, respektiv och virum Notaire, well da fale jo och déi sougenannte Frais d'enregistrement un a wann natierlech och hei iergendwellech Konventioun solle geännert ginn, da musse mir natierlech jo och an de Gemengerot kommen am Kader vun deenen aktuelle Propriétésverhältnissen.

Dann, déi aner Froen, wéi geet et mat der medezinescher Grondversuergung weider? D'Madamm Kayser stellt hei d'Fro ob de Schäfferot un deem Projet vun der ALA mat der Poliklinik drun hält? Jo, ganz kloer, firwat net? Dat ass jo grad eng Demande och vum CHEM a vun ALA a vun der Stad Diddeleng fir deen dote Projet ëmzesetzen also ganz kloer Jo. Dat ass de Schäfferot vun der Stad Diddeleng, deen déi dote Visioun op den Dësch geluecht huet fir se ëmzesetzen.

Dann d'Fro ob et Alternative gi par rapport zu der Poliklinik? Ech mengen, Alternativen, dat kann een ëmmer am A behalen, wat d'Zukunftspläng ugeet an et huet ee méi wéi eemol gesot fir dem CHEM eng Kéier matgedeelt ze hunn, dass mir eis och géife virstellen, an déi Méiglechkeet besteet als Alternativ, dass eng Poliklinik an eng modern Poliklinik och um Site vun Neischmelz kéint sinn, dat ass keen neie Moment, dat hat ech méi wéi eemol scho gesot, dass dat méiglech ass.

Dann effektiv déi aner Fro ob déi geriatresche Services, dat heescht dat wat de Moment jo op deem Site gemaach gëtt, bis 2031, wann d'Spizidol jo da funktionsfähig ass - ech hoffen, dass et dann esou wäit ass - un där Ausrichtung vun der Geriatrie ännert näischt wat de Site vun Diddeleng betrëfft.

Da war Är Fro wat architektonesch oder och statesch Mängel am Spidol ugeet? De Moment ass mir net zu Kenntnis, dass do iergendwellech Mängel wieren, well de CHEM huet jo eng Autorisation d'exploitation, dee muss - mengen ech - jo och assuréieren, dass dee Service leeft. Et ass natierlech e Gebai, wat eng Rei Joren huet, dat wësse mir, et ass keen neit Gebai.

Natierlech, wann Investor musse getätegt awer ginn an déi Diskussioun geet och bis 2030-2031, betrëfft dat jo net nëmmen de Site Diddeleng, de CHEM huet jo am Fong dräi Sitten, et ass Esch awer och Nidderkuer an Diddeleng a wann do Investor musse getätegt ginn, vu dass d'Echeance jo zeréckgedréckt gouf, muss gekuckt ginn, wéi eng Investor néideg sinn op deene verschidde Sitten, dat ass ëmmer dat Ganzt wou gekuckt gëtt, an net nëmmen isoléiert ee Site well de CHEM huet d'Responsabilitéit iwwer déi dräi Sitten an och all Interêt, dass déi dräi Sitten esou gutt wéi méiglech funktionéieren. Voilà, dat par rapport zu där doter Fro.

An dann, wat dat ugeet wéi laang déi Exploitatioun leeft, respektiv d'Geneemegung vum Gesondheetsministère, dat si jo zwee Voleten, déi si valabel fir 5 Joer an da gëtt dat automatesch erneiert. Dat ass fir Diddeleng, Esch an Nidderkuer net anescht.

Ech hätt da probéiert op déi Froen anzegoen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech dierf jo eng Zousazfro stellen, éischtens, Merci. Mir wieren och frou gewiescht wann Dir eise Katalog vu Froe schrëftlech beäntwert hätt. Da muss ech nach soen, hutt Dir jo och als Schäfferot, Dir wësst jo wéi ech da sinn, wann ech amgaang sinn, da kënnt dat dobäi an dat, ech wollt just froen zu de Statutenännerungen, dat huet jo awer en Impakt well de Fusiounsvertrag, mir sinn esou wéi et am Vertrag virgesi war, si mir och aktuell, suivéiere mir deen, mee dat ass jo awer net de Fall well mir sollten dat Gebai jo verkafen an do hutt Dir gesot, wéinst den Ännerunge géife mir dat net maachen.

An dann erlaabt mir villäicht just ze froen, vu dass mir Propriétaire si vum Gebai a vum Terrain, steet dann do definitiv dran, dass mir déi Vente vum Gebai un de CHEM, deemools 200 000 Euro, dass mir dat net musse maachen? Soss ass dat ëmmer an der Schwief, dass mir de Fusiounsvertrag net agehalen hunn, well dat stoung an deem Fusiounsvertrag dran. Ech fannen dat eng wichteg Fro fir dass dat juristesck gekläert ass, fir wann nach aner Demanden erakommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, da ginn ech nach op déi dote Fro an, well se Bestanddeel war. Et sinn zwou verschidde Saachen. D'Statutenännerung ass am Laf vum Joer 2018 gemaach ginn an huet näischt mat der Konventioun ze dinn. Dat heite si Statuten, déi iwwer d'Fondatioun CHEM sech erginn hunn an de Kader vum neie Spidolsgesetz, dat 2018 gestëmmt gouf a wou generell alleguerten d'Spideeler hei am Land sech hu missen

anescht opstellen, wou och d'Verwaltungsreit vun de Spideeler vill méi Responsabilitéit kréien, wou och an deene Statuten - ech hunn och kee Problem wann déi Statute bis approuvéiert sinn lech déi zoukommen ze loosse - wou dann och déi Fro ass, d'Gesetz gesäit jo vir, dass ee verschidden Direktiounen huet am Spidol, och déi fënnt een an deene Statuten erëm.

Dat heescht, déi Statuten hunn näischt mat der Konventioun ze dinn, well déi Statuten e bëssen de Fonctionnement hiergi vun der Entitéit CHEM, wéi och d'HRS, déi och hir Statuten hunn oder wéi och en Nordspidol seng Statuten huet.

Dat ass deen een Deel, dat ass d'Konventioun déi dann alignéiert gëtt, déi Konventioun ass esou, mir si Propriétaire vum Terrain, vum Gebai, de CHEM deen, deen dran investéiert a wann een do dran investéiert ass och déi Fro vum Investissement, vun der TVA an dat sinn och Diskussiounen, déi de CHEM muss klären en vue vun enger eventueller Ëmsetzung vun deem neie Projet, wou si mam Finanzministère nach kucke mussen an och mam Gesondheetsministère a mat der CNS, fir déi Investor déi si getätegt hunn. Dat heescht, et ass och e finanziellen Aspekt well si och investéiert hunn, fir dass déi Geriatrie kann oprechterhale ginn, mee déi Fro stellt sech fir all Site, net nëmme fir Diddeleng.

Dann hätte mir och dat beäntwert an da gi mir an de Huis clos.

AKTION PÄIPERLEK 2022


GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN
FÜR IHREN GARTEN!



Im Rahmen der Aktion Päiperlek hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen **ab dem 1. März** als gratis Staudenpaket auf www.sicona.lu reservieren. Die Verteilung erfolgt Anfang Mai an folgenden Standorten von **17:00 Uhr bis 19:30 Uhr**:

- **03.05.2022:** Schiffingen, Parkplatz Hall Polyvalent, rue Denis Netgen
- **03.05.2022:** Bissen, Parkplatz Gemeinde, 1, rue des Moulins
- **03.05.2022:** Olm, Parkplatz SICONA, 12, rue de Capellen

Und vom **04. – 06.05.2022**, von **8:00 – 12:00 Uhr** und **13:00 – 16:30 Uhr**, in den Bürogebäuden des SICONA. Terminabweichungen aufgrund der sanitären Situation werden ihnen ggf. zu einem späteren Zeitpunkt mitgeteilt.



**DIESES BEET KÖNNTE EINEN PLATZ
IN IHREM GARTEN FINDEN!**

ACHTUNG: Dieses Angebot richtet sich nur an die Bewohner der **SICONA-Mitgliedsgemeinden**. Bei Restbeständen können auch Bewohner aus Nichtmitgliedsgemeinden das Paket gegen Bezahlung erhalten.

AKTIOUN PÄIPERLEK 2022


PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS
POUR VOTRE JARDIN !



Dans le cadre de l'Aktioun Päiperlek, SICONA a choisi six vivaces avec une valeur particulière comme plantes nectarifères pour les papillons. Vous pouvez commander un jeu de ces plantes gratuitement à partir du **1er mars** sur **www.sicona.lu**. La distribution sera début mai **de 17:00 h à 19:30 h** aux endroits suivants:

- **03.05.2022:** Schiffflange, Parking Hall Polyvalent, rue Denis Netgen
- **03.05.2022:** Bissen, Parking commune, 1, rue des Moulins
- **03.05.2022:** Olm, Parking SICONA, 12, rue de Capellen

Et du **04 – 06.05.2022** de **8:00 – 12:00 h** et de **13:00 – 16:30 h**, dans les bureaux du SICONA, à Olm.
Tout changement d'horaire dû à la situation sanitaire vous sera notifié ultérieurement, si nécessaire.



CE PARTERRE POURRAIT TROUVER SA PLACE
DANS VOTRE JARDIN !

ATTENTION : Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres du SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre paiement.